n°6 /2023

GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 14.07.2023

#maville

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL

Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP

Loris Spina,
échevin LSAP

Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP

René Manderscheid,
échevin LSAP

Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP

Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP

Romain Zuang,
conseiller LSAP

Roby Goergen,
conseiller LSAP

Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP

Alain Clement,
conseiller LSAP

Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV

Françoise Kemp,
conseillère CSV

Claude Martini,
conseiller CSV

Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV

Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng

Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng

Marc Meyer,
conseiller DP

Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR

Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscriptions: Rita Schmit / Photos: Standart, Ville de Dudelange
n°6 / 2023 - Parution: Octobre 2023 - Imprimé sur du papier recyclé et certifié FSC.

SOMMAIRE

1. FORMATION DU TABLEAU DE PRÉSÉANCE DES MEMBRES DU CONSEIL COMMUNAL 9

2. PRÉSENTATION ET DISCUSSION DE LA DÉCLARATION DU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS POUR LA PÉRIODE DE 2023 À 2029 9

3. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS 46

GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 14. JULI 2023

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, och léif Conseilleren, déi elo frësch vereedegt goufen, mir begréissen lech alleguerte ganz häerzlech hei an eiser éischter Sitzung vum nei gewielte Gemengerot, dem Gemengerot esou wéi en aus de Gemengewale vum eelefte Juni effektiv erausgaangen ass. Wéi gesot, häerzlech wëllkomm.

Dir hutt elo alleguerte jo och zesummen den Eed ofgeluecht a sidd also am Fong vollwäerteg Memberen hei vum Diddelenger Gemengerot an et ass mer och eng besonnesch Freed, engersäits scho méi laang bekannte Gesiichter hei erëmzegesinn, sougenannte Sortanten, an op där anerer Säit awer och eis nei Memberen, déi fir d'éischt gewielt goufen, fir dann och Member ze si vun dësem Gremium. lech alleguerte Felicitatiounen, Dir hutt alleguerten eng nei a wichteg Aufgab iwwerholl, fir am Interêt vun der Stad Diddeleng ze déngen an ech mengen, dass dat eng ganz flott an och nobel Aufgab ass.

Nieft den nonzéng Conseilleren a Conseillèren, Gemengerotsmemberen, wéilt ech awer nach eng Kéier kuerz eis nei gewielte Memberen ernimmen. Et sinn am Fong sechs nei Memberen, dovunner dräi Dammen an dräi Hären, d'Fabienne Dimmer, d'Carole Thoma an Rosella Spagnuolo a bei den Hären de Roby Goergen, de Marc Meyer an den Yves Steffen. Dëse Gemengerot, Dirr wësst, et sinn nonzéng Memberen, dovunner am Fong dräizéng Sortanten, sechs nei gewielte Memberen, néng Fraen, zéng Männer, also quasi paritaresch a vun deene sechs nei gewielte Memberen, do sinn et dräi Fraen, dräi Männer, also och do paritaresch. Ech mengen, do hunn dann d'Wielerinnen an d'Wieler ganz kloer awer och d'Paritéit gewielt.

Op alle Fall freeën ech mech op déi nächst sechs Joer, op eng gutt Zesummenaarbecht fir eiser Stad zesummen ze déngen an dat natierlech mat sachlechen, net all ze vill poleemeschen Diskussiounen, wou Respekt besteet, an der Form an natierlech och am Fong, wann sech domat ausernee gesat gëtt. Ech mengen, dass dësen demokratesch gewielte Gremium och an deem Sënn an eebe grad deenen Zäiten, an deene mer liewen, wou en och eng Virbildfunktioun huet, grad well mer och déi véiertgréisst Stad, respektiv Gemeng hei am Land sinn.

Ech mengen, Dir wësst och, dass et eng Traditioun ass, dass déi nei gewielte Memberen och hir Untrëttsried hale kënnen. Déi Traditioun hale mer och haut bäi, dofir ass hei och d'Méiglechkeet, dass se hir Untrëttsried kënnen halen. A wann dat da gemeet ass, géife mer iwwergoen op de Plat du jour vun haut, dat heescht, d'Presentatioun vun der Schäfferotserklärung an dann uschléissend d'Diskussioun.

Elo komme mer zu den Untrëttsrieden. Do brauch een ëmmer een oder eent, dat sech lancéiert, dat den Ufank mécht. Au choix, wéi Dir wëllt, vläit Ladies first.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären. Wou d'Diddelenger Sektioun vun déi Lénk zweedausendeelef gegrënnt gouf, do hat ech zwanzeg Joer. Zwee Joer virdrun hunn ech dierfen déi éischte Kéier vu mengem Walrecht Gebrauch maachen an ech weess nach, dass ech dat deemools ganz eescht, vläicht e bëssen ze vill eescht geholl hunn a gewëssenhaft all Walprogramm oder zumindest d'Resuméë vu vir bis hannen duerchgelies hunn. Ech war mer menger Responsabilitéit als Wielerin bewosst, an awer war Politik eppes ganz Abstraktes fir mech. An deenen zwee Joer bis zweedausendeelef hat sech dorun net vill geännert. Ech wosst, dass ech mech géing lénks um politesche Spektrum befannen. Ech sinn an engem Haus opgewuess, an deem Gewerkschaften ëmmer eng grouss Roll gespillt hunn, sozial Ongerechtegkeeten hu mech ëmmer vill beschäftegt an ech war faszinéiert vun der 68er Beweegung. An trotzdeem wier mer ni an de Sënn komm, mech politesch ze engagéieren. D'Politik, dat war a mengem Kapp al Männer, déi iwwer Steiere geschwat hunn an ech hat keng Anung vu Steieren.

Den Zoufall wollt et, dass ech awer sollt ugeschwat ginn, ob ech net wéilt bei der neier Diddelenger Sektioun vun déi Lénk matschaffen. Ech sinn also op déi éischt Versammlung gaangen an ech hu mer ugelauschtert, wat Leit wéi den Änder Hoffmann an de Marcel Lorenzini ze zielen haten. An ech wéilt, ech kéint elo soen, wat do alles gesot gouf a wéi mer d'Aen opgaange sinn, mee éierlech gesot, ech ka mech guer net méi erënneren, mee et muss interessant gewiescht sinn, well ech sinn dobäi bliwwen an ech hunn decidéiert, mat bei de Gemengewalen ze kandidéieren. Mir sinn deemools ugetruede mam Usproch, eng lénk Alternativ zur Majoritéit duerzestellen an hunn eis fir méi Biergerbedeelegung a géint d'Privatiséierunge vun ëffentlechen Déngschtleeschtungen agesat. Virun allem hu mer schonn deemools virun der Gefor vun Energieaarmut gewarnt a virgeschloen, dass d'Gemeng soll Menagë bei der energeetescher Sanéierung vu Wunnengen ënnerstëtzen.
Et war en dynamesche Walkampf an en erfollegräichen, wou mer aus dem Stand eraus de Marcel Lorenzini konnten als Vertrieder an de Gemengerot schécken.
Nom Walkampf ass et fir mech weidergaangen. Privat sinn ech zeréck op Kaiserslautern gaangen, fir mäi Studium als Bauingenieurin fäerdeg ze maachen. Politesch hunn ech iwwer d'Grenze vun Diddeleng erausgekuckt an hu mech bei déi Lénk national engagéiert. Hei hunn ech onheemlech vill interessant Perséinlechkeete kennegeléiert a vun enger ëmfangräicher politescher Formatioun profitéiert. Ech hu geléiert, viru Leit ze schwätzen, deen een oder aneren, dee mech schonn e bësse méi

laang kennt, dee weess, dass dat heite virun zéng Joer net méiglech gewiescht wier.

Ech hu geléiert, dass eng Gesellschaft aus ënnerschiddlechen Interessie besteet an dass et ëmmer drop ukënnt, déi richteg Kräfteverhältnisser ze schafen, wann een eppes ännere wëllt. An ech hu geléiert, dass Politik bei Wäitem net just an den Institutioune gemaach gëtt, well Kräfteverhältnisser schaaft een am Gespréich mat de Leit an op der Strooss. Meng éischt Manif, dat war de Schüler-Studentestreik 2014, zesumme mat 17 000 anere Leit géint d'Spuermesurë vun der Regierung. Ma et war net déi lescht. Klimastreik, Fraestreik, Gay Pride, Logementskris, CETA, Index, wou Mëssstänn sinn, geet een op d'Strooss, fir ze weisen, dass een net d'accord ass an dass ee sech wäert wieren. Nieft der Politik hunn ech mech och gewerkschaftlech engagéiert, ech si mëttlerweil Vizepresidentin vun der lokaler Sektioun vum OGBL an hat déi grouss Chance, bei de Sozialwalen 2019 kënnen an d'Chambre des salariés gewielt ze ginn.

Här Buergermeeschter, ech zielen lech, dass d'Politik méi ass wéi Institutiounen an trotzdeem sëtzen ech elo hei, well déi Kräfteverhältnisser vun dobausse musse jo och no banne representéiert ginn an, jo, dat gëllt och an der Gemengepolitik. Déi gréisste sozial Kris am Land, an och hei zu Diddeleng, dat ass de Logement. D'Leit fanne keng Wunneng méi, well d'Präisser explodéieren an et net genuch Wunnraum gëtt. Virun allem den Terrain ass knapp an eisem klenge Land. Gläichzäiteg sinn d'Besëtzverhältnisser vu groussen Terrainen zu Diddeleng déi selwecht wéi nach virun zweehonnert Joer. Déi Familljen, déi no der franséischer Revolutioun, déi eis Nopere jo och haut feieren, grouss Terraine geschenkt kruten, sinn zum groussen Deel déi selwecht, déi haut nach am Besëtz vun deenen Terraine sinn. Dat sinn Terrainen, déi mer dringend brauchen, fir bezuelbare Wunnraum ze schafen an déi zum Deel bewosst zeréckgehale ginn, well d'Besëtzer op e weidere Wäertzouwuess, spekuléieren. Dat ass ee Beispill fir e Kräfteverhältnis tëschent enger Minoritéit u Groussgrondbesëtzer an enger Majoritéit vu Leit, Jonker, Familljen, Flüchtlingen, déi verzweifelt no enger Wunneng sichen. E Kräfteverhältnis, dat scho längst hätt kënnen opgebrach ginn, vun dëser Gemeng zum Beispill duerch d'Aféiere vun enger Spekulatiounstax, fir nëmmen dat Beispill ze nennen.

Här Buergermeeschter, Diddeleng ass meng Stad. Ech sinn hei gebuer, ech sinn hei esou laang et méiglech war, an d'Schoul gaangen, an a menger Fräizäit war ech entweeder an der Museksschoul oder an der Pingpongshal ze fannen. Diddeleng ass eng flott Stad, an där et sech gutt liewe léisst, mee mir sti viru groussen Erausfuerderungen an ech hunn d'Gefill, dass eis Stad net onbedéngt dorobber preparéiert ass. Ech ginn herno a menger Stellungnam zur Schäfferotserklärung am Detail dorobber an. Dir wäert mech viraussiichtlech déi nächst dräi Joer hei sëtzen hunn, an deenen ech mech wäert dofir asetzen, dass endlech méi abordabele Wunnraum geschaf gëtt, dass eng Mobilitéitspolitik fir jiddweree gemaach gëtt, an dass virun allem déi Leit net aus der Vue verluer ginn, deenen et net esou gutt geet an déi am Moment derbäi sinn, ze struewelen.

Erlaabt mer nach, menger Virgängerin Thessy Merci ze soe fir seng Aarbecht an de leschte Joren. Fir de Rescht soen ech lech Merci fir d'Wuert an ech free mech op déi nächst Zäit, wou mer bestëmmt net ëmmer enger Meenung wäerte sinn, mee ech hoffen, datt mer awer ëmmer am géigesäitege Respekt an a voller Transparenz kënne mateneen diskutéieren.

DAN BIANCALANA: (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci Madamm Thoma. Da géinge mer iwwergoe vun enger Damm op den Här an da maache mer dat allkéiers alternativ.

ROBY GOERGEN (LSAP): Villmools Merci Här Buergermeeschter, fir d'éischt wëll ech emol allen Diddelenger an Diddelengerinne Merci soen, déi mech gewielt hunn an awer och menger Partei Merci soe fir d'Vertrauen, dat si mir ginn hunn andeems si mech mat an d'Wale geholl hunn. Ech sinn 1969 zu Diddeleng gebuer a wunnen zanterhier zu Diddeleng, sinn also e Stackdiddelenger, e Briller Jong. Nom Lycée, deen ech och hei zu Diddeleng gemaach hunn, hunn ech mech entscheet, fir bei d'Arméi ze goen an no deenen dräi obligatoresche Joer ass mäi Choix op den Exame vum Bréifdréier gefall, an ech gouf uschléissend an de Pool op Diddeleng affektéiert. Do hat ech scho vill Kontakt mat Diddelenger Bierger, wat mer ëmmer Spaass gemaach huet, also de Kontakt mat de Bierger.

1993 hunn ech deen nächste Schrëtt a menger Carrière gemaach, a mech fir den Exame vum deemolege Service national de la protection civile gemellt. Wärend ville Joren hunn ech an der Noutruffzentral um 112 geschafft, éier ech dunn 2010 d'Verantwortung an der Noutruffzentral kritt hunn a gouf zoustänneg fir d'Schichtpläng ze erstellen, d'Reklamatiounen intern wéi och extern ze beaarbechten an d'Formatioune fir d'Operateuren ze organiséieren. Zu deem Zäitpunkt ass et u sech nach keng Formatioun fir Operateure bei der deemoleger Protection civile ginn. Meng Leidenschaft fir d'Pompjeeën huet 1978 ugefaang, andeems ech Jugendpompjee gi sinn, éier ech 1985 an den aktiven Déngscht gewiesselt sinn an do souwuel als Pompjee wéi och als Ambulancier engagéiert war.

Wärend all deene Joren hunn ech gesinn, wéi wichteg et ass, sech éierenamtlech ze engagéieren a wéi néideg de Benevolat an eiser Gesellschaft ass. Ech schwätzen hei net nëmme vum Benevolat am Rettungsdéngscht, neen, ech hunn och jorelaang Handball gespillt an all déi flott Momenter, déi mer wärend deene ville Jore feiere konnten, waren nëmme méiglech, well et Leit goufen, déi am Hannergrond Dag fir Dag benevole fir de Veräi geschafft hunn an den Ekippen esou erméiglecht hunn, ënnert optimale Konditiounen hirem Sport nozegoen.
Dofir solle mer all dës Leit, also de Benevolat, mat alle Mëttelen oprechterhalen a maximal ënnerstëtzen, well vill Veräiner fanne leider no der Pandemie net méi esou vill Membere wéi dat virdrun de Fall war, fir eng Hand mat unzepaken.

Diddeleng hat och am Rettungsdéngscht ëmmer eng Virreiderroll. Dank der konsequenter Ënnerstëtzung vun der Gemeng fir den Diddelenger Zenter konnt dat, wat haut endlech Realitéit gouf, zesummegewuess ass, wat

zesummegehéiert, de CGDIS entstoen. Elo behaapten ech mol, datt dee Modell schonn an den 90er Joren hei op der Lëtzebuerger Strooss gelieft ginn ass. Esou war sech d'Gemeng hirer Roll an der ziviller Sécherheet schonn ëmmer bewosst an huet esouwuel d'Leit fir dës Aufgaben agestallt an erméiglecht, datt hir Mataarbechter, déi och Pompjee waren, fir Noutfäll fräigestallt. 2018, nodeems d'Gesetz vun der Kreatioun vum CGDIS an der Sécurité civile gestëmmt gouf, hat ech net nëmme Verantwortung fir de CIS Diddeleng, also de Centre national d'incendie et de secours vun Diddeleng hei, mee ech sinn och Chef de zone adjoint ginn an der Zone de secours Süden, ee Posten, deen ech aktuell och nach hunn. Meng Aufgab do besteet ënnert anerem doran, e zonale Service opzebauen an d'Integratioun vun de kommunale Corpsen an de CGDIS ze ënnerstëtzen. D'Aufgab vun der Zon ass ënner anerem och, de Kontakt mat de Gemengen oprechtzeerhalen.

Firwat engagéieren ech mech an der Politik? Firwat hunn ech dee Schratt an d'Wale gemeet? Als éischt emol well ech gefrot gouf. Ech hu mech nach ëmmer awer dofir interesséiert, wéi meng Gemeng sech entwéckelt an hunn ëmmer schonn a konsultative Kommissioune matgeschafft. Bedéngt duerch mäi beruffleche Parcours läit et och op der Hand, datt d'Sécherheet an d'Gesondheet Theme sinn, déi zu mengem Haaptuleies gehéieren. Mat Gesondheet mengen ech awer net nëmmen d'Noutfallversuergung am Kader vum Rettungsdéngscht, mee och d'Gesondheet vun alle Bierger hei zu Diddeleng. Mir hu scho vill an deem Beräich erreecht an do ernimmen ech de Grupp Gesond Diddeleng, wou mer och als éischt Gemeng konsequent mat ville flotten Initiativë fir all Generatiounen an d'Gesondheetspreventioun investéiert hunn. Mir mussen alles maachen, dass mer weiderhin eng gutt Proximitéitsmedezin eise Bierger ubidde kënnen, och wa mir als Gemengerot net op alles Afloss hunn, musse mer eis awer konsequent beméien, nei jonk Dokteren op Diddeleng ze kréien, an dat och an enker Zesummenaarbecht mam CHEM, dat Spidol mat sengen dräi Antennen, wou mir als Stad jo awer och e Matsproocherecht hunn.

Vill Leit, mat deenen ech hei an der Lescht geschwat hunn, fille sech sécher hei zu Diddeleng, an et ass un eis, dofir ze suergen, datt dëst Gefill bei de Leit och esou bleift. Mir mussen awer vigilant bleiwen. Eng Kollaboratioun mat eiser Police grand-ducale ass wichteg, an esou wéi ech fënnt och d'LSAP et total iwwerflësseg, ze mengen, et bräicht een nees eng Gemengepolice, well och nei Kompetenze fir eis Agent-municipalle kënnen hei zur Sécherheet bäidroen. Esouwäit ech weess, ass eist Policereglement iwwerschafft ginn a vill kleng Delikter kënnen an Zukunft vun de Pecherte verbaliséiert ginn.

Des Weidere fannen ech et wichteg, datt mir weiderhin eng familljefrëndlech Stad bleiwen. Wann ech schonn nëmmen eleng am Quartier kucken, wou ech wunnen, gesinn ech vill jonk Familljen, déi sech hei niddergelooss hunn. Also kënne mir als Gemeng net vill falsch gemaach hunn. Hei musse mer weider dofir suergen, datt all d'Generatiounen sech hei zur Diddeleng wuel fillen. Ofschléissend wëll ech awer nach soen, datt ech mech freeë fir déi nächst Joren zesumme mat lech alleguerten dës Stad, déi eis jo all um Häerz läit, virunzedreiwen a wënsche mer eng fair a konstruktiv Zesummenaarbecht. Merci.

DAN BIANCALANA: (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Goergen.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léiwen Här Buergermeeschter, léiwe Schäfferot a léif Conseilleren, et ass mer eng perséinlech Freed an eng Éier, als Member vum Gemengerot an als Vertriederin vum ADR bei lech ze sinn. Ech wëll vun der Geleeënheet hei profitéieren, och menge Wieler villmools Merci ze soen, datt se mir hiert Vertraue geschenkt hunn. Als gebiertegt Diddelenger Meedchen, mat lëtzebuergeschen an italieeneschen Originnen, stinn ech den Awunner an der Gemeng bäi fir eng gutt Liewensqualitéit ze bewierken. Weider wäert ech mech asetzen, fir d'Sécherheetsproblemer ze verbesseren an d'Kriminalitéit anzedämmen, fir datt all Mënsch, ob jonk oder al, hei zu Diddeleng ka sécher sinn a sech wuel fillen. Et ass mer e ganz besonnescht Uleies, bezuelbar Wunnengen an eiser Gemeng ze erhalen. Ech wäert mech dofir asetzen, datt eis Matbierger Recht op abordabele Wunnraum kréien. Des Weidere stinn ech och fir d'Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger duerch d'Förderung an d'Léiere vun der lëtzebuergescher Sprooch. Dofir wäert ech mech asetzen, fir gratis Lëtzebuergeschcoursen eise Matbewunner ze offréieren.
Uschléissend soen ech lech villmools Merci fir d'Nolauschteren, léiwen Här Buergermeeschter, léiwe Schäfferot a léif Conseilleren, an op eng gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht hei am Diddelenger Gemengerot. Merci.

DAN BIANCALANA: (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Spagnuolo.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Här Buergermeeschter, léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot, ech sinn an éischter Linn emol ganz frou, fir haut kënnen hei ze sëtzen an eng Untrëttsried als Member vum Gemengerot dierfen ze halen. An dofir e grousse Merci jidderengem, dee mech heihinner gewielt huet. Vu menge 35 Joer hunn ech déi lescht 32 Joer hei zu Diddeleng gewunnt a gelieft. Meng Sichkritäre fir meng Jonggesellewunneng waren Diddeleng an eeben dee Budget, deen ech deemools hat. Déi selwecht Kritären hate meng Fra an ech e puer Joer drop, wou mir en Haus gesicht hunn, fir eng Famill kënnen ze grënnen. Ech sinn deemno ganz frou, an dëser wonnerbarer Stad ze wunnen.

Diddeleng ass eng lieweg Stad, an där d'Kultur, de Sport, d'Gastronomie an d'Nuetsliewen et liewenswäert maachen, fir hei ze wunnen an engem erméiglechen, e soziaalt Liewen opzebauen, wat mécht, datt ee seet "Déi Diddelenger bleiwen ëmmer an hirem Diddeleng wunnen". Papp sinn a virdru scho Papp ginn hu bei mir a menger Fra ganz aner Ängschte getriggert an Iwwerleeunge mat sech bruecht. Allem virop d'Klimakris. Dës schwieft zënter Joren iwwer eis a gëtt vun deene meeschte Parteien an der Politik leider änlech behandelt wéi en Neijoerssaz vun engem zimmlech inkonsequente Luftikus. Am neie Joer gëtt besser opgepasst. Den Dokter sot schonns, ech misst mech mol e bësse

méi beweegen, soss kéint ech am Alter Schwieregkeete mam Häerz kréien. Alkohol an Zocker dierft ech eigentlech kee méi drénken, mee et lieft ee jo just eemol. Esou oder esou änlech gëtt leider och mat der Gesondheet vum Planéit ëmgaang, der Grondexistenz vun eisem Dosinn, eiser Zukunft. Mir wëssen eigentlech, wat d'Wëssenschaft seet, mir kennen d'Kipppunkten, mir wëssen, wat mer eigentlech net méi dierfe maachen, fir dat Schlëmmst ze verhënneren, an awer behuele mir eis a groussen Zich esou wéi wann et kee Muer méi géing ginn.

Eise Problem ass dobäi allerdéngs deen, dass d'Generatiounen no eis nach mussen no eisem schwéier kranke Patient kucken. Ech maache mir Suergen ëm eise Planéit, d'Aartestierwen, de Biodiversitéitsverloscht, d'Naturkatastrophen, d'Onbewunnbarkeet vun ëmmer méi Regiounen an eiser Welt an déi domat verbonne Klimaflüchtlingen. Dës Suergen hu gemaach, dass ech mech politesch engagéiere wollt a mir eng Kaart bei der grénger Partei geholl hunn. Et ass dës Partei, déi als eenzeg bei hirem Kärsujet keng Kompromësser ageet, an déi de Biergerinnen a Bierger net vermëttelt, dass e bësse Klimaschutz, e bëssen Aarteschutz, e bësse Mobilité douce, e bësse Gewunnechten ännere scho wäerten duergoen. Et ass keen einfache Match, an där doten Thematik éierlech mat de Leit ze sinn an awer wëlle gewielt ze ginn, virun allem dann, wann d'politesch Konkurrenz mierkt, dass d'Thema akut ass, de Patient schonn deen éischte Stent huet an e reegelméisseg a sengem Lifestyle drun erënnert gëtt, dass et u sech net méi sou ka weidergoen.

Da gëtt oft d'Polemik ausgepak, da ginn d'Leit an net de Ball gespillt. Et mécht mech rosen a motivéiert mech ëmsou méi, Verfechter vun eise grénge Wäerter a Prinzippien ze sinn, hei zu Diddeleng, awer och allgemeng an eiser Gesellschaft duerch e „Walk-your-Talk", andeems mir net just Léisungsméiglechkeete priedegen, mee se och virliewen, andeems mir net perfekt sinn, eis a Fro stellen, eis un Diskussioune bedeelegen, eist Behuelen upassen an nees vu vir ufänken. Just esou geet e Léierprozess, an do schwätzt elo de Pädagog a mir, et steet vill um Spill an et geet drëms d'Leit matzehuelen, andeems mir Offere schafen, déi zum Wiessel vu Gewunnechte féieren. Mir hunn awer net méi d'Zäit vu Legislaturperiod zu Legislaturperiod ze denken an den Zyklus vum Léierprozess all sechs Joer minimalistesch an hallefhäerzeg unzegoen. Dat soen net déi Gréng, dat seet d'Wëssenschaft. Et ass an der Lokalpolitik wou den Alldag vun den DiddelengerInnen sech ofspillt. Hei wunnen se, brénge Kanner an d'Schoul, ginn op de Sport, liewen hiert Liewen an der Noperschaft. Et muss d'Prioritéit vun de politesch Verantwortleche sinn, d'Liewensqualitéit ze erhalen oder esouguer ze verbesseren andeems mir eist Liewe mat an net géint d'AwunnerInnen, d'Natur an d'Ëmwelt riichten, andeems mir zesummen Diddeleng nohalteg gestalten, klimaresilient maachen, e Sécherheetsgefill fir eis Jugend, net nëmmen am Park Mayrisch oder am Schoulhaff, mee och an der Mobilité douce schafen.

Diddeleng huet all dat fir och hei zu Lëtzebuerg Virbildcharakter ze kréien an ech si bereet, konstruktiv, a wann et muss sinn, kritesch-konstruktiv eng Hand do mat unzepaken. Ech erwaarde mir awer dofir och, dass meng, dass eis Virschléi am Schäfferot Gehéier fannen, dass dës och esou am Sënn vun eiser Demokratie transparent den DiddelengerInne matgedeelt ginn an dass d'Oppositiounsaarbecht eng gläichberechtegt - well eeben ëffentlech finanzéiert - Bün kritt. Vläicht gi „meng Stad», d'Gemengefotoen, d'Präbbelien, d'Sonnestill an d'Geranien op der Fënsterbänk vun der Gemeng eemol esou faarweg wéi Diddeleng et schonn ass. Merci.

DAN BIANCALANA: (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Ech si ganz éierlech, ech sinn nach net esou gutt am Texterschreiwen, also ech sinn éischter dat, wat de Mond opmécht. Ech sinn d'Fabienne Dimmer an ech si gewielt ginn an ech wëll all menge Wieler mol als éischt Merci soen. Ech freeë mech awer och, mat lech all zesummen hei am Gemengerot ze sinn. Ech sinn en Diddelenger Meedchen, awer net hei gebuer. Ech hu véier Joer zu Déifferdeng gewunnt, also awer aus dem Minett, a sinn op d'Diddeleng komm.

Ech hunn déi 80er Joren an Diddeleng erlieft, verschiddener vun lech hunn dat och, deemools war Diddeleng eng Stad, déi am Fong vill méi kriminell war wéi et haut ass, deemools ware Kläppereien an Diddeleng, et waren ëmmer déi Diddelenger géint d'Fransousen hei iwwer, et war reegelrecht an den Diskoen, wou et gerabbelt huet, d'Police huet missen duerch d'Caféë goen, also et war wierklech esou, all Weekend war quasi eng Kläpperei, wa mer iwwer Kriminalitéit schwätzen, ech erliewen dat net méi am Joer 2023 zu Diddeleng. Ech sinn net hei zu Diddeleng an de Lycée gaangen, dofir gouf et ee grousse Grond, d'Diddeleng war eng immens Drogestad. Mir haten op der Gare, wann Dir wësst, verschiddener wëssen dat net méi, mee do souzen d'Junkie mat der Nol, also ech gesinn se am Joer 2023 net méi.

Ech si konsequent géint en Opstocke vun där ganzer Police an ech si konsequent géint eng Police, déi Leit muss beléieren an alles. Iergendwéi hunn ech ëmmer d'Gefill, et gëtt alles responsabiliséiert an d'Schold gëtt ëmmer op dee méi Klenge gemaach an ee Grond, firwat ech mech decidéiert hunn, an et war e laange Prozess - ech kommen aus enger Politikerfamill an ech hu Politik gehaasst, fir mech war Politik ëmmer en No-go, well et Magouillë war an, oh, schrecklech ustrengend, souwuel um lokale wéi um nationale Plang vun alle Parteien an dat wëll ech hei wierklech soen, awer net nëmmen national, mee och international. An international ass eppes, wat ech ganz vill gesinn an ech fannen, et muss een iwwert säin Tellerrand e bësse erauskucken. Ech kucken Diddeleng, ech kucke Lëtzebuerg, mee ech kucken awer och d'Welt. Ech reese vill duerch d'Welt an ech gesi ganz vill. An ee Grond, firwat ech mech decidéiert hunn, no all deene Joren awer an d'Politik ze goen, obwuel ech jorelaang ëmmer erëm gefrot gi sinn a jorelaang ëmmer rëm Nee gesot hunn, ass, well ech warscheinlech elo um Punkt ukomm sinn, wou ech mer geduecht hunn, an dat ass eppes wat ech iwwert meng Migratiouns- a Flüchtlingspolitik geléiert hunn, d'Leit soten zu mir, ma Fabienne, wéi kanns du elo an d'Politik goen? An

dunn hunn ech gesot, majo, well ech, wann ech net elo ginn, wéini dann? Well vläicht sinn ech iergendwann ze al an da sinn ech eent vun deenen ale wäisse Fraen an dat wëll ech och net sinn, an, firwat ech elo ginn, ass well ech elo um Punkt vu mengem Liewen ukomm sinn, wou ech awer vläit d'Hoffnung hunn, Klengegkeeten ze verbesseren. Wann ech déi Hoffnung net hat, wär ech net an der Flüchtlings- a Migratiounspolitik aktiv, well da géif ech se komplett opginn, an dat ass e Grond, firwat ech elo heihinner komm sinn.

Diddeleng läit mir um Häerz. Ech liewen Diddeleng. Ech si warscheinlech méi an de Caféë wéi de Gros vun heibannen. Ech hunn Diddeleng gesi grouss ginn, ech hunn d'Diskoen an Diddeleng erlieft - hu mer nach eng Disko an Diddeleng? Nee, gell - ech hunn d'Nuetsliewen an Diddeleng erlieft, ech weess, dass ee fir zéng Euro en Aller-retour konnt maachen, eriwwer a Frankräich fir en Américain-frites iessen ze goen. Ech hunn Diddeleng erlieft vu Klengem un. Ech war an der Liichtathletik, ech hunn den CAD komplett materlieft mat eisen ale Vestiären, ech hu Liichtathletik och op méi héijem Niveau gemaach, och national, ech hunn Hürde gemaach, e bësse besser wéi déi belsch, Bommstousserin, dat ass bei mir awer e bësse besser gaangen. Ech hunn Diddeleng gelieft. Meng Kanner sinn eréischt am Jugendalter heihinner komm, no menger Scheedung. Wéi sot ee virdrun, en Diddelenger, bleift en Diddeleng a kënnt ëmmer erëm zeréck.

Dat éischt no menger Scheedung, wat ech gemaach hunn, ech sinn zeréck op d'Diddeleng komm, 2010. Ech hu mer en Haus kaf. Ech sinn eng Fra, elengerzéiend, Steierklass 1A, da wësst Dir schonn, datt ech näischt méi haassen, wéi déi 1A. Ech sinn zeréck op d'Diddeleng komm an ech konnt mer nach en Haus kafen. Géif ech haut gescheet ginn, zeréck op d'Diddeleng kommen, mee och zeréck op Klierf goen oder zeréck wou och ëmmer, ech kéint mer keen Haus kafen. Ech als elengerzéiend Fra kéint mer dat net leeschten. Meng Kanner sinn allen dräi erwuessen, 28, 26 an 23 Joer. Si hu studéiert. Mäi zweet Meedchen huet grad säi Master fäerdeg, huet seng éischt Aarbecht elo kritt. Mäin éischt ass Schouljoffer a mäin drëtt ass op der Policeschoul. Allen dräi kënne sech näischt kafen.

De Logement ass ee grousse Problem. Mee dee Logement ass schonn e grousse Problem scho laang, mee et ass eng national Diskussioun. Et ass eng Diskussioun, wou ech net wëll einfach begrenzt op eng Diddelenger Diskussioun setzen. Et ass eng national Diskussioun. Fir mech ass e grousse Feeler geschitt, dass mer ni an d'Locatioun gaange sinn, mee ëmmer nëmmen an d'Ventë vun den Haiser. Mir hätte vill méi missen an e Wiener Konzept goen. Mee et ass eng aner Diskussioun an ech wäert mech och fir de Logement a fir méi Locatiounen, lokativ Saachen an Diddeleng asetzen.

Diddeleng läit mer um Häerz, mee et läit mer och um Häerz, well ech dräi Kanner hunn an ech hunn dräi Kanner, déi Sport maachen. Jugend a Sport a Gesondheet ass eppes, wat alles zesummefält mat der Kultur. Et ass eppes wat vill méi an de Schoule musse ginn, wat vill méi an de Maison Relaise muss sinn, well nëmme wa Kanner aktiv an engem Club sinn, egal a wéi engem, ob dat e Museksclub ass, e Sportclub oder de Schachclub oder de Pingpong, et ass egal, esoubal se an engem Club sinn, sinn se an enger Communautéit a se fillen sech opgehuewen. An nëmmen esou kréie mer Kanner, déi och net an de Stroossen hänken an op där anerer Säit ënnerstëtze mer de Bien-être vun hinnen. De Bien-etre vun hinnen och deemno wéi et an hire Familljen ass.

Dofir wäert ech mech fir d'Jugend weiderhin asetzen an dat läit mer immens um Häerz. D'Jugendhaus zu Diddeleng mécht eng formidabel Aarbecht andeems wou se eng immens Integratioun vun de Kanner maachen an se ophuelen. Voilà, ech wäert mech verstäerke fir déi Saachen. Wéi gesot, ech sinn nach ganz nei an ech sinn och net dat, wat alles nidderschreift. Ech schwätze méi vum Bauch eraus, mee ech wäert lech verspriechen an den nächste sechs Jore léieren ech, dat alles schéin opzeschreiwen. Ech soen lech Merci an ech freeë mech.

DAN BIANCALANA: (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, als éischt emol wëll ech soen, dass et mech freet, dass d'DP net nëmmen erëm de Wee op Diddeleng fonnt huet, mee och an de Gemengerot an esou de liberalen Esprit hei an déi eng oder aner Decisioun mat afléisse kann. Ech sinn der Meenung, der Iwwerzeegung, dass et fir Diddeleng immens wichteg ass, dass hei am Gemengerot d'DP, eng vun de grousse Parteien, mat vertrueden ass an sech konstruktiv un der Gestaltung vun Diddeleng bedeelege kann, wuelwëssend, dass a ville Beräicher nach masseg Aarbecht virun eis läit. Mir sinn hei fir Politik fir d'Diddelenger an zwar fir all d'Bierger an eiser Stad ze maachen.

Als Diddelenger Jong, als een, deen hei opgewuess ass, an d'Schoul gaangen ass, hei Sport gemaach huet an nach ëmmer mécht, esoubal den Aarm et erëm zouléisst, an och soss hei an der Stad déif verwuerzelt ass, ass et dofir nëmme selbstverständlech, dass ech mat der néideger Motivatioun, Energie an awer och mat Freed déi grouss divers Dossiere wéi Verkéier, ëffentlechen Transport, Wunnengsnout, Aarbechts- a Geschäftswelt, fir der nëmmen e puer ze nennen, an Ugréff huelen. Des Weideren ass et wichteg, dass sech awer och ëm déi kleng Dossiere gekëmmert gëtt. Eng Trottoirsplack, déi schif hänkt oder eraussteet, muss gefléckt ginn, well do e Bierger driwwer fale kann a sech wéi doe kann. Et ass nun emol och eis Aufgab, dofir ze suergen, dass hei d'Diddelenger sech sécher fillen a kengem eppes geschitt. Soit, eist aller Zil soll et sinn, Diddeleng no vir ze bréngen, a genau dofir wëll ech mech abréngen an ech hoffen op eng gutt Zesummenaarbecht, fir dass mir dëst gemeinsam erreeche kënnen. Merci.

DAN BIANCALANA: (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och dem Här Meyer. Iech sechs, wéi gesot, och Merci fir Är Untrëttsrieden an ech mengen, dass dat ganzt Wohlwollen ass am Ufank vun enger Mandatsperiod, dass mer alleguerten der Meenung sinn, dass mer dat heite sollten och konstruktiv an och kritesch zesummen ugoen.

1. OPSTELLUNG VUM TABLEAU DE PRÉSÉANCE VUN DE MEMBERE VUM GEMENGEROT

Ech géif proposéieren, dass mer mam Ordre du jour weiderfueren. Do ass et och eng Traditioun, dass den Tableau de préséance vum Gemengerot fixéiert gëtt.

Wéi Dir konnt gesinn an den Dokumenter, déi Dir zougestallt krut, den Tableau de préséance hänkt am Fong vum Datum of, wou een hei an de Gemengerot gewielt gouf. Dat als Erklärung fir déi, déi nei an dëse Gremium gewielt goufen, fir déi aner ass et schonn eng gängeg Praxis. Do ass jo de Schäfferot net mat dran, mee et sinn déi eenzel Gemengeconseilleren a -conseillèren an dat ass am Fong esou wéi et hei dann och festgehale gouf am Kader vun der Date d'entrée en fonction.

Dat zum Tableau de préséance, ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech villmools Merci.

Ech hat awer virdrun nach vergiess, mir informéieren lech och nach iwwer d'Circulaire, déi erakomm ass vum Syvicol, iwwer de Cycle de formations, deen de Syvicol zesumme mécht mam Inneministère, respektiv awer och mam INAP. Ech kann lech nëmme wierklech empfeelen, bei deem Cycle de formations matzemaachen, well unhand vun der Programmatioun ass e ganz divers, sou wéi och, esou divers wéi och Gemengepolitik ka sinn an ech roden lech, huelt lech do wéi gesot déi néideg Zäit fir un deene Formatiounen deelzehuelen. Et gëtt eng flott Iwwersiicht iwwer net nëmmen d'Legislatioun, mee awer och doriwwer wéi eng Rei Saachen um Gemengeplang gehandhaabt ginn.

2. PRESENTATIOUN AN DISKUSSIOUN VUN DER SCHÄFFEROTSERKLÄRUNG FIR D'PERIOD 2023-2029

DAN BIANCALANA: (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Hei am Numm vun de Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäfferot wëll ech de Membere vum Gemengerot d'Schäfferotserklärung fir d'Period 2023 bis 2029 presentéieren. Dono hunn natierlech och d'Membere vum Gemengerot d'Méiglechkeet, dozou Stellung ze huelen, respektiv hir Vuen anzebréngen, mee et ass jo net onbedéngt elo en Dokument, wéi gesot, dat muss ofgestëmmt ginn. D'Schäfferotserklärung ass jo ëmmer am Ufank vun enger Mandatsperiod, dat si mer elo an do ass et natierlech üblech, dass de Schäfferot eng politesch Erklärung presentéiert, wou seng Aarbecht an déi vun der Majoritéit, mee net nëmme fir déi kommend sechs Joer, duergeluecht gëtt. Dat ass am Fong eng politesch Feuille de route, et ass am Fong de Kontrakt, dee mir mat den Diddelenger Biergerinnen a Bierger hunn a wou d'Ausriichtung generell am Fong déi ass, wéi sech Diddeleng an Zukunft weiderentwéckele kann a soll. An d'Schäfferotserklärung vun 2023 bis 2029 steet ënner dem Zeechen, ënner dem Leitmotiv innovativ an ambitiéis, inklusiv an nohalteg, Diddeleng, d'Stad vum gudden Zesummeliewen, an ech gräifen dat op, wat och herno virdru gesot ginn ass, eng Stad, déi liewenswäert ass, och dat spigelt sech do dran erëm.

À ce stade huet Diddeleng liicht iwwer 22 000 Awunner, 109 verschidden Nationalitéiten an et ass eng gängeg Praxis, dass mer d'Diversitéit, déi mer an eiser Stad hunn, oppe liewen, dass mer och eng Ouverture d'esprit hunn an dass och e gutt Zesummeliewen eis wichteg ass, grad esou wéi et wichteg ass, dass dës Stad, och wann se sech weiderentwéckelt, hir mënschlech a sozial Dimensioune behält, grad wou mer och eng gutt Liewensqualitéit an dëser Stad hunn, eng gutt Liewensqualitéit fir alleguerten d'Generatiounen, egal wéi hir Hierkonft ass a wat hir Originne sinn. Wann ee kuerz zeréckkuckt, déi lescht sechs Joer gouf zimmlech vill an Diddeleng investéiert, och an ëffentlech Infrastrukturen, an och dat huet weider d'Identitéit vun eiser Stad an och vun eise Quartieren, well och an eis Quartiere investéiert gouf, well dat nach eng Kéier ganz kloer, consolidéiert. D'Ausstralung, déi eng Stad Diddeleng huet, als véiertgréisst Stad, sécherlech um lokale Plang, mee och driwwer eraus, och regional, well mer och regional Aufgaben hunn, awer och eng national Ausstralung, ech mengen, dat mierkt een och an enger ganz Rei Dossieren, déi hei effektiv ëmgesat goufen.

Déi nei Majoritéit huet natierlech d'Bestriewen, am Interêt vun alleguerten den Diddelenger Awunnerinnen an Awunner ze schaffen, mee ech mengen dat ass net nëmmen d'aktuell Majoritéit, Dir hutt jo hei eraushéieren, dass dat och hei d'Kolleeginnen an d'Kolleege vun der Oppositioun wëlle maachen, op alle Fall déi aktuell Majoritéit wëll dat mat ganz vill Motivatioun an Elan maachen, awer dat wëlle mer och zesumme maachen, mat de Membere vum Gemengerot, mat de Force-viven, an och mat eisen Awunnerinnen an Awunner an dat och a konsultativen a partizipative Prozesser.
An ech mengen, dass d'Wuelbefanne vun all eisen Awunnerinnen an Awunner eis dozou motivéiert, eis am Alldag hei och ze engagéieren, well d'Erausfuerderungen - dat ass jo och schonn hei ugeklonge - déi sech awer eiser Gemeng stellen, dat sinn eng sëlleg an och déi Projeten, déi mer hei wëllen ëmsetzen, déi Akzenter, déi mer setzen, natierlech musse mer do no de kommende Generatioune kucken an och do hir Zukunft net hypothekéieren, mee dat bréngt awer och mat sech, dass een dat besteeënd, an och dat ass eng Erausfuerderung, dat besteeënd, dass een dat erhält, dass een dat festegt, dass een dat consolidéiert an awer och, an d'Zukunft schafft.

An ech mengen, wann een dat mécht, dat mécht een natierlech hei als Stad Diddeleng, als Gemengerot, net eleng, mee du brauche mer och natierlech déi staatlech Instanzen, déi national Instanzen, déi regional Instanzen, fir dat kënnen ze maachen, ouni awer elo den Transfrontalier auszeklammeren. Wann een déi Projete wëll ëmsetzen, déi mer hei an der Schäfferotserklärung effektiv presentéieren, do ass et natierlech och wichteg, eng nohalteg Budgets- a Finanzpolitik ze maachen. Mir sinn am Moment an der Situatioun, wou d'Gemengefinanze gesond sinn an awer musse mer se weider am A behalen, respektiv awer och wann eng Gemeng sech weiderentwéckelt, och d'Personalpolitik virsiichteg virun Ae behalen, wéi awer och déi ganz Planifikatioun an

och déi ganz Fraisen, déi op eis duerkommen, wa mer nei Projete plangen, dass mer och déi, wéi gesot, am A behalen an, wat och bei de Finanzen net onwichteg ass, dass mer esou gutt wéi méiglech wäerte probéieren, eis Scholden effektiv unzehuelen, grad just dann, wa mer gréisser Projeten hunn, déi eng gréisser Envergure hunn, ouni awer ausser An ze loossen, dass et, wa mer esou Projeten ëmsetzen, och wichteg ass, déi néideg Subsiden ze kréien, net nëmme staatlecher, mee och europäescher, an ech mengen, och do ginn et jo eng Rei Méiglechkeeten. Mir huelen, mir froen dat, wat mer kënnen, do wou et och deementspriechend méiglech ass.

Diddeleng, haut a muer, Dir wësst alleguerten, Diddeleng ass, - an am Fong gesi mer dat jo och esou als Diddelengerinnen an Diddelenger - ass eenzegaarteg, ass eng Stad mat ganz vill Potential, mee et ass eng Stad, déi awer och eng staark sozial Kohäsioun huet, déi e staarken Zesummenhalt huet an dat soll och esou bleiwen. An Diddeleng ass natierlech och eng Stad, déi ganz konvivial ass, wou een sech och däerf a soll wuel spieren. An ech mengen, déi Echoe kritt ee jo vun eise Biergerinnen a Bierger a mir schaffen alleguerten, wéi gesot, am Interêt vun der Stad Diddeleng an, ech mengen, och dat wëll déi aktuell Majoritéit, déi d'Vertrauen no de leschte Wale vum eelefte Juni kritt huet, och weider ëmsetzen.

D'Schäfferotserklärung. Natierlech fënnt een do kloer d'Iddien erëm vum LSAP-Walprogramm, mee natierlech sinn och - an dat muss een hei soen - Iddie vun der Oppositioun mat agefloss, do wäert deen een oder aneren sech méi oder manner och dran erkennen, an dëser Schäfferotserklärung, well et sinn Iddien dran, déi mer gutt fonnt hu fir Diddeleng, egal vu wou dass se komm sinn, well se Diddeleng effektiv weiderbréngen. Also, engersäits d'Iddie vun der LSAP, natierlech fënnt een och Iddien, wou Iwwerschneidungen an de politesche Walprogrammer waren an - wéi gesot - och nei Iddien, déi vun deenen anere Parteien, well se gutt si fir Diddeleng, a mir bleiwen natierlech op fir all nei Iddi, déi hei en cours de route an de Gemengerot kënnt, egal ob se vu Säite vun der Majoritéit, respektiv vun der Oppositioun kënnt, mee natierlech musse mer bei allen neien Iddie kucken, sinn se machbar, wéi ass et mat der Machbarkeet, wéi ass et mat der Plus-value, déi et bréngt, respektiv wéi ass et um Niveau vun der Finanzéierbarkeet,

Ech mengen, dass dat allkéiers Elementer sinn, déi ee berécksiichtege muss, wann ee Projeten ëmsetzt, mee ech mengen, den Agenda, d'Feuille de route fir Diddeleng 2029 an doriwwer eraus, ass, dass et e Projet ass, wou een hei Diddeleng soll kënne liewen, schaffen an och natierlech seng Fräizäit kënne gestalten an dat mierkt ee jo och an der Ausriichtung vun eise Projeten, déi esouwuel lokal, regional an och national Dimensiounen an och Ancragen hunn. Wann ee Projeten ëmsetzt, dat mécht een natierlech net eleng. Do brauch een eis Gemengeservicer fir natierlech och an der Ëmsetzung vun deene politesche Projeten, et sinn si, déi och mathëllefen, dat alles opzebereeden an och herno ëmzesetzen, wa mer un der Zukunft vun Diddeleng zesumme schaffen.

Fir dës Mandatsperiod goufen 12 Prioritéite fixéiert: Urbanistesch Entwécklung; Mobilitéit an Infrastrukturen, d'Infrastructures routières; Logement; Ëmwelt, Energie an Naturschutz; Enseignement an non-formal Bildung; Famill, Jugend a Senioren; Sozialpolitik; Aarbechtspolitik an Égalité des chances; Wirtschaftlech Entwécklung an Handel; Sport, Veräiner a Benevolat; Kultur an Tourismus; ëffentlech Gesondheet an ëffentlech Sécherheet; Biergerbedeelegung, Gemengeservicer an Demokratie.

URBANISTESCH ENTWÉCKLUNG

Ech géif elo am Fong déi 12 Prioritéite kuerz duerchhuelen an ech fänke beim éischte Volet, dem Développement urbain, der urbanistescher Entwécklung un. Et muss ee jo soen, dass Diddeleng sech an deene leschte Jore weiderentwéckelt huet a gewuess ass, och wann d'Stad Diddeleng moderat gewuess ass, wann een dat vergläicht mat anere Gemengen, mee awer an deem Wuesstum, dee mer och hunn als Stad, also dat ass eis och wichteg, eng gutt Liewensqualitéit ze erhalen an, natierlech, wann Diddeleng sech weiderentwéckelt, an ech kommen dann an nach eng Kéier drop zeréck, ass et natierlech och wichteg, déi ganz Mobilitéit matzeplangen. Mir wäerten nieft der Ëmsetzung elo vun der drëtter Phas vum Shared Space déi véiert Phas vum Shared Space weider wëlle féieren, ronderëm hei d'Gemeng, ronderëm d'Plaz vun der Gemeng bis bei d'Fohrmannsplaz. Dat ass en Invest fir weider un der Attraktivitéit vum Stadkär ze schaffen, sou wéi och d'Bestriewe besteet, wärend de Summerméint, nomëttes awer och owes de Shared Space och als Foussgängerzon dann och ëmzewandelen an natierlech, déi Akzenter ginn och weidergesat an enker Zesummenaarbecht och mat de Geschäftsleit, respektiv, mat hirem Sproochrouer, de Geschäftsverband.

Dann ass et och wichteg, an ech si virdrun op d'Identitéit vun der Stad Diddeleng agaangen an och vun eise Quartieren, do ass et wichteg, Plazen ze hunn, wou d'Leit sech kënne begéinen. Openthaltsqualitéit an Diddeleng an op d'Quartieren ass wichteg. An do wäerte mer natierlech am, Quartier Brill d'Place de la résistance, zu Butschebuerg d'Gymnichplaz an am Quartier Italien, zu Tattebierg, déi Plazen nei amenagéieren an natierlech awer och e Bléck halen op déi aner Quartieren, fir do och déi néideg gréng Espacen a Grénganlagen ze hunn, wou d'Leit sech kënnen engersäits erhuelen, respektiv awer och begéinen.

Am Urbanismus ass et awer och wichteg, en Ausbléck ze halen, quitte dass ech herno nach eng Kéier op de Logement, op de Wunnengsbau zeréckkommen, awer och Acquisitiounen ze maache vun Terrainen, dann, wann et méiglech ass, ma och Geleeënheeten sech ubidden, dann och, dat, kafen an och Réserve-foncièren deementspriechend och hei uleeën, fir abordabele Wunnraum och kënnen ze schafen an natierlech och en Ausbléck halen op méi alternativ Wunnformen, ech mengen, dat ass jo eppes, wat jo in aller Munde Moment ass, déi sougenannten Tiny houses, dass do och déi politesch Volontéit besteet fir och do mol esou e Pilotprojet och ze starten, fir dat kënnen ze maachen. 2023-2024 ass awer och ganz kloer markéiert sinn duerch d'Entwé-

cklung vum Projet Neischmelz. Enn 2023, ufanks 2024 wäert de Fonds de Logement mat de Sanéierungsaarbechten, ufänken. Et komme jo 1575 Wunnunitéiten op Neischmelz, wat e Quartier wäert ginn, mat enger sozialer a funktioneller Mixitéit, wou souwuel kommunal Infrastrukture wäerte kommen, wéi och staatlech Infrastrukturen. Dat wäert e Projet sinn, deen eis déi nächst zéng bis fofzéng Joer wäert begleeden, och wann et Enn des Joers, ufanks nächst Joer, lassgeet, an ech mengen, mir wäerten och do als Gemeng natierlech Schoul, Maison Relais, Crèche, Bibliothéik, Musek, Schoul hunn, mee awer och eng Rei staatlech Servicer wäerten dohinner kommen an notamment och e Polizeikommissariat an awer och Ministèren um Niveau vun der Educatioun wéi awer och vun de Finanzen, déi do Servicer wäerten dezentraliséiert usidelen.

Diddeleng wäert eng Virreiderroll an deem dote Projet spillen. Dir hutt jo d'lescht Woch eng Rei Presseartikele konnte liesen, Diddeleng huet eng Virreiderroll ze spillen um Niveau vun der Geothermie. Dat ass jo och hei am Haus an am Gemengerot gewosst, dass do Projete wäerten entstoe ronderëm Neischmelz, an deem dote Kontext, sou wéi mer dat och bis elo gemeet hunn, wäerten natierlech och Projeten, déi e bësse méi en transitoresche Charakter hunn a wou och d'Biergerbedeelegung am Vierdergrond steet, dat wäerte mer och probéieren, wéi gesot, weiderzedreiwen. A wa mer natierlech och bei der urbanistescher Gestaltung bleiwen, hu mer och dee ganze Patrimoine, souwuel d'Weidervaloriséierung vum Patrimoine industriel, déi wäert am Vierdergrond stoen, awer och, wann ech hei an den Zentrum kuerz zeréckkommen, de Patrimoine architectural, notamment dann och, d'Kierch, wou mer och Proprietär sinn, dass mer do jo och weider etappeweis wäerte renovéieren, sou wéi mer dat bis elo gemeet hunn.

MOBILITÉIT

Den zweete Volet, d'Mobilitéit, ech hu virdru gesot, wann Diddeleng sech weiderentwéckelt, musse mer och e klore Bléck op d'Mobilitéit halen. Déi zwee lafen am Fong zesummen, och dat ass eng Erausfuerderung. Hei am Gemengerot, hate mer de Sustainable Urban Mobility Plan virgestallt, de SUMP, elo geet et drëms, déi verschidden Aspekter do och ëmzesetzen, wéi awer och eng CO2-fräi Mobilitéit a verschidden Akzenter och do ze deklinéieren, sief dat Mobilité active an och déi wëllw mer an d'Planifikatioun eranhuelen an neie Projeten, déi mer hei och ëmsetzen an och do zur der néideger Securisatioun wëlle bäidroen, vun deene verschiddenen Notzer an deem Kader.

E gréissere Projet, deen op eis wäert duerkommen, ass natierlech, effektiv de Reamenagement vun der Butschebuerger Strooss, wou de Staat virrangeg wäert och de Lead hunn, wou am Hierscht d'Aarbechte wäerte lassgoen, awer och d'Suppressioun vun den Passage-à-niveauen um Niveau vun der Bunn, wou d'CFL de Lead huet, fir dass mer an Zukunft no der Fäerdegstellung vun der Modernisatioun vun der Gare zu Beetebuerg och méi Direktzich an d'Stad kënne kréien, also och hei Projeten ënnert dem Lead vum Staat, mat der Gemeng zesummen, wéi awer och an der Entrée vun Diddeleng, wou eng Vëlosbréck entstoe wäert, fir och do déi néideg Connexioune kënnen ze maachen. Do si mer a Verhandlunge mam Staat an ech sot jo virdrun, do wier eng Rei Projeten, déi mer selwer wäerte kënnen ëmsetzen, mee awer och eng Rei Projeten, déi mer a ganz enker Zesummenaarbecht mam Staat wäerte maachen, sou wéi natierlech och déi ganz Verbesserungsméiglechkeeten, déi ee kann hunn um Niveau vum ëffentlechen Transport.

Och dat e Projet, deen an der Aktualitéit sinn an eis och an deen nächste Méint weider wäerte beschäftegen. An där Planung do ronderëm d'Mobilitéit, natierlech alles wat nei Vëlospisten och ugeet, ech mengen, Dir kennt se, respektiv och am Kader vun der Rue Madame Mayrisch de Saint Hubert wäerte mer alles weider favoriséieren, wéi awer och weider eng Piste cyclable express, déi hu mer jo och am PAG virgesinn, laanscht der Bunn, alles dat si Projeten, déi mer och ëmsetzen, mee och net eleng, zesummen erëm mat de staatleche Stellen, an awer och kucken, dass mer bei den ëffentleche Gebaier och probéieren, déi néideg, och iwwerdeckte Méiglechkeete schafen, fir och do kënnen effektiv hinzedrainéieren an och eng Ausbreedung vun de Vël'OK Statiounen, och dat ass e Projet, dee mer mat de regionalen Acteure maachen an der Südregioun, wéi gesot lokal, national, regional, ëmmer dräi Komponenten, déi iwwergräifend iwwert eis Projeten ëmmer och sinn. Wann een och gesäit, dass déi national Bestriewung besteet, Opluedstatiounen ze maachen, elektronesch Opluedstatiounen, mengen ech, dass mer och do Ausschau halen hei am ëffentleche Raum hei zu Diddeleng.

D'Verkéierssécherheet gëtt och weider am Vierdergrond gehalen. Bei der Schoul Gaffelt wäerte mer d'Vitess op 30 limitéieren, och dat maache mer mam Staat zesummen an an deem Projet, deen elo amgaangen ass an der Rue de l'Indépendance, wäert do um Plateau op zwanzeg Kilometer d'Stonn erofgedrosselt ginn, ech mengen, och dat bréngt eng zousätzlech Sécherheet fir d'Schülerinnen a Schüler bei deem gréissere Projet, dee mer jo do ëmsetzen, fir deen neie Complexe sportif. D'Rue du Parc wäert frësch amenagéiert ginn an natierlech, wa mer vun deene Klengste schwätzen, déi och eng gewësse Vulnerabilitéit hunn, wäerte mer och do d'Bestriewen hunn, an eise Schoul, an eise Maison Relaisen och eis Kanner do ronderëm ze sensibiliséieren.

LOGEMENT

Den drëtte Volet, de Logement, et ass virdrun ugeklongen. D'Wunnengsbaupolitik ass e wichtegen Aspekt, dee léise mer awer net nëmme lokal, dee léise mer virun allem och national, mee um lokale Plang kënne mer och do eng Rei Akzenter setzen, do, wou et méiglech ass, an ech mengen, och do besteet d'Bestriewen, den Immobiliepark vun der Stad Diddeleng weider ze erweideren, natierlech an Zesummenaarbecht och mat eisem Service Logement a wa mer dat maachen, wäert natierlech och de Service Logement mussen ausgebaut ginn. An hei awer och e klore Statement, mee dat hu mer bis elo och ni aneschters gemeet, dass, wa mer abordabele Wunnraum schafen, dass deen natierlech exklusiv zur Locatioun wäert effektiv ugebuede ginn. Mir hunn am Fong ni hei als Gemeng, wa mer abordabele

Wunnraum haten, dee verkaf, sou wéi dat scho mol op anere Plazen, an anere Gemenge gemeet gouf.

Ech mengen, dat war ni eng Bestriewung vun der Stad Diddeleng an et wäert och ni eng sinn. Mee natierlech wäerte mer och weiderhin Ausschau halen, an an der Wunnengsbaupolitik, wat natierlech och d'Besoine sinn, wat d'Demandë sinn, an do wäerten natierlech och d'Kritäre vun deene Persounen, déi méi a vulnerabele Situatioune sinn, an enger gewësse Prekaritéit liewen, also am Niveau vum Public-cible, Famille-monoparentallen, Famillen, déi Schwieregkeeten, hunn, méi gréisser Famillen, dat ass am Fong och eise Public-cible, wéi awer och déi Jonk. Ech mengen, do hu mer jo scho mol Akzenter gesat mat Projete fir Jonker, déi a schwieregen Dicher sinn oder um Start si vun engem Apprentissage.

Déi Projeten, déi de Moment an der Maach sinn, an dat sinn der eng Rei, verschiddener, déi amgaange sinn, anerer, déi an der Planung sinn, um Site Eecherdall wäert abordabele Wunnraum entstoen op engem gewëssenen Deel, vum Tennisterrain. Ech mengen dat ass jo e Projet, deen am Fong en lien ass mam neie Projet vun der Indoor-Hal vum CAD, awer och vun Terrainen, déi mer jo kafen an der Lëtzebuerger Strooss, wou wäerten entwéckelt ginn, an der Rue Nick Bodry, respektiv awer och am Quartier A Bëlleg an awer och, deemnächst, do wäerte deen nächste Gemengerot dermat befaasst ginn, an der Fontaine Strooss, wou mer eng Acquisitioun wäerte maachen, also eng Rei Projeten, déi ganz kloer hei kënnen annoncéiert ginn, wou mer an den abordabele Wunnraum als Stad Diddeleng wäerten investéieren.

Dann awer och dee Volet, wou d'Gemeng op d'Gestion locative sociale setzt, och déi gëtt weider ënnerstëtzt, weidergedriwwen an natierlech wäerte mer och kucken, wann et Piste ginn, fir méi punktuell Terrainen ze mobiliséieren, fir abordabele Wunnraum kënnen och dropzesetzen, nieft de Réserve-foncièren, déi mer kafen. Mir si gäre breet, parteiiwwergräifend doriwwer ze diskutéieren, wéi dat dann och ëmsetzbar ass, well bei all Projet muss jo dann och no der Ëmsetzbarkeet och gekuckt ginn.

En neien Akzent, dee mer och wëlle setzen, hei als Gemeng, dass mer och eng Ulafstell wëlle schafe fir eis Biergerinnen a Bierger am Kader vum, Wunnengsbau, mee net nëmmen, dass mer se wëllen effektiv besser orientéiere bei den administrativen Demarchen, déi se ze maachen hunn, souwuel um nationale Plang wéi awer och um kommunale Plang, wann et d'Demande ass fir Formulairen auszefëllen, wann et ass fir eng Rei Subsiden unzefroen, spezifesch natierlech am Wunnengsbau, mee awer och aner Aspekter. Ech mengen, dass een do als Gemeng engersäits jo d'Prozedure vereinfachen um Niveau vum Guichet unique, wann ee verschidde Saache wëll am Alldag ufroen, an op där anerer Säit wësse mer, dass et administrativ Meandere ginn, wou et fir d'Biergerinnen a Bierger net ëmmer evident ass, sech erëmzefannen. Do kann een als Gemeng Hëllefstellung ubidden, national an och lokal, fir dat méi koordinéiert an och méi visibel ze maachen, fir och eng besser Orientéierung de Bierger unzebidden. Dat hu mer mol och an de leschte Jore gemaach an verschiddene Secteuren an ech mengen, dass et einfach wichteg ass, och méi koordinéiert unzegoen an effektiv och eng Rei Leit, déi et nach ginn, effektiv och auszefëllen, fir do eng Ulafstell ze schafen, fir och do Froe kënnen opzefänken, respektiv kënne weider ze orientéieren, respektiv awer och kënnen administrativ ze hëllefen.

ËMWELT, ENERGIE AN NATURSCHUTZ

Dann de véierte Volet, den Environnement, de Klima, also Energie an och Naturschutz. Dir wësst alleguerten, dass klimatesch Enjeuen do sinn. Mir sinn an enger Klimakris, déi eng sinn sech kloer bewosst, dass mer an enger Klimakris sinn, anerer gesinn et manner oder verneinen et, mee op alle Fall kann ee vun dëser Plaz aus soen, et gëtt eng Klimakris an ech mengen, do ass dann och wichteg, déi néideg Akzenter kënnen ze setzen. Ech mengen an dësem Haus hu mer den Nohaltegkeetsmasterplang jo presentéiert mat enger ganzer Rei Mesuren, déi ze huele sinn an ech mengen, et ass dann och wichteg, deen Nohaltegkeetsmasterplang hei ëmzesetzen eeben op d'Echeance 2030.

Da mengen ech, kënne mer och um lokale Plang eng Rei Akzenter och setzen, um Niveau vun de Grénganlagen an eise Quartieren. Ech mengen, dat kënne mer och zesumme maache mat eisen Associatiounen, andeems mer och Sensibilislierungscampagnë maachen, fir och déi Schottergäert ëmzewandelen an Naturgäert. Ech mengen, et ass souwisou am Kader vun eisem PAG net méi méiglech, dat ze maachen, mee mir wëssen awer, dass mer der hunn, och do kann een Incentiffe ginn, fir effektiv méi naturno Gäert ze hunn, Begréngung vu Fassaden, Vegetalisatioun vun de Bushaltestellen, och do hu mer jo schonn Akzenter gesat, mer wëllen dat och weiderféieren, och um Niveau vun der Biodiversitéit an awer och mol esou Projet-pilotte ronderëm d'Tiny Forest, déi Forêt intraurbaine, wéi d'Fransousen dat soen, och do probéieren, dat ëmzesetzen.

Wat e ganz positiven Uklang fënnt, dat ass eis, Cité jardinière. Mir wëssen, well mir do d'Echoe kritt hunn, dass déi un d'Limitte gestouss och sinn an och do wëlle mer dat och ausweiden, awer och vläit en neie Projet aféieren, och kucken, ob deen Uklang fënnt. Mir wëssen, dass verschidde Leit net méi d'Méiglechkeet hunn, hir Gäert ze ënnerhalen an och do vläit en Appell maachen, ob do vu privat zu privat eng Méiglechkeet, besteet, eng Entraide ze hunn tëschent de Biergerinnen a Bierger, wou een deem anere säi Gaart ënnerhält. Ech mengen, virun allem mierke mer dat bei eelere Leit, well mer och scho mol esou Réckmeldunge kritt hunn, ech mengen, dass een do tëschent Biergerinnen a Bierger eng Hëllefstellung kann ubidden.

Dann natierlech, déi ganz Initiativë ronderëm de Gaspillage engersäits alimentaire, awer och ronderëm d'Decheten, och dat wëlle mer vermehrt ugoen, och méi kucken, ob d'Méiglechkeet ginn ass, och Poubellen opzestellen, méi am Kader vun engem Tri an eise Quartieren, och dat wëlle mer ophuelen, respektiv awer och déi Verflichtung vun de Green Events, déi mer als Gemeng organiséieren, och mat eise Veräiner, dass mer dat wëllen ëmsetzen.

Wann ee schwätzt iwwert Klimaschutz, Ëmweltschutz, da wëlle mer och natierlech net nëmmen den Incentif un eis Bierger ginn, fir déi matzehuelen, mee och eis Entreprisen, déi mer hei um Diddelenger Terrain hunn an och do, denke mer, vläit e Präis anzeféieren, fir grad deenen Entreprisen um Diddelenger Territoire e Präis ze ginn, wann se speziell Efforte maachen, dat heescht och gelinkt mat nationalen Efforten, mat nationale Virgaben awer och lokale Virgaben, fir och se domat eranzehuelen, ouni awer do eis Schoulen, eis Maison Relaisen an och eis Biergerinnen a Bierger ausser Uecht ze loossen. Mä mir kommen aus enger Kris eraus, aus zwou Krisen eraus, engersäits, aus enger Pandemie ronderëm Covid19, awer och ronderëm déi Kris ronderëm de Krich an der Ukrain, an et ass natierlech déi ganz Thematik vun der Resilienz, déi sinn in aller Munde, respektiv vun der energeetescher Sobrietéit an ech mengen, also et ass wichteg, dass mer als Gemeng eis méi erprobt weisen, fir weider Krisen ze bewältegen, dass mer eis och do déi néideg Moyene ginn, déi néideg Instrumenter ginn.

Do wëlle mer och e Plang opsetzen, fir net nëmmen à court terme, mee à moyen et à long terme eis do och, wéi gesot, méi ze stäerken. An ech mengen, et weist jo een, dat hutt Dir jo och gesinn, dës Lescht, och an der Press, mee dat meete mer och hei zu Diddeleng, dat ass och um Niveau zum Beispill vun de Baugeneemegunge ronderëm d'Fotovoltaikanlage bei Privatleit, eeben och duerch d'Incentiffen, déi gi ginn duerch Subsiden, dass dat zouhëlt, sech onofhängeg ze maachen. An ech mengen, dass et och wichteg ass, als Gemeng dat ze ënnerstëtzen, ob dat elo bei de Privatdiecher ass, awer och als Gemeng, wa mer Neibaute maachen, dass mer do verstäerkt kucken, dass mer do och Fotovoltaik mat eranhuelen an awer och déi Moduller kucken, dass mer och iwwer Form, zum Beispill vun enger Kooperativ oder iwwer Biergerbedeelegung eis Diech vun der Gemeng zur Verfügung stellen, wou sech dann och d'Biergerinnen an d'Bierger kënne mat bedeelegen.

ENSEIGNEMENT AN NON-FORMAL BILDUNG

Dann de fënnefte Punkt, alles wat den Enseignement ugeet, respektiv d'Structure-d'accueillen, ech mengen, et ass gewosst, dass mer hei zu Diddeleng Quartiersschoulen hunn, déi eng, déi méi modern sinn, déi aner, déi historesche Charakter hunn. Ech mengen, dass dat e ganz, ganz flotten Aspekt ass, well dat och all Schoul an och all Quartier eng gewëssen Identitéit gëtt. An ech mengen, den Challenge hei ass och, déi Qualitéit, déi mer och do hunn, weider héichzehalen, duerch Invester, déi mer maachen an eis Schoulen, Infrastrukturen. Ech mengen, dass dat eng Politik ass, déi mer hei déi lescht Jore konsequent duerchgezunn hunn an déi mer och déi nächst sechs Joer gäre wëlle maachen, well och déi Quartiersschoulen sech am Kader vun der Proximitéit eeben och ganz kloer abetten an dofir wëlle mer och nieft der Stad Diddeleng, déi weider wiisst a mir mierke jo och, dass et och e Wiessel gëtt an eisen Quartieren, wou och jonk Familljen sech hei zu Diddeleng usidelen.
Dat bréngt natierlech och nei Erausfuerderungen an eise Quartiersschoulen an awer och an eise Structure-d'accueillen engersäits wëlle mer weider moderniséieren, awer och weider ausbauen. Ech mengen, dat ass den Challenge, an deem ee sech befënnt. A wat do virdru steet, dat ass natierlech um Niveau vum Däich respektiv vu Butschebuerg, souwuel d'École fondamentale wéi awer och d'Maison Relais, déi och do mussen ausgebaut ginn.

D'Schoul zu Balzeng, am Bierenger Quartier, do gëtt eng nei, Schoul gebaut, integrativ, mat Maison Relais an och en neien Hall sportif. Ech mengen och dat duerch déi Projeten, wou nei Wunnengsbauprojeten entstinn, dat bréngt natierlech och mat sech, dass natierlech och do nei Schoule musse gebaut ginn an natierlech à court terme, dat ass jo éischter à court terme, bon, à moyen a long an natierlech och déi Schoulplangen op Neischmelz, och dat fänke mer an dëser Legislaturperiod un, wéi gesot, déi Aarbechte wäerten eis och do weider op d'Trapp halen. Wat um Punkt ass, fäerdeg gestallt ze ginn, mam Timing op 2024, dat ass engersäits um Strutzbierg, wou den neie Complexe sportif fäerdeg wäert gestallt ginn, awer och Aarbechten, déi amgaange sinn, d'Containere si schonn do, dat ass am Quartier Brill.

Natierlech wëlle mer weider d'Schoulhäff amenagéieren, Naturspillplaze maachen, souwuel am Wolkeschdall wéi Strutzbierg, och dat wäerte mer wëllen duerchzéien, awer och am neie Quartier, deen entsteet, A Bëlleg, och do hu mer nei Gegebenheeten, nei Méiglechkeeten, déi sech bidden, och déi wëlle mer notzen, wéi awer och déi sougenannte Classes vertes, déi mer och méi wëlle pushen an awer och an där ganzer Approche och Kanner, déi méi spezifesch Besoinen hunn, mat ze integréieren an dee ganze Vivre ensemble. Dat maache mer als Gemeng net eleng, mee och zesumme mam Léierpersonal an och mam edukative Personal.

Dann natierlech d'Weiderféiere vun der Wildnis-Pädagogik. Och dat ass e ganz wichtegen Aspekt, positiv Elementer, mee och do vläit en neie Projet, wou mer wëllen ëmsetzen, net aleng, mee mat Partner aus dem soziale Secteur, dass mer éischter an déi Richtung gi vun engem pedagogesche Bauerenhaff, wou och eise jéngste Matbiergerinnen a Matbierger kann zeguttkommen. A wann ech virdrun iwwer d'Schoul geschwat hunn, natierlech och do ronderëm de Séchere Schoulwee an och de Pedibus, wou mer och Encadrante wäerten astellen, déi forméiert ginn, fir dat kënnen ze assuréieren.

A wann ech iwwer d'Ecole fondamentale schwätzen, wann ech och iwwert eis Maison Relaise schwätzen an déi Challengen, déi do bestinn, mengen ech, hu mer och déi Chance als Stad Diddeleng, dass mer eng Lycéesstad sinn, wou awer iwwert siwwenzénghonnert Schülerinnen a Schülerinnen am Alldag hei sinn, och do gëllt et mam Lycée Nic. Biever, mat deem mer exzellent Bezéiungen hunn, och déi weider oprechtzehalen, fir och do weider flott Projete mat hinne kënnen ëmzesetzen. Ech mengen, dass dat och eng Plus-value ass fir d'Gemeng an och fir de Lycée.

FAMILL, JUGEND A SENIOREN

Diddeleng ass eng Familljestad, ass eng familljefrëndlech Stad. D'Familllje fillen sech hei wuel. A wann d'Familllje sech hei wuel fillen, dat heescht och, dass Diddeleng

eng sécher Stad ass, well wann se onsécher wär, da géife jonk Famille sech net hei wëllen usidelen. An natierlech, och hei ass et wichteg, de Besoine vun de Famille kënnen nozekommen, an och do d'Strukture schafen. Eng nei Gemengecrèche am Quartier A Bëlleg wäerte mer wëlle baue loossen an a Betrib behuelen, awer och am Quartier Neischmelz, respektiv, wann nei Projeten entstinn, do wäerte mer och natierlech kucken, fir do d'Gemengecrèchen ëmzesetzen an awer och Ausschau halen, dass mer dee Projet vun der Bëschcrèche an der Waldschoul ëmsetzen an och d'Aen ophalen, fir weider Opportunitéite fir kommunal Strukturen.

Dann eng Iwwerleeung, déi agefloss ass, och, dass mer probéieren, eng iwwerdeckte Spillplaz hei zu Diddeleng ze schafen, déi am Fong Four-seasons ass, wou ee Summer wéi Wanter sech kann ophalen, awer och wëllen Espace hu fir Wéckeldëscher, respektiv och fir ze nieren. Ech mengen, mir hu viru Kuerzem um Wolkeschdall eng nei Spillplaz ageweit, do hu mer dat ëmgesat mat eise Gemengeservicer an ech mengen, dass dat Akzenter sinn, déi ee setze kann an déi och effektiv Uklang fannen op anere Projeten.

Dann natierlech, wann ee vun deene ganz Klengen op déi Jugendlech kënnt, do ass et wichteg, nieft der Zesummenaarbecht mam Jugendhaus och nei Plazen ze schafe fir déi Jugendlech. Engersäits op Neischmelz, wou mer e Jugendzenter schafen, awer bis dohin och d'Geleeënheet wëllen notzen, fir eng Rei Plattforme fir den Austausch, fir Echangë mat deene Jonken, awer och mat de Studenten. Ech mengen, dass dat wichteg ass an dat kann natierlech och seng Plaz fannen an engem Jugendkommunalplang, deen een ausschafft a wou mer natierlech och déi aktiv Jonk kënnen do e Rôle mat iwwerhuelen an natierlech do och kulturell Aktivitéite kënne stattfannen, mee net nëmmen. Och do kann d'Kreativitéit vun deene Jonke mat erageholl ginn.

Ech hat virdru gesot, dass déi Projeten, déi mer wëllen ëmsetzen, dass déi generatiounsiwwergräifend sinn, do feelen natierlech d'Senioren net. Och, mat hinne wëlle mer eng Plattform schafen, e Gremium schafen, wou mer eis mat hinnen och austauschen, esou e bëssen, wéi mer dat beim Kannergemengerot maachen oder mam Jugendgemengerot, respektiv awer och Biergerbedeelegung mat deenen Erwuessenen, awer och méi spezifesch op d'Senioren orientéiert, well och do spezifesch Besoine sinn. Och dat wëlle mer ganz kloer förderen, dass mer esou e Gremium schafen an awer och international Projete wëllen ëmsetzen, mat alleguerten den Acteuren, déi do ronderëm aktiv sinn. Do gouf et schonn a rezenter Vergaangenheet eng Rei Initiativen an ech mengen, dass et gëllt, déi weider auszeféieren.

Dann, d'Sozialpolitik, dat ass de siwente Volet. Aarbechtspolitik an Egalité des chances. D'Sozialpolitik zu Diddeleng wëlle mer gär transversal ugoen. Mir maachen do keng eidel Verspriechen. Do ass an deene leschte Jore ganz vill gemaach ginn, de Kampf géint Aarmut, géint d'Prekaritéit. Ech mengen, do kënne mer um lokale Plang kloer awierken duerch déi Servicer, déi mer hunn, d'Gemengeservicer respektiv awer och de Service Emploi, a ganz kloer, Mënschen, déi a schwierege Liewenssituatioune sinn, déi si fir eis hei zu Diddeleng eng Prioritéit, déi wëlle mer och ganz kloer ënnerstëtzen an dofir wëlle mer e sougenannte Plan de cohésion sociale schafen, dat ass en Instrument fir och konkreet Mesuren ëmzesetzen, déi aneschters gräifen, wou och eis Servicer koordinéiert effektiv kënnen zesummeschaffen. A wann ee seet e Plan de cohésion sociale, kann dat sinn um Niveau vum Emploi, um Niveau vun der Ausbildung, vun der Bildung, vun der Santé, vum Logement an och vun der Kultur.

Dat ass iwwergräifend an och transversal, wou ee sech do kann Elementer och ginn. An ech mengen, esou ee Plang kann och ëmgesat ginn - an ech mengen, och dat ass e Bestriewen, och en neie Moment - de Plan de cohésion sociale ass en neie Moment, mee et ass awer och en neie Moment, dass mer méi verstäerkt mam LISER, wat e Centre de recherche public ass, en Observatoire social wëlle grënnen, wou een och déi sozioekonomesch Donnéeën iwwer Diddeleng ka sammelen an analyséieren, an déi och Nidderschrëft kënne fannen an deem Plan de cohésion sociale, wou een hei natierlech herno iwwer Instrumenter Mesurë sech gëtt, fir och dorunner ze schaffen, mat eise Gemengeservicer an och mam Office social, also e bësse méi Makro, Meso an herno och Mikro. Ech mengen, dass dat déi dräi Niveaue sinn, un deenen een effektiv och un der Sozialpolitik hei zu Diddeleng kloer schaffe kann. Ganz konkreet awer och eise Service local pour l'emploi.

Ech mengen, mir sinn déi eenzeg Gemeng, déi hei zu Lëtzebuerg sou e Service huet. Et gëllt et awer och, um nationale Plang, bei Foiren, deen ze huelen, Foiren och ze organiséieren, wou bestäerkt och gëtt, dass mer mat den Entreprisen zesummeschaffen, mam Handwierk hei zu Diddeleng zesummeschaffen an och do de Leit kënne vermëttelen, dass mer do och eng Zesummenaarbecht wëllen hunn, respektiv awer och mat de Geschäftsleit fir Stage-d'immersionen.

Dass een do um lokale Plang eng Rei Initiative weider huele kann an awer och, mengen ech, och do d'Mënschen, d'Leit stäerke kann, an deem Sinn, andeems een hinnen awer och eng Rei Informatiounen ubitt, déi natierlech am Spektrum sech ofhale vun der Gemeng an do kënnen natierlech engersäits Sproochen, Coursen, respektiv awer och Informatikscoursen e ganz wichtege Baustee si fir déi Leit, déi an e bësse méi schwierege Situatioune sinn, ze stäerken, fir d'Mënschen ze stäerken, effektiv, och d'Erausfuerderungen, déi haut an der Aarbechtswelt sinn, vun enger méi verstäerkter Digitalisatioun, fir se och do kënne méi fit ze maachen an awer och de Sproochgebrauch kënnen ze notzen, mee wa mer dat mat Entreprisë wëlle maachen, mat Handwierk wëlle maachen, mat, Geschäftsleit wëlle maachen, mengen ech, ass et awer och wichteg, dass mer eis als Gemeng selwer an d'Responsabilitéit huelen. Dat hu mer all déi Jore gemeet, dat wëlle mer och weidermaachen, andeems mer och Jonke Léierplazen hei ubidden an eise Servicer, dass mer och weider Stagiairen huelen, déi an der Ausbildung sinn, ech mengen, och do kann eng Gemeng och ganz kloer hire Bäitrag dozou leeschten.

Wa mer bei der Économie sociale et solidaire sinn, wou mer och hei ofdecken, wëlle mer och e Repair Shop, e Second-Hand-Shop hei zu Diddeleng an d'Liewe ruffen

an och do déi Leit, déi an e bësse méi schwierege Situatioune sinn, och mat bäihuelen.

CHANCËGLÄICHHEET

Chancëgerechtegkeet, bei enger Sozialpolitik ass dat och e ganz, ganz, wichtegen Aspekt. Mir haten hei den Plan d'action, virgestallt, virun eng ganz Rei Méint, mat honnerteelef Mesuren. Elo ass et wichteg, dass mer déi Mesuren och hei zesummen ëmsetzen, mat eise Gemengeservicer, mat de Biergerinnen an de Bierger, an ech mengen, dass et och do wichteg ass, eng Politik ze maachen, wou alleguerten d'Matbiergerinnen a Matbierger sech kënne bedeelegen, am Respekt, och do hu rezenterweis Initiative gewisen, dass net ëmmer déi néideg Akzeptanz nach do ass um Niveau vum Vivre ensemble, an dofir war et eis och wichteg, dass mer e Lieu de rencontre schafe fir eis LGBTQ+ Communautéit. Ech mengen, och dat ass e feste Bestanddeel vun eiser Communautéit hei zu Diddeleng a wa mer iwwer de Vivre ensemble schwätzen, au sens large, ass et och wichteg, géint déi Stereotyppen a Prejugéë weider virzegoen. Si sinn nach ëmmer do, si sinn nach ëmmer fest verankert, si si present an eiser Gesellschaft an och do kënne mer als Gemeng, mengen ech, eis déi néideg Instrumenter ginn, fir un deem doten Challenge weiderzeschaffen, en vue vu méi Respekt an en vue vu méi Akzeptanz.

Dann, um Niveau vun der Diversitéit, fir dobäi ze bleiwen, mir hate virdru ugesot, mir hunn 109 verschidden Nationalitéiten, de Pacte national du Vivre ensemble, ech mengen, och deem wëlle mer bäitrieden an awer, och wa mer virdrun Diversitéit schwätzen um Niveau vun deene verschiddene Communautéiten, déi hei zu Diddeleng liewen, wësse mer, dass Diddeleng eng Migratiounsstad ass. Mir hunn déi Chance, de Centre de documentation sur les migrations humaines ze hunn, dee ganz vill an de Recherchen an och an der Dokumentatioun täteg ass, mee hunn d'Migratioun ëmmer als Räichtum gesinn, als eng Beräicherung gesinn an net als eng Gefor fir eis Gesellschaft. Dat ass e ganz klore Statement, dee vun der Stad Diddeleng ausgeet. An du wëlle mer vläicht e Schratt méi wäit goen, virun allem mam Centre Doc an och mat der Uni Lëtzebuerg ze préiwen, wéi wäit et méiglech ass, e Léierstull fir Migratioun effektiv anzeféieren, do géife mer och erëm als Stad Diddeleng eng Virreiderroll spillen, vu dass mer iwwer d'Migratioun säit 1995 institutionell och probéieren ze recherchéieren. Am Joer 1995 ass jo de Centre de documentation sur les migrations humaines gegrënnt ginn am Kader vun der Kulturhaaptstad. Dat war e bëssen de sprangende Punkt, fir deen ze kreéieren an ech mengen, dass mer haut hei prett sinn, fir e Schratt méi wäit ze goen, fir dann iwwert eng Chaire sur les phénomènes migratoires kënnen och nozedenken.

Da wëlle mer natierlech d'Initiativen ewéi de Service Ensemble weider och ënnerstëtzen, well déi ganz vill Aarbecht maachen um Niveau vum Vivre ensemble an natierlech och Coursë weider wäerte féieren, also Sproochecoursen, Alphabetisatioun a wéi gesot de'Informatikcoursen, ech hat dat virdru scho gesot.

WIRTSCHAFT AN HANDEL

Dann den aachte Volet, Wirtschaft an Handel, och dat ass e wichtege Pilier an eiser Stad, um lokale Plang, um regionale Plang an um nationale Plang, an do si mer natierlech och un déi national Acteuren ugewisen. Ech mengen, mir hunn eis Standbee ginn déi lescht Joren um Niveau vun der Logistik mam CFL-Multimodal a mam Eurohub awer och um Niveau vum Gesondheetsberäich mam LNS a mat der IBBL. Mir hunn natierlech och Startuppen eng Visibilitéit ginn, wierklech eng Pepinière fir Talenter ass den Innovation Hub, wou jo mat Luxinnovation a mam Technoport, wéi gesot, ënnerstëtzt ginn. Also, wierklech si mer do um nationale Plang Player. Bon, ech mengen, deen nächsten Challenge, dee virun der Dier steet, dat ass bei Koibestraachen, wat jo eng national Zon ass, wou effektiv de Wirtschaftsministère an de Finanzministère drop sinn, fir do e Parc technologique, Startuppen, Handwierksbetriber, respektiv mëttelstänneg Betriber, fir do eng Zon, eng Zone d'excellence, eng Zone technologique kënnen ze entwéckelen a mir da probéieren, eis och mat anzeklinke fir eng kommunal Zon och kënnen ze kreéieren. Natierlech geet dat nëmmen andeems mer och Iwwerzeegungsaarbecht leeschten, Staat a Gemeng zesumme bei de private Proprietairen, fir dass se dann och hir Terrainen zur Verfügung stellen, net nëmme fir Logement, mee och fir wirtschaftlech Entwécklung. Ech mengen och dat bleift, wéi gesot, en Challenge. An awer, wäerte mer zesummen dorunner schaffen, dass déi Projeten eng Realitéit an och, mengen ech, dat am Dialog probéieren ze iwwerzeegen.

Dann, e ganz, ganz flotte Projet, deen amgaangen ass, dat ass natierlech e PAP, dat ass de Greisendall, wou e private Proprietär d'Volontéit huet fir Handwierksbetriber, Startuppen a kleng Entreprisë wëllen unzesidelen, dee mer och guidéieren, deen och wëll vun der Stad Diddeleng ënnerstëtzt ginn, an och dat maache mer nieft den Antennen, déi Bureau-Satellitten, déi do scho sur place sinn. Och dat war eng Volontéit vun der Gemeng, wou och vun deem private Proprietär ëmgesat gouf an och hei wäerte mer am Dialog probéieren, och do dee wirtschaftlechen Pilier weiderzeentwéckelen. En neie Moment, wat mer de Moment zu Diddeleng och nach net hunn, ass eeben dass mer och kucken, dass mer Co-working spaces schafen, wou effektiv dann och Jonker sech kënnen och hei zu Diddeleng usidelen an och schaffen. An ech mengen, och dat ass e wichtegen Aspekt, fir nei Aarbechtsopportunitéiten ze ginn.

Ech hat virdru vun eiser Geschäftswelt geschwat, déi mer och weider wëllen ënnerstëtzen, de Commerce de proximité. Do hu mer eis eng ganz Strategie déi lescht Joren och ginn, sief dat iwwert d'Ulounen an d'Weiderverloune vu Geschäftslokaler, iwwer d'Pop-up-Storen, an ech mengen awer och méi vermehrt, déi Volontéit, Promotioun vun Diddeleng ze maachen nieft de Geschäfter, nieft de kulturellen Aspekter, nieft de gastronomeschen Aspekter, dass mer dat gebündelt och kucken. Ech mengen, och do kënne mer um Standuert Politik och maachen, net nëmme lokal mee och regional an national. Ech mengen, dass do eng Rei Initiative geholl goufen, dass mer déi och wëlle weiderféieren an et awer och wichteg ass, de Stadkär weider ze animéieren an awer och hei ze kucken, dass déi Dynamik, déi mer

och hu mat deene flotten Terrain, mat där Konvivialitéit, déi mer am Stadkär hunn, dass mer och déi wäerte wëlle weiderféiere mat de Geschäftsleit an awer och mam Geschäftsverband, well dat eise privilegiéierte Partner ass. An déi Diskussiounen, déi mer ronn, hunn ronderëm Geschäftswelt.

SPORT, VERÄINSLIEWEN A BENEVOLAT

Dann, den néngte Volet, de Sport, d'Veräinsliewen an de Benevolat. Diddeleng ass eng Stad, eng Sportsstad par excellence an eng Stad, déi e ganz, ganz staark an engagéiert Veräinsliewen huet beim Sport, natierlech Sport, wou jiddereen sech bedeelege kann, Sport, deen inklusiv, ass, Sport, deen inklusive Charakter huet, ech mengen, dass dat e wichtegen Aspekt, dass dofir brauchen engersäits, modern Infrastrukturen, déi hu mer, déi baue mer aus, respektiv, awer och engagéiert Clibb an och Veräiner.

Engersäits wäerte mer de nächst Legislaturperiod de Projet ëmsetzen, modern Sportsinfrastrukturen vun der Indoorhal fir den CAD, respektiv nei Anlage fir den Tennis um Stade John F. Kennedy, an awer och deelweis de Projet vum neien Terrain um Stade Mayer. Och do si mer an Diskussioune mat de Proprietairen, fir och do nei Sportsinfrastrukturen um Niveau vum Fussball ze schaffen, wëssend awer, dass dat eng länger Zäit wäert an Usproch huelen. Dofir wëlle mer och an déi besteeënd Infrastrukture investéieren, dofir natierlech och um Stade Nosbaum engersäits, wou mer d'Gradine bausse wëlle renovéieren, awer och eng nei Buvette, respektiv en Openthaltsraum fir den F91 ariichten. An da wëlle mer natierlech och weiderféieren, de Projet vum Complexe sportif um Strutzbierg, wat net nëmmen der Schoul zegutt kënnt, mee och de Veräiner. Ech mengen, dass dat ganz flott Projete ginn.

An dann awer och méi kleng Projeten, et brauchen een net ëmmer grouss Infrastrukture fir d'Veräiner. Déi si scho wichteg, fir dass d'Veräiner gutt Konditiounen hunn, fir kënnen ze trainéieren, awer och rëm zesummen, mat der Natur- a Forstverwaltung e Parcours Fitness wëllen aféieren, ech mengen, dass ganz, ganz flott ass, oder och eng Kletterstruktur baussen. Mir hunn eng bannen am Hartmann, mee mir wëllen awer och drun denken, eng bausse kënnen ze amenagéieren an dann awer dann och kucken, awéifern et méiglech ass, dass Kanner an engem gewëssenen Alter, ech mengen, manner wéi dräizéng Joer, vläicht och gratis Accès kréien an d'Schwämm, respektiv, iwwer aner Modalitéiten och nodenken, vun enger Nocturne an eiser Schwämm, wéi gesot, esouwuel déi iwwerdeckte wéi och déi dobaussen. Ech mengen, dat si Modalitéiten, déi een och préiwe kann.

Wann een natierlech eng Rei Aktivitéiten am Sport ugeet, ass et natierlech och wichteg, dat gebündelt ze kucken an, ech mengen et si jo déi Projete lancéiert ginn, och vum Sportsministère, fir dass Sportscoordinateuren sech kënnen hei unzesidelen, och esou ee wëlle mer astellen, deen natierlech och méi déi Koordinatioun tëschent de Sportsveräiner ka maachen an och vun Initiativen um Niveau vun der Sportswelt, deen och do den Dialog ka maachen, deen do e Rôle pivot och ka spillen. Ech mengen, mir hunn de Service des sports, dee ganz vill a ganz gutt a Kontakt ass, mee hei als Sportsstad ginn et sécherlech Méiglechkeeten, nach e Schratt méi wäit ze goen an ech mengen, och do kann een e Sportspass aféieren, fir effektiv zu engem preferenziellen Tariff un Diddelenger Sportseventer kënnen deelzehuelen. Och dat ass eng Iddi, déi effektiv esou e Sportscoordinateur kéint ëmsetzen, mee awer mengen ech, wann een eng Sportswelt huet, wou natierlech och e Verschläiss ass u Sportskleedung, ech mengen, dat fënnt ganz vill Uklang am Ausland a lues a lues och hei zu Lëtzebuerg, dass een awer och esou en Occasiounsmaart fir Sportskleeder ka schafen. Ech mengen, dass dat och e ganz, ganz wichtegen Aspekt ass.

Gëschter Owend hate mer d'Ovation des Champions. Eis Diddelenger Veräiner sinn eis Ambassadeuren, eis Sportsveräiner an eis Veräiner au sens large. Mir wëssen awer och, dass eis Ambassadeuren oft um europäesche Parquet täteg sinn. Dat huet natierlech och mat ganz vill Fraisen ze dinn an och hei wëlle mer - dat hu mer schonn déi lescht Legislaturperiod gemeet - dass mer d'Subside gehéicht hunn. Mir wëllen nach eng Kéier driwwer nodenken, fir d'Subsiden nach eng Kéier ze héije fir der Sportswelt effektiv zeguttzekommen an natierlech och kucken, dass mer vermehrt och Sportsveräiner entgéintkommen, déi och Efforte maachen am Kader vun der Integratioun duerch de Sport, dass mer och dat wëlle ganz kloer honoréieren.

Eis Veräiner, déi natierlech zu eiser sozialer Kohäsioun bäidroen, déi si ganz aktiv, déi si ganz engagéiert. Mir wëssen awer och, dass eis Veräiner insgesamt - och am Benevolat - un hir Limitte kommen. Mir wëssen och, dass se sech och sech neie Gesetzgeebunge mussen, ënnerleeën, en neit ASBL-Gesetz, dat kënnt, mee awer och generell am Alldag, mengen ech, eng Rei Erausfuerderungen hunn an dofir wëlle mer och als Gemeng higoen an eng sougenannte Maison des associations wëllen an d'Liewe ruffen, wou mer eise Veräiner probéiere redaktionell, respektiv organisatoresch wëllen ënner d'Äerm gräifen, och do kucken, a wéi enger Form Leit zur Verfügung stellen, déi hinne kënnen e bëssen hëllefen, alleguerten eise Veräiner awer och, wann se mol deen oder deen anere juristesche Rot brauchen, well och deen Challenge ëmmer méi grouss gëtt, dass mer och do iwwer déi Maisons des associations dat och wëllen ofwéckelen, well eis Veräiner sti viru villen Erausfuerderungen a wa mer de Benevolat gär weider wëllen ënnerstëtzen, mengen ech, ass dat en Element, dat mer kënnen och mat erabréngen. Sou wéi et och am logistesche Beräich eng Hëllef ka sinn, wa mer eng Wäschkichen, effektiv eng Buanderie an d'Liewe ruffe fir eis Veräiner, an dat natierlech gekoppelt mat engem Acteur aus dem soziale Beräich. Ech mengen, dass do, wéi gesot, eis Veräiner kënnen och op eis Solidaritéit zielen.

Da gëllt et awer och, eise Veräiner a Lokalitéiten zur Verfügung ze stellen, andeems een och nei Lokalitéite schaaft. Ech mengen, eng, déi fäerdeg ass, ass eisen neien Hall polyvalent an der Beetebuerger Strooss, dee jo schonn ab September ka genotzt ginn an dee jo scho vu ganz ville Veräiner genotzt gëtt, mee awer och déi besteeënd Lokalitéiten, déi der Gemeng gehéieren, wël-

le mer moderniséieren. Dat gëllt natierlech och fir de Centre Hild, och dee wëlle mer e bësse méi wéi nëmmen - wann een den engleschen Term hëlt - oppimpen, mee wou mer wierklech wëlle moderniséieren, well dat ganz wichteg ass, well dee ganz vill genotzt gëtt. Mir wëllen awer och eng sougenannte Salle communautaire am Quartier A Bëlleg an d'Liewen ruffen.

Dann, virdrun hunn ech gesot, d'Benevolat stéisst u seng Limitten, et ass wichteg, dass och eis Veräiner Benevollen hunn, an et mierkt een an der Diskussioun, dass een ëmmer méi Benevolle fënnt fir punktuell Aktivitéiten a manner Benevolle fir awer sech méi ze engagéieren, och am Comité, mee vläit, wa mer do als Gemeng de Lead huelen an och eng Foire organiséieren, fir de Benevolat ze ënnerstëtzen, awer och fir de Veräiner eng Visibilitéit ze ginn, wou d'Veräiner visibel sinn a wou och déi Benevole kënne mat de Veräiner a Kontakt kommen, ob dat elo Diddelenger Biergerinnen a Bierger sinn, awer och, wéi gesot, Biergerinnen a Bierger vun aus anere Gemengen, wann déi sech gären zu Diddeleng wëllen am Benevolat engagéieren, dann ass dat net onwichteg, dass mir Plattforme schafen als Gemeng, wou déi zwee sech kënnen och begéinen a wou och potenziell Benevoller sech kënnen dann och an de Veräiner engagéieren, wann se drun intresséiert sinn. Ech mengen, dass een esou Incentiffer als Gemeng schafe kann a wa mer als Gemeng selwer Manifestatiounen organiséiere mam Label Green Events a wa mer och eis Veräiner wëlle mathuelen, fir dass se och dee Label kréien, ass et och wichteg, dass mer als, Gemeng eis Veräiner och bei deem dote Volet ganz kloer mat ënnerstëtzen.

Dann, kënnt nach deen nächsten Volet och vun eise Veräiner. Domat géif ech ofschléissen, well et och zum soziale Liewe vun der Gemeng gehéiert. Mir hunn an der Le'h esouwuel d'Déierenasyl wéi och d'Wëlldéierestatioun, déi amgaange sinn, och moderniséiert ze ginn, an och do ass et wichteg, um Niveau vun deem dote Veräinsliewen déi néideg Ënnerstëtzung ze ginn.

Mee wann een och kuckt am Veräinsliewen, am soziale Liewe vun der Gemeng, ass et och da wichteg, fir eis Déieren op véier Patten, oder och wann se e bësse manner hunn, dass mer och – an am Quartier hu mer se schonn – dass mer eng Spillwiss hu fir Déieren, fir Hënn, dass mer weider Ausschau wëllen halen, fir dann – an dat fënnt ëmmer méi Uklang – en Déierekierfecht, respektiv eng Streewiss fir Déieren, dass mer och iwwer déi Modalitéiten nodenken, fir eng Kéier déi och kënnen anzeféieren.

KULTUR AN TOURISMUS

Dann den zéngte Punkt, Kultur an Tourismus. Diddeleng ass eng Kulturstad par excellence, iwwer déi lescht drësseg Joer ass dat konsequent ausgebaut ginn, eng Kulturpolitik, déi accessibel ass fir jiddwereen. Ech mengen och dat, op déi Akzenter hu mer hei gesat an um Niveau vun der Kultur aus der Kulturhaaptstad eraus, mee awer net nëmmen, well mer och do scho virdru ganz kloer Akzenter gesat hunn, wëlle mer e Kulturentwécklungsplang an d'Liewe ruffen, dee mer dann och hei wëllen ausbauen an och déi néideg Instrumenter a Mesurë ginn, fir dee kënnen an der Realitéit ëmzesetzen an awer och nohalteg eis kulturell Aktivitéiten ëmsetzen. Nieft deene groussen Eventer, déi mer hunn, wéi eng Fête de la musique wéi en Usina, déi mer wëlle weiderféieren, nieft de kulturellen Aktivitéiten, déi an engem VEWA kënne stattfannen, wou mer jo och ganz vill ëffentlech Suen an de Grapp geholl hunn, fir dat Gebai ze renovéieren, wëlle mer och Themenowenter aféieren iwwert Lëtzebuerger, Diddelenger, Auteuren, respektiv, Artisten.

Ech mengen, dass och dat en neie Moment ass, an awer och, wa mer eis engersäits professionaliséiere mat eise Konschtgalerien, déi mer hunn, mat eisem Centre culturel et régional opderschmelz, wëlle mer awer och ganz kloer méi jonke Kënschtlerinnen a Kënschtler oder déi, déi méi am Beräich vum Amateur sinn, och deenen d'Méiglechkeet ginn, hir Ausstellung kënnen ze organiséieren. Ech mengen, dass dat och e flotte Moment ka sinn.

Wann ech iwwer d'Kultur schwätzen, ass dat awer och iwwer Kultur, Konscht, ech mengen, do hu mer och eng regional Musekksschoul, en Departement de danse, deen agefouert gouf, dee ganz vill Succès och huet an do wäerte mer och un enger Annex schaffe vun der regionaler Musekksschoul am Kader vum Projet Neischmelz, souwéi och natierlech deen nationale Projet vum Kulturministère, fir effektiv den nationalen Zenter fir déi ëffentlech Kollektioune vun de Lëtzebuerger Artisten hei unzesidelen, dass mer och deem natierlech wäerte mat Nodrock hëllefen, fir dass deen hei kann och Nidderschréft fannen, well wa mer dat maachen, da valoriséiere mer net nëmmen d'Kultur, mee awer och weider eisen industrielle Patrimoine souwéi mer dat och scho mam VEWA an och scho mam Lokomotiv-Atelier gemeet, hunn.

Kultur an Tourismus, déi leien och no beieneen. De Centre culturel opderschmelz ass an deene leschte Jore ganz vill och genotzt gi fir de Kongress Tourismus, nieft deene kulturellen Eventer, déi do stattfannen. Et gëllt, och dat weiderzefërderen, opderschmelz, an awer och erëm do méi am Verbond och ze kucken, de Kongress Tourismus an awer och déi Aktivitéiten, déi stattfannen op Neischmelz, respektiv, mam Floater, dee ganz vill ausgebucht ass, respektiv awer och d'Ausweidung vun der Dumping Station am Quartier Italien. An awer och mat der Planung vum Hotel. Ech mengen, dass mer do déi touristesch Kaart vermehrt hei zu Diddeleng ausspille kënnen, wéi dat de Moment och de Fall ass, an och dat méi koordinéiert wëllen ugoen, och mat de staatlechen Acteuren, fir dat Potential do - an Diddeleng ass eng Stad mat Potential - fir dat Potential do nach weider kënnen auszeschöpfen.

Dat maache mer mat nationalen Acteuren, och am Verbund mat de regionalen Acteuren, wann een do bedenkt, dass mer jo den UNESCO-Label hunn, mat Man and the Biosphere, fir dass mer och do respektiv kënne weider dru schaffen, och mam ORT Süden an awer och ëmmer de Bléck halen, och dat ass en Deel vum Tourismus, mam Jumelage a mat eise Gemengen, wou mer jumeléiert sinn an och vläit mol d'Iddi do aféieren, Kontakter ophuelen, dass mer, firwat och net, e Jumelage bei enger ukrainescher Stad wëllen ugoen, fir och do déi néideg, Enseignementer kënnen ze maachen, well

och deelweis aner Realitéiten och sinn, wéi mat deene klassesche Jumelagen, déi mer hunn, an déi mer bis elo och gefleegt hunn.

ËFFENTLECH GESONDHEET AN ËFFENTLECH SÉCHERHEET

Dann den eelefte Punkt, d'Santé publique an d'ëffentlech Sécherheet, um Niveau vun der Santé publique ass d'Noversuergung vun der Medezin e ganz, ganz wichtegen Aspekt. Déi Couverture médicale de base, déi ass de Moment assuréiert iwwer d'Poliklinik, déi jo vum CHEM geréiert gëtt, an ech mengen, dass et wichteg ass, och am Kader vum Bau vum Südspidol, dass mer dat och weider oprechterhalen, och kucken, an deem doten Aspekt, ob eng Extensioun vum Extra-Hospitalier méiglech ass. Dat maache mer net eleng, dat maache mer zesumme mam CHEM a mam Gesondheetsministère, mee ech mengen och, dass déi Servicer, déi do am Moment ugebuede ginn, ganz gutt ukommen. Sécherlech kënnen déi nach méi visibel gemaach ginn an awer och dee Projet, deen ëmmer eng Realitéit nach ass, eng regional Struktur mat der ALA, dass mer déi hei fir de Süde konnten och usidelen a wann een un déi Grondversuergung, un d'Médecine de proximité, denkt, do ginn et eng Rei Synergien, déi een huelen och kann, zesumme mam Gesondheetsministère, fir Gemeinschaftspraxen och hei zu Diddeleng unzesidelen. Et gëtt schonn déi eng oder déi aner, mee ech mengen, hei kann een och als Gemeng méi aktiv och eng Roll iwwerhuelen. An ech mengen, dofir och d'Iwwerleeung, dass een e Plan local de santé an d'Liewe ruffe soll.

Mir hunn de Moment Gesond Diddeleng, déi eng ganz, ganz wichteg, Aufgab iwwerhëlt um Niveau vun der Sensibilisatioun, mee awer och méi transversal de Volet vun der Gesondheet an Ugréff hëlt an ech mengen, dass do eng Inspiratioun ka sinn, déi Reese vun den Healthy Cities um Niveau vun der OMS, vun der Weltgesondheetsorganisatioun, wou am Fong d'Gesondheet mat enger transversaler Approche gekuckt gëtt an och an den Agenda fléisst, um sozialekonomesche Plang an der Ëmsetzung vun de Projeten an de Gemengen, respektiv och d'Iwwerleeung vun enger Gemeinschafts-, Communautéitsinfirmière.

Ech mengen, dass dat Aspekter sinn, déi een an deem Konzept erëmfënnt an och, mengen ech, kucke kann, wéi een dat och transversal kann ëmsetzen, nieft deene Projeten, déi och elo scho lafen um Niveau vun der Gesondheet, der Restauratioun, um Niveau vun der Restauratioun an eise Maison Relaisen, respektiv awer och, och dat ass en Aspekt vun der Gesondheet, déi accessibel ass fir jiddereen, wou mer déi Gemeinschaftsgäert hunn, Dudelmange, wou een effektiv fräi kann higoen an sech kann Uebst a Geméis fräi a gratis huelen. Ech mengen, dass et och nom Niveau vun enger lokaler ëffentlecher Gesondheetspolitik verschidden Niveaue ginn, déi een och deklinéiere kann, nieft der mëttel-längerfristeger Planung vun der véierter Apdikt, déi mer hei zu Diddeleng kréien, wou mer jo och scho ganz kloer och vum Gesondheetsministère den Zousproch jo kritt hunn an déi sech op Neischmelz wäert nidderloossen.

D'Sécherheet am ëffentleche Raum ass e ganz wichtegen Aspekt, ech hat virdru gesot, wa jo Familljen sech zu Diddeleng nidderloossen, wann Diddeleng keng sécher Stad wier, géifen se dat sécherlech net maachen. Natierlech gëllt et och weider un der Sécherheet ze schaffen. Diddeleng ass eng sécher Stad, an natierlech wëlle mer och do vermehrt mat der Police déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer hunn, weiderféieren. Et ass Dank der Gemeng, dat muss een hei ganz kloer soen, dass d'Police hei zu Diddeleng en neit Kommissariat kritt, dat op der Fohrmannsplaz ageriicht gëtt, also modern Lokalitéiten, wou de Staat wäert bauen, fir dass och eis Polizistinnen a Polizisten hei zu Diddeleng a modernen Infrastrukture schaffe kënnen an hiren Aufgabe kënnen nogoen, dat ass dat eent Been. Dat anert ass awer och e sougenannte Plan local de sécurité, dee mer och sécherlech mam Ministère fir ëffentlech Sécherheet wäerte wëllen ëmsetzen a wou och dann natierlech nieft de preventive Mesuren och repressiv Mesurë kënne geholl ginn.

Natierlech ass d'Stad Diddeleng eng Stad, déi generell ëmmer Mesuren hëlt ronderëm d'Sécherheet, dat hu mer och gesinn, an ech mengen, dat ass ëmmer eng Erausfuerderung bei den Evenementer, déi gréisser Enverguren hunn, sief dat eng Fête de la musique, sief dat den Usina, och dat ass e Bestanddeel vun eisen Eventer, déi mer organiséieren a wat mer natierlech och wäerte maachen, dat ass déi néideg Informatiouns- a Sensibilisatiounscampagne, dat neit Policereglement, dat mer hei am Gemengerot verabschit hunn, ass approuvéiert zeréckkomm vum Inneministère, elo gëllt et dat ëmzesetzen, mee natierlech wëlle mer och do eis Biergerinnen a Bierger, informéieren.
Wann engersäits iwwert d'Sécherheet geschwat gëtt, um Niveau mat der Police ass awer och déi zivil Sécherheet, mat deene ganze Reformen, déi ëmgesat goufen, op deem doten Niveau, wou Diddeleng ëmmer eng Virreiderroll gespillt huet a wou mer och jo gréng Luucht vum CGDIS hunn, um nationale Plang, fir den Neibau vun engem gemeinsamen Zenter Diddeleng-Beetebuerg bei der Husky. D'Prozeduren um Niveau vun de Ministèrë sinn duerch, notamment och vum Ëmweltministère, wat d'Konversiounsmesuren ugeet, sou mengen ech, dass een heite Projet och kann ëmgesat ginn. Also Sécherheet um Niveau vun der Preventioun, um Niveau vun der Gesondheet, vun der Police an och am ziville Raum. Ech mengen, dass dat Elementer sinn, déi wichteg si fir d'Stad Diddeleng.

DEMOKRATIE, BIERGERBEDEELEGUNG AN EIS GEMENGESERVICER

Dann den zwielefte Volet, Demokratie, Biergerbedeelegung an eis Gemengeservicer. Ech mengen, mir hunn an deene leschte Jore ganz, ganz vill Initiative geholl ronderëm d'Biergerbedeelegung, sief dat mat de Awunner vun eise verschidde Quartieren, respektiv an der Stadentwécklung. Ech mengen, dass dat wichteg Aspekter sinn. Mir wäerten och dat wëlle weiderféieren an awer och en neie Moment, dass mer ab der Planung vu Projeten an d'Quartieren, d'Biergerinnen a Bierger mat wëllen, mat abezéien. Den éischten Optakt hu mer schonn do dës Woch gemaach mat der Schoul Balzeng, déi mer nei plangen, wou mer déi direkt concernéiert Biergerinnen a Bierger nämlech consultéiert, hunn. Dës

gëllt et bei aner Projeten och sou ëmzesetzen, dass mer déi direkt concernéiert Awunner consultéieren an effektiv si och hir Iwwerleeunge kënne mat abréngen.

Ech hat virdru gesot, dass mer fir d'Senioren e Conseil consultatif wëlle grënnen an och weider fir déi Jonk, well och déi Jonk vill ze soen hunn, well se ganz engagéiert sinn an dass mer effektiv och déi ganz Initiative ronderëm de Biergerbudget wäerte wëllen och weiderféieren, do gi jo eng Rei Projeten och dëst Joer ëmgesat. D'Biergerbedeelegung ass dat eent. Natierlech, wann eng Gemeng weider wiisst an dat wäert de Fall sinn an den nächste Joren, dann ass dat natierlech och en Challenge fir eis Gemengeservicer. Eis Gemengeservicer ginn dobaussen appreciéiert, si si ganz engagéiert, si si motivéiert bei der Ëmsetzung am Alldag vun hirer Aarbecht an och vun de Projeten, an dofir ass et och wichteg, wa mer vun enger Modernisatioun schwätzen, vun Infrastrukturen, fir eis Veräiner, fir staatlech Institutioune, da musse mer dat och fir eis Gemengeservicer maachen.

Dofir wäerte mer och déi fréier Pompjeeskasär hei op der Gemengeplaz wëlle renovéieren. Et ass e Gebai, dat klasséiert ass, dat ass och en Challenge fir dat ze renovéieren, zesumme mam Kulturministère, mam INPA. Nieft där Aarbecht, déi de Moment amgaangen ass an der Rue de l'Abattoir, wou natierlech en neit administratiivt Gebai entsteet fir eise Service de gestion et de maintien du patrimoine an natierlech, wat och, wichteg ass, bei der Planung vun dësen neie Raimlechkeeten, ass och d'Approche vum Design for all. Ech mengen, dass deen och mat afléisst, fir dass och fir jiddereen déi néideg Accessibilitéit garantéiert ass. D'ailleurs ass dat och eng legal Dispositioun, un déi sech och natierlech d'Gemenge mussen halen.

Dann, wat och, wichteg ass an deelweis och schonn ëmgesat gouf, ass dee sougenannte Guichet unique, wat zu enger besserer Orientatioun kann effektiv verhëllefe fir d'Biergerinnen an d'Bierger an hirem Alldag. Deen ass heihinner direkt an der Entrée riets vun der Gemeng. Ech mengen, dee Projet leeft, deen ass zu engem gudden Deel ëmgesat an awer, wéi ech virdrun nach eng Kéier gesot hunn, och eng Ulafstell fir d'Biergerinnen an d'Bierger, wann se Demarchë-administrative musse maachen, souwuel um nationale wéi och um lokale Plang, dass mer do dat méi koordinéiert uginn. A wat awer och en Challenge ass an als Administratioun, an dat mierkt ee jo och ëmmer erëm als Gemeng, mee dat ass och de Staat, et ass een ëmmer a senger Kommunikatioun a sengem eegene Jargon, an awer ass et wichteg, dass een d'Publikatiounen, déi ee mécht, d'Kommunikatioun, déi ee mécht, dass een déi méi accessibel mécht, dass een dat méi vereinfacht, méi verständlech mécht, fir dass effektiv jiddereen et och esou gutt wéi méiglech versteet. Ech mengen, och dat ass en Aspekt, dee wichteg ass.
An, wat mer och wëllen aféieren, dat hat ech virdru vergiess, mat der Biergerbedeelegung, wa mer engersäits kucken, dass mer jo och Bierger hunn, déi sech bedeelegen, Bierger och hunn, déi mer iwwert de Prix du bénévolat jo natierlech och well se am Veräinsliewe ganz aktiv sinn an sech och do erausschielen, och hinne Merci soe fir dat laangjäregt Engagement, hu mer awer och eng Rei Leit sécherlech hei an Diddeleng, déi lo net, onbedéngt an engem Veräin engagéiert sinn, mee déi awer duerch iergendwellechen Engagement, dat ziviller Natur ass, sécherlech sech erausschielen, an och do wëlle mer nei Weeër goen, fir och déi Biergerinnen a Bierger ze éieren.

Domat hun ech versicht, hei iwwert déi zwielef Kapitelen eng Aussiicht ze ginn iwwert d'Schäfferotserklärung fir déi nächst sechs Joer. D'Visioun, déi gesat ass, déi ass kloer. Et weist och eraus, dass d'Stad Diddeleng eng ganz Rei Potenzialer huet, eng ganz Rei Atouten, huet, déi mer sécherlech schonn déi lescht Joer gefërdert hunn, mee déi et gëllt, nach weider auszebauen, well, bon, Diddeleng ass eng ganz, dynamesch Stad, ass eng ganz konvivial Stad, awer och eng sozial an inklusiv Stad, ass eng Stad, déi op de Sport an op Kultur setzt an och eng gréng Stad, an ech mengen, dass et gëllt, déi potenziell Relatioun, déi mer hunn, weider och ze entwéckelen an ech mengen, dass mer probéieren, mat deem, wat ech lech elo hei presentéiert hunn, och dat weider ze förderen. Ech wëll awer och hei vun der Geleeënheet profitéieren, als Deel vun der Schäfferotserklärung, do huet jidderee jo och seng Ressorten, wou e responsabel ass fir déi verschidde Projeten hei ëmzesetzen, ech wëll awer och déi intern Aarbechtsopdeelung a puncto Ressorte vum Schäfferot lech hei presentéieren.

Mir si jo am Schäfferot hei zu fënnef Persoune an d'Ressorten, déi mer opgedeelt hunn, do ass kee gréissere Changement ass par rapport zu der leschter Legislaturperiod. Wat d'Ressorten ugeet vum Buergermeeschter, deen huet d'Présidence vum Schäfferot a vum Gemengerot, Finanzen a Budget, Gemengenservicer an och Coordination générale, Personal, Relations publiques, wirtschaftlech Entwécklung an Handel, Logement, Aménagement communal, Developpement urbain, dann, d'Santé, publique, dann, regional Kooperatioun an national Kooperatioun an dann eben d'Sécherheet au sens large, dann de Loris Spina, éischte Schäffen, Kultur, regional Bibliothéik, Sport, Biergerbedeelegung, Benevolat, eis ëffentlech Manifestatiounen an och eis Mäert, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, zweet Schäffin, de ganze Volet Enseignement a Service éducation et accueil, Familljepolitik, Jugendpolitik, Informatik an Nei Medien, de René Manderscheid, den drëtte Schäffen, Affaires sociales, Sozialpolitik an Emploi, Ëmwelt an Naturschutz, Energie, Égalité des chances an Diversitéit, alles - well mer jo do Proprietaire sinn - vum Gas an der Kanalisatioun, Hygiène a Seniorepolitik an d'Claudia Dall'Agnol, véiert Schäffin, dat ass Mobilitéit an Infrastructures routières, also dee ganze Volet ronderëm d'Voirie, regional Museksschoul, Vivre-ensemble interculturel, Tourismus, Relations transfrontalières a Jumelage. Dat ass am Fong déi intern Opdeelung, sou wéi se am Schäfferot hei gemeet ass a sou wéi mer eis och d'Aarbecht hei am Schäfferot opgedeelt hunn.
Fir ofzeschléisse wéilt ech awer och dann a mengem perséinlechen Numm soen, dass ech natierlech ganz frou sinn, datt d'Diddelenger Biergerinnen a Bierger mir och hiert Vertraue weider geschenkt hunn, fir hei d'Mandat als Buergermeeschter kënne weiderzefëieren. Merci fir dëst, Vertrauen, wéi och dat, wat ech vron erëm kritt hunn, vu Famill, Frënn an och Bekannten.

Generell wëll ech awer och de Biergerinnen an de Bierger an och de Wielerinnen a Wieler Merci soen, well se och erëm op en Neits hei der LSAP d'Vertrauen ausgedréckt hunn, fir och d'Geschécker vun dëser Stad ze leeden. Ech mengen, et kënnt ganz vill Aarbecht op eis alleguerten zou, zesummen op dëse Gemengerot insgesamt, op dëse Schäfferot an, voilà, et, läit natierlech och, drun, dës, Amt mat, ganz vill, Energie ze hunn, mat de Kolleegen aus dem Kolleeg aus dem Schäfferot, mat ganz vill Energie an Enthusiasmus no beschtem Wëssen a Gewëssen, sou datt dat méiglech ass, och, auszeféieren. Et bleift mer eng Éier, dat weider kënnen am Service vun der Stad Diddeleng ze sinn an och am Service vu sengen Awunnerinnen an Awunner.

Dat ass d'Presentatioun vun der Schäfferotserklärung, respektiv vun der Opdeelung vun de Ressorten an elo ass de Moment, wou déi verschidde Vertriederinnen a Vertrieder hei aus dem Gemengerot dorop kënnen agoen an hir Vuë kënne mat abréngen. Villmools Merci an d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER (CSV): Jo, Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, erlaabt mer am Numm vun der ganzer CSV-Sektioun Diddeleng mol als éischt, eise Wieler Merci ze soe fir hire Support. 2018, no de leschte Walen, ware mer ganz euphoresch heibannen, well mer als eenzeg Partei substanziell zougeluecht haten, an eis Fraktioun vun dräi op fënnef Conseillere gewuess ass. Dëst Joer si mer net grad esou euphoresch, well mir hu leider 3,3 Prozent an de Wale verluer. Mir hunn och e Sëtz agebéisst an d'DP, déi ass aus dem Stand mat 8,7 Prozent hei an de Gemengerot agezunn an déi krut eise Sëtz, dee mir leider verluer hunn. Mee mir felicitéieren hinnen awer zu hirem Succès. D'CSV bleift awer nach ëmmer déi stäerksten Oppositiounspartei mat 19,6 Prozent, an dat ass en Optrag, dee mir vum Wieler kritt hunn, konstruktiv Oppositiounspolitik, éierlech an transparent, sou wäerte mir véier och weiderschaffen.

Ech erlabe mer awer och, eisem Kolleeg Jean-Paul Friedrich e grousse Merci ze soen. Hien ass eise gutt gewielte fënnefte Kandidat, awer hien ass leider deen, deen déi Perte vun deem enge Mandat ze spiere kritt huet. Heen ass net méi bei eis am Gemengerot, an dat ass ganz schued. De Jean-Paul hat eng ganz roueg reflektéiert Aart a Weis, seng pointéiert a konziliant Interventiounen, déi wäerte mer vermëssen a mir véier vun der CSV probéieren, a sengem Sënn seng Dossieren - hie war jo virun allem och ee Porte-parole fir d'Sportsveräiner - mir wäerte probéieren, seng Dossiere weider am A ze behalen. Jean-Paul, mat Respekt an Dankbarkeet soe mir Dir Merci fir Däin Asaz hei am Gemengerot. De Jean-Paul war néng Joer hei am Gemengerot säit 2014. Nach ee grousse Merci gëllt eisen nonzéng Kandidaten, déi sech als Ekipp, als Team am Numm vun der CSV zur Wal gestallt hunn. Jiddereen huet gutt matgeschafft um Walprogramm, jiddereen huet seng Iddie mat erabruecht, jiddereen huet de Fändel vun der CSV héichgehal, jidderee wäert och weider an de Kommissiounen an eisem Sektiounskommitee weider matschaffen an dofir soe mer hinnen och villmools Merci. Ech erlabe mer awer och, menge Co-Conseillere Merci ze soen, dem Fränzi dem Claude an dem Jemp, virun allem eisen zwee Youngster Fränzi an Claude. Merci. Dir hutt en excellenten Zouwëss vu perséinleche Stëmmen ze verzeechnen, dat weist, dass d'Zukunft vun eiser Fraktioun, vun eiser Sektioun, vun eiser CSV, garantéiert ass. Felicitatiounen. An e ganz klenge Merci wëll ech och a mengem perséinlechen Numm soen, fir deen Zousproch, deen ech kritt hunn an dëse Walen. Och do villmools Merci menge Wieler, menge Frënn, menge Kolleegen, natierlech mengem Mann a menge Kanner, déi mech och supportéiert hunn, im wahrsten Sinne des Wortes.

Mir nonzéng, mir alleguerten, mir vertrieden 22 000 Diddelenger, 109 Nationalitéiten, mir representéieren eis Bierger, mir representéieren eis Stad, mir hunn eng riseg Verantwortung vun eise Wieler kritt, mir sollen d'Zukunft vun eiser Stad gestalten, net just fir eis Wieler, och fir déi Leit, déi net wiele gaange sinn, well se nach Kanner sinn oder Jugendlecher, well se als Net-Lëtzebuerger vläit net wiele konnten, well se als Senioren sech vläit net méi fit genuch gespiert hunn, fir wielen ze goen, awer och fir déi Leit, déi e wäissen Ziedel ofginn hunn aus Roserei, aus Frust oder och bewosst. Mir nonzéng sëtzen elo hei ronderëm den Dësch, mir nonzéng sollen eis honorabel Aufgab eescht huelen a respektvoll mat eisem Mandat ëmgoen, respektvoll och mat alle Mandatairen heibannen. Mir nonzéng sollen eng Ekipp sinn, och wa mer vläicht a verschiddene Punkten en aneren Point de vue hunn, wënschen ech mer, dass mer fair, transparent, kollegial mateneen ëmginn, mateneen diskutéieren a beméit sinn, déi bescht Decisioun fir Diddeleng, fir eis Bierger, fir eis Kanner, fir eis Stad, fir eise Patrimoine, fir eis Ëmwelt ze huelen. Propose vun eis all solle gehéiert ginn, respektvoll analyséiert ginn an eng gutt Iddi soll zeréckbehale ginn, egal wien heibannen se als éischt virgedroen huet. Dir wësst, esou stelle mir, d'CSV, eis Fraktioun, eist d'Aarbecht am Gemengerot vir an et wär flott, wa mer alleguerten op dee Wee géife goen.

Erlaabt mer nach emol d'Schäfferotserklärung vun 2018 duerchzeliesen a wat eis deemools och besonnesch gutt gefall huet, war de Saz „La majorité entend continuer son travail dans l'intérêt de tous les citoyens avec élan et motivation", a virun allem „l'opposition ainsi que les forces vives de notre ville y sont associées et ce dans le respect mutuel." An och an der Deklaratioun vun dësem Joer 2023 fanne mer déi Ausso erëm. Ech hu mer dat hei ofgeschriwwen. Säit véier. „Aujourd'hui et demain". „ Le collège des Bourgmestre et échevins reste ouvert à toutes nouvelles idées qui permettraient de faire avancer Dudelange, indépendamment de sa formulation par la majorité ou par l'opposition. Les propositions soumises sont analysées en fonction de leur faisabilité, de leur valeur ajoutée et de nos moyens financiers". Et ass genau esou, wéi mir eis et och virstellen, et ass genau dat, wat mer brauchen, Zesummenaarbecht fir Diddeleng no virzebréngen. Voilà. D'Propose vun der LSAP-Majoritéit leien elo hei um Dësch an dëser Schäfferotserklärung. Mir hunn eis d'Ressorten och e bëssen opgedeelt an dat heescht, jiddweree vun eis wäert zu verschiddene Punkte Stellung huelen an och Analysen an och vläicht scho Suggestioune maachen, wéi een nach vläit verschidde Projete ka weiderentwéckelen.

Ech wäert als éischt zum Thema Finanzen d'Wuert ergräifen, well méi wéi jee ass deen Zousaz „l'endettement sera limité au projets d'envergure" wichteg an och „une politique du personnel prudente", dat ass ganz, ganz evident, do musse mer gutt oppassen, an „une gestion à viser des dépenses nous guideront", dat ënnerschreiwe mir natierlech. Am Plan pluriannuel 2023, dee mer am Februar diskutéiert hunn, hu mer gesot kritt a mer hunn et och gesinn, dass et eriwwer ass mat de sougenannte fette Joren. Corona-Kris, Ukrainkrich, Inflatioun … an den nächste Jore wäerten eis Reserven opgebraucht ginn, Prête vu 14 Milliounen Euro stounge fir d'Zukunft am Raum. 14 Milliounen Euro, do ass deen Zousaz „l'envergure et l'impact des frais de fonctionnement sur le budget seront pris en considération dans la planification de tout nouveau projet" eng Fuerderung vun der CSV, déi eng Selbstverständlechkeet och soll sinn. Mir mussen eng Berechnung maache vun den Ënnerhaltskäschte vun all Projeten. Mir sollen dat och an der Finanzkommissioun transparent ëmmer diskutéieren, och éier mer e Projet wëllen ugoen.

D'Devisen, dat ass och ëmmer eis Ried, musse streng kontrolléiert ginn a mat Rigueur muss op d'Anhale vun den Devisen insistéiert ginn. Ech mengen, dat ergëtt sech automatesch aus där momentaner finanzieller Situatioun, déi, wéi gesot, net méi sou ganz roseg gëtt.

Schoul an Accueil: E Ressort, dee mir natierlech ganz um Häerz läit. Mir fannen hei Projeten erëm, déi mer och schonn op d'Schinn gesat hunn, déi och d'CSV ënnerstëtzt, ënnerstëtzt huet a matgestëmmt huet, sief et d'Renovatioun vun der Briller Schoul, sief et dee grousse Sportskomplex am Strutzbierg mat sengen Arealer, wat mer natierlech och ganz gutt fannen, dass un, un, un dem Prinzip vun de Quartiersschoule festgehal wäert ginn. Dat ass och fir eis ganz wichteg an interessant ass och, dass d'Schoulen, déi solle renovéiert ginn, dass do d'Maison Relais an d'Schoul Däich, un éischter Stell steet, dat ass sécher wichteg, dass do eng Extensioun an eng Modernisatioun kënnt.

Zu der Schoul Butschebuerg, do gouf och schonn an der leschter Schäfferotserklärung eventuell aviséiert, dass mer do sollen en Ausbau maachen. Do ass den Terrain natierlech limitéiert. Dat gëtt natierlech och spannend, wéi mer dat wëllen ëmsetzen, mee ech denken, dat ass awer och eng absolut Noutwendegkeet, well och dee Quartier wäert wuessen, do kommen och nei Leit hi mat Kanner an dofir ass och dee Projet ganz imminent wichteg an, Dir wësst et, ech widderhuelen et ëmmer, all Invest an eis Schoulen an eis Maison Relaise wäerte vun der CSV matgedroe ginn. Déi nei Schoul op Balzeng, et ass scho kuerz riets gaangen, do soll eng nei Schoul kommen, eng Integratiounsschoul mat der Maison Relais zesummen an engem klengen Hall sportif, endlech, Dir wësst et, mir waarde scho laang drop, dass de Projet an d'Konzept virgestallt gëtt. Den Architekt schafft scho fläisseg drun, mir haten dat an der Schoulkommissioun konnte gesinn an, wat natierlech och ganz flott ass, ass dass de Bierger aus de Quartieren de Projet scho ganz, ganz an engem fréie Stadium virgestallt gëtt, an och, dass d'Iwwerleeungen afléisse vun deene Leit, déi an deem Quartier wäerte wunnen, dat begréisse mir explizitt.

An, mir hate just ee klenge Bemol, op der CSV hirer Interventioun huet de Schäfferot agesinn, dass och de Gemengerot, och d'Oppositioun vläicht d'Recht huet, informéiert ze ginn, éischtens, wéi de Projet ugeduecht ass, zweetens, wéi de Quartier ronderëm sech sollt entwéckelen an, drëttens, wéi eng Doleancen et gëtt. Dofir, op Nofro vun der CSV, war de Schäfferot dunn och averstanen, dass mir och invitéiert géife ginn op déi Versammlung, wat mer och explizitt begréissen a wat mer hoffen, ass dass dat déi nächste Kéier och eng Selbstverständlechkeet wäert ginn.

Flott ass natierlech och den Theema „Classe verte" hei an der Schäfferotserklärung erëmzefannen, déi Naturausflich, Vakanzenaktivitéite ronderëm d'Natur. Ech mengen, dat ass immens wichteg aus pedagogescher Siicht awer och aus ekologescher Siicht. E ganz flott Beispill ass zum Beispill, dass e Schoulausfluch vun enger Schoulklass net ganz wäit mam Bus gemaach ginn ass, mee dass eng Klass einfach bei d'Gréng Scouten op hire Camp doropper gaangen ass an do iwwernuecht huet, Lagerfeier gemaach huet, dat nennt een och lokal-regional an eng flott Kollaboratioun mat de Scouten, Déi Iddi musse mer ausbauen, dat ass eng flott Saach. Eis Iddi ass et och an eisem Walprogramm gewiescht, Natur an Ëmfeld, Pedagogik an der Schoul méi mat afléissen ze loossen, do passt och den Thema vun der Ferme pédagogique mat dran. Wat mer och do begréissen, ass, dass do ugeduecht ass, e Partner aus dem Secteur social ze huelen. Ech weess zum Beispill, d'APEM, déi maachen esou Saachen. Do si mer gespaant, wéi dee Projet soll realiséiert ginn. A wat eis natierlech immens freet, dat ass och eis Iddi, déi mer ëmmer haten, fir eng Bëschcrèche opzemaachen, eng richteg Bëschcrèche, déi och am Bësch steet, mat adequatem Ënnerdaach an awer och natierlech mat engem naturpedagogesche Konzept. Mir géifen och vläit déi Iddi nach e bësse weiderspannen, fir vläit eng Bësch-Spillschoul mat eeben engem natur- an ëmweltpedagogeschen Aspekt ugoen ze loossen, mee wéi gesot, dat kann een alles an deenen nächste Joren nach zesummen diskutéieren.

An natierlech ass d'CSV frou, dass de Pedibus elo ee Pedibus gëtt, dee säin Numm verdéngt, dee richtege Pedibus mat verantwortlecher Begleedung, dat hate mir schonn hei e puermol gesot a mir sinn och frou, dass dat och elo vläicht ugaange gëtt, well einfach e Panneau opstellen an hoffen, dass et klappt, ech mengen, dat hu mer gesinn an der Zäit, dat war näischt, dat war näischt. Bon, mee wéi gesot, aner Gemenge gi jo och schonn op dee Wee. Do kënne mer eis jo och scho vläit Iddien huelen, grad och wat déi Kontrakter ubelaangt, fir déi Begleeder, dat ass jo alles och net esou einfach, fir dat ze organiséieren, mee do si mer frou, dass mer an déi Richtung awer elo wäerte goen.
Zum séchere Schoulwee gehéieren natierlech awer och sécher Vëlosweeër fir an d'Schoulen an och en Ënnerdaach fir Vëloen, Trottinetten an all Schoul. Ech mengen, de Claude Martini wäert herno nach eng Kéier dorobber agoen.

Wat eis och ganz, ganz frou mécht, dat ass, dass den Ausbau vun de kommunale Crèchen explizitt an der Schäfferotserklärung hei dra steet, well d'Qualitéit vun eise Crèchen, déi ass excellent, dat kann een nëmme

soen. Si hunn e ganz gudde Ruff an d'Kanner si frou, d'Eltere si frou, et gëtt ganz vill Wäert op d'Sproochentwéckelung geluecht, dat ass eppes, wat primordial ass, virun allem och, et sinn déi eenzeg Crèchen hei zu Diddeleng, wou nëmme Lëtzebuergesch geschwat gëtt an dat ass eppes, wat immens wichteg ass fir d'Integratioun vun de Kanner herno och an de Schoulen ze fërderen an natierlech vermëttelen si och sozial Kompetenzen. Se si fein, se si léif a se si richteg gutt an et ass wichteg, dass mir eng gutt Offer als Gemeng ubidden, och wann dat eis Sue kascht. Ech mengen, dat ass en Invest an eis Kanner, dat ass en Invest fir d'Zukunft an dat ass extreem wichteg. Vläit muss een och nach eng Kéier den Dialog mat de private Crèchë méi ausbauen, méi sichen, wéi mer do kënnen op ee Level kommen, vun der Prise en charge vun de Kanner. Do ass nach eng grouss Diskrepanz, ech mengen, ech kann dat aus menger berufflecher Erfarung soen, tëschent de Kanner, déi aus eise Crèchë kommen an déi aus de private Crèchë kommen, do musse mer e bëssen dru schaffen, dass all Kand déi selwecht Chancë kritt. A wa mer d'Crèchen uschwätzen, firwat och net, mir hu gehat, den Här Buergermeeschter huet et gesot, dass mer nei Betriber wëllen op Diddeleng kréien, do och vläit d'Iddi vun de Betribscrèchen och nach mat deene Leit vläit mat op de Wee ginn, dass mer dat nach e bësse weider denken. Ech mengen, do kënne mer nach ëmmer mat de Betriber konstruktiv och zesummen eis Iddien hinne vläit mat op de Wee ginn.

Dass mer Wéckeldëscher installéieren, wéi op der neier Wolkeschdaller Spillplaz, dat ass natierlech ganz gutt, nach besser wär et natierlech, mir haten dat scho gesot, mee och dat kann een nach eng Kéier vläit norëschten, well mir hunn esou schéin zwee Waasserspender bei der Kierch, do sinn der zwee niefteneen an op där Spillplaz ass keen, dobäi wär dat jo awer flott, éischtens emol, fir säi Bidon opzefëllen, zweetens, fir de Kanner um Wéckeldësch de Pupes uerdentlech propper ze maachen, den Elteren d'Méiglechkeet ze ginn, fir hir Hänn ze wäschen. Wéi gesot, dat fanne mer ganz gutt. Wéckeldëscher sollen der och méi opgeriicht ginn, virun allem och an den Toiletten. Ech mengen, mir haten d'Iddi, genderneutral Toiletten opzeriichten, wéi dat an den nordesche Länner selbstverständlech ass, a wa mer awer geschlechtsgetrennten Toiletten hunn, gehéiert e Wéckeldësch esouwuel op eng Männertoilette wéi op eng Dammentoilette. Ee Problem hunn ech awer mat där Iddi mat de Point-d'allaitementen, déi sollen an de Lieu-publiquen opgeriicht ginn. Ech denken, dat ass awer vläit dee falsche Message, well Nieren ass eppes Natierleches. A firwat wëlle mer d'Mamme mat de Puppelcher ausgrenzen? Vläicht wollt Dir och soen, dass mer an de Gemengegebaier, sief et am Office social oder hei der Gemeng, e Kannerspillraum maachen, wou och dann d'Elteren sech kënne mat hire Kanner zeréckzéien, dat wär eng aner Saach, dat géife mer gutt fannen, mee e Coin d'allaitement, dat kléngt no Ausgrenzung, dat kléngt wéi e Coin fumeur an dat ass, denken ech, awer de falsche Message. Niere soll awer eppes Natierleches sinn. Jiddweree sollt sech safe spieren hei zu Lëtzebuerg a virun allem hei zu Diddeleng, fir iwwerall däerfen ze nieren. Do musse mer awer nach eng Kéier driwwer schwätzen. Voilà.

Da kommen ech zu de Projete fir déi Jonk, wat mer do natierlech och ganz flott fannen, dass mer e Projet maache fir déi Jonk an och virun allem mat deene Jonken, déi Lieu-de-rencontren, déi geplangt sinn, och wou se kënnen sech kulturell e bëssen ausloossen, wou se kënne Projet-creativen opriichten, virun allem vläicht och mat enger nach méi autonomer Gestioun, vläicht mat enger klenger Ënnerstëtzung awer och mat méi autonomer Gestioun vun deene Jonken. Dat begréisse mer explizitt, genau och wéi de Projet fir d'Senioren, fir deenen och méi Visibilitéit ze ginn, eng Plattform ze ginn. Mir haten an eisem Walprogramm eng Iddi, e Seniorebeoptraagte vläicht ze engagéieren, mee och déi Iddi aus dem Schäfferot fir e Conseil consultatif mat e puer Senioren anzeféieren, fanne mer eng ganz gutt Saach. Mir haten eis dat esou virgestallt mat eisem Seniorebeoptragten, dass dat esou eng Aart Outreach fir Seniore wär. A mir däerfen natierlech do net vergiessen, alleguerten d'Acteure mat an d'Boot ze huelen, och d'Altersheem, dat feelt eis hei an der Opzielung an zum Beispill och d'Amicale Gëlle Joren. Mee, wéi gesot, dat sinn alles gutt Iddien, déi ee sécher, sécher ka gutt realiséieren. Wat mer e bësse vermëssen oder wat mer vläit nach als Denkustouss mat op de Wee ginn, ass dass mer och d'Konzept vun eise Maison Relaise vläit nach eng Kéier e bëssen iwwerdenken. Eis Iddi war manner Stress an d'Maison-Relais, mat méi klenge Raim, mat méi Rou, mat méi Réckzugsméiglechkeeten.

Fir dass och d'Kanner zum Beispill méi Zäit an der Famill kënne verbréngen, hat mir d'Iddi, zum Beispill all Kand zwanzeg Deeg Congé an der Maison Relais ze ginn. Och dat, denken ech, ass eppes, wat mer sécher hei nach eng Kéier weider wäerten diskutéieren. Mir haten déi Diskussioune schonn an der Schoulkommissioun ukléngе gelooss. Ech mengen, dat ass och nach vläit eppes, wat mer nach mat op de Wee huelen, fir vläit an deenen nächste Joren och do an déi Richtung awer ze kucken, wéi et eise Kanner an der Maison Relais am beschte geet. Do geet et och ëm d'lessen. Da kommen ech zum Beräich Santé. Mir sinn der Meenung, dass mer scho gutt schaffen an de Maison Relaisen, mee mir sinn der Meenung, och d'Menüe misste vläicht méi kannergerecht sinn. Och dat ass eng Doleance vum Kannergemengerot an hirer Ofschlossversammlung. Do huet all Schoulvertrieder konnte seng Doleancë virginn an ech mengen, vun deene sechs, siwe Schoule war bei fënnef Mol, huet et geheescht, mir hätte gär, dass d'lesse besser gëtt an der Maison Relais. Natierlech soll d'lessen equilibréiert sinn, regional, lokal, saisonal, do si mer eis eens, mee et soll och schmackhaft sinn, et soll uspriechend sinn an ech mengen, do kann een och mat de Kanner nach eng Kéier kucken, a wéi eng Richtung een do geet an och natierlech mat eise Käch an eise Firmaen, déi eis beliwweren.

Dass dat net einfach ass, ass ganz kloer, mee ech mengen, do ass awer och nach Loft no uewen. Ech wëll awer och trotzdeem aus menger berufflecher Iwwerleeung eraus drop hiweisen, dass d'Kanner am Wuesstum och Mëllechprodukter brauchen, och Déiereproteinne brauchen. Ee vegetaresche Plat als Choix ass selbstverständlech all Dag ganz gutt, ee vegetareschen Dag ass OK, mee et däerf een awer net vergiessen, am Wuesstem brauchen d'Kanner awer och Déierefetter an

Eewäisser, fir sech gutt ze entwéckelen. Dat nach vläicht just eppes fir mat op de Wee ze ginn.

Wat mer e bësse vermëssen, dat ass eng explizitt Ausso zum Bäibehalen an och zum Ausbau vun eisem schoulmedezinesche Service. Ech denken, dat däerfe mer net vergiessen, mir sinn eng vun deene wéinege Gemengen, déi e schoulmedezinesche Service hunn an dat och finanzéieren an déi maachen eng immens gutt Aarbecht an der Preventioun an am Suivi grad bei de Kanner an also grad do, wou et wichteg ass. Wann ech elo un déi Saache vun Health Management an esou weider denken, wou mer wëllen eng Healthy City ginn, denken ech, do däerfe mer si net vergiessen a mir sollen si och mat abauen an och nach weider ënnerstëtzen. Dat ass eis e grousst Uleies, well mir sollen déi Chance notzen, dass mer kompetent Leit an eiser Ekipp do hunn an dat solle mer och ausbauen. A mir sinn natierlech och selbstverständlech frou, dass mer elo schwaarz op wäiss hunn, dass mer d'Erhale vun der Poliklinik a vun der medezinescher Versuergung, der Médecine de proximité, hei an der Stad Diddeleng wëlle verstäerken. Mir géifen dach nach derbäisetzen, dass mer och de Service Radiologie solle consolidéieren an och vläit ausbauen.

Dass mer Dokteschpraxissen zu Diddeleng brauchen a wëllen installéieren, ass jo och gutt, firwat net déi zwou Saache kombinéieren? Eis Iddi war ëmmer geduecht, e Gesondheetszentrum, mat Praxis, mat Apdikt, mat Poliklinik, mat Radiologie, ob dat elo mam CHEM ass oder vläit engem aneren Träger, do si mir net esou strikt, ech mengen, do muss een och e bëssen openminded bleiwen, et muss ee kucken, a wéi eng Richtung d'Entwécklung geet, dat muss ee jo vläit eng Kéier mol awer hei haart soen. An, wat mer awer vermëssen, dat ass eng kloer Ausso, wou mer dat wëlle maachen. Mir haten eis erwaart, dass vläit do beim Volet Neischmelz do nach méi eng kloer Ausso kënnt, mee och dat, dat sinn alles Saachen, déi mer an deene nächste Méint a Jore wäerten natierlech zesummen diskutéieren.

A mir hunn et och schwaarz op wäiss hei stoen, dass mer en neien CGDIS-Zenter bei den Husky kréien. Dat war och schonn 2018 an der Schäfferotserklärung „nous voulons réaliser un Centre de secours et d'incendie à caractère régional". Vläit gëtt et jo elo eppes, well elo an eiser Schäfferotserklärung steet méi e laange Saz dran ewéi am PNOS (plan national d'organisation des secours), mee bon, kucke mer mol, wéi dat da weidergeet. Mee, wéi gesot, mir si frou, dass dat awer elo mol hei definitiv dra steet.
Da wollt ech awer och eppes soen zum Volet Securitéit. Mir als Diddelenger CSV, mir sinn absolut net der Meenung, dass mer eng kommunal Police brauchen. Ech betounen dat hei nach eng Kéier explizitt. Mir sinn der Meenung, dass mir solle méi Presenz vun der Police, déi mer hunn, um Terrain hunn, fir dass d'Bierger sech méi sécher spieren, dass mer e Police-Kommissariat hei zu Diddeleng wäerte behalen, wa beim Match do déi nei Struktur soll opkommen. Dat ass extreem wichteg. An, wéi gesot, dat geet natierlech nëmmen, wa mer déi national Police opstocken, um Niveau vum Personal, do si mer eis all eens an ech mengen, dat ass eng national Problematik, mee mir sinn do e bësse vläit abweichend wéi vläit aner CSV-Gemengeréit, mee mir fannen net, dass mer eng kommunal Police brauchen, dat ass net dee richtege Wee, mee mir sollen déi Leit ënnerstëtzen, déi schonn um Terrain sinn a mir sinn awer och ganz frou, dass de Schäfferot geschriwwen huet, dass se sech beméien, duerch zum Beispill eng besser Beliichtung an de Quartieren oder méi Beweegungsmelder op oniwwersiichtleche Plazen, eis Stad méi sécher an doduerch nach méi attraktiv ze maachen. Voilà.

An zum leschte Punkt wëll ech och nach eppes soen, dat ass zur Biergerbedeelegung. Mir maache scho ganz vill hei zu Diddeleng, mir fannen dat scho ganz flott, dee Panel, deen agefouert gëtt, dee Biergerpanel an och den Dialog, dee gesicht gëtt mat de Bierger am Quartier. Déi Iddi, wéi dat elo gelaf ass bei Balzeng, dat fanne mer explizitt ganz gutt, mee ech denken awer och, dass een net däerf vergiessen, och mir hei bannen, mir si Bierger, och mir d'Oppositioun, mir si Bierger, a vergiesst dat vläicht net, eis och ëmmer e bësse mat anzebannen.
Den Dialog mam Bierger, dat heescht och, dat ass och eis en Häerzenswonsch, den Dialog och siche mat den Elterevertrieder aus de Schoulen, dat geschitt schonn, dat soll och weider intensivéiert ginn, an awer och zum Beispill den Dialog mam Kannergemengerot, dat ass och eppes, wat immens wichteg ass, dass déi Kanner seriö geholl ginn, déi sech schonn engagéieren am Kannergemengerot. De Jugendgemengerot, dat hat jo net dee grousse Succès, dofir fanne mir d'Iddi ganz flott, dass elo punktuell Fore fir déi Jonk sollen ofgehale ginn. Ech huele jo un, dass dat och am Dialog mam Lycée wäert geschéien. Wann ech héieren, do si 1700 Schüler, déi hei op Diddeleng an de Lycée kommen, dat fannen ech impressionant, dat sinn der wierklech vill an ech denken, dat sinn der, déi duerch eis Gemeng ginn an hei awer e groussen Deel vun hirer Zäit an eiser Gemeng verbréngen, déi och sécher eppes ze soen hunn an ech denken och, do fanne mer dat ganz flott, dass mer do de Kontakt och sichen an och den Austausch mat de Schüler sichen. Bon, hei steet elo „pour s'exprimer sur la transition climatique et d'autre thématiques actuelles", ech denken, mir iwwerloossen hinnen dat, iwwer wéi eng Themaen si wëlle schwätzen, ech menge mir ginn hinnen dat net vir, ech mengen, déi Jonk soen eis selwer, wat hinnen um Häerz läit, dat ass ganz wichteg.

D'Iddi vum Guichet unique fanne mer ganz gutt, virun allem och d'Visibilitéit vum Internetsite, dass deen nach besser soll gemaach ginn, méi benotzerfrëndlech soll ginn a virun allem fanne mer et och ganz wichteg, deen Zousaz, dass mer Méisproochegkeet och op eisen Internetsitten an an eise Publikatioune promovéieren.
Et ass gesot ginn, mir hunn 109 Nationalitéiten, mir haten dat gemierkt bei der Biergerversammlung, wou mer déi nei Bierger begréisst hunn, mir haten en Traducteur do, deen op Franséisch iwwersat huet, mee et waren awer, géif ech mengen, wuel esou vill Leit am Sall, déi nëmmen der englescher Sprooch mächteg sinn an do muss een effektiv e bëssen … oh, et waren der awer vill op jiddwer Fall, mee op jiddwer Fall, dass een do awer nach dat e bësselchen ausweit. Ech mengen, dat musse mer, dat muss fir eis eng Selbstverständlechkeet sinn, fir dass och Leit, déi déi gängeg Sprooche wéi Franséisch a Lëtzebuergesch net esou meeschteren, déi net esou gutt domadder eens ginn, dass déi awer och sech wuel spieren. Voilà.

Dann, de Schäfferot wëll nach e Präis aféieren, de Prix citoyen d'honneur. Do hu mer eis elo d'Fro gestallt, ob dat wierklech eng richteg Plus-value ass oder ass dat just fir een, deen eeben net sportlech genuch ass fir e Sportspräis ze kréien, net kulturell begaabt ass fir e Kulturpräis ze kréien, am Benevolat net genuch aktiv ass fir do e Präis ze kréien? Ob dat elo wierklech eng Plus-value ass, sief dohigestallt, mee mir loossen eis ganz gären eppes Besserem beléieren.

Ech hu just eng Fro zu de Ressortverdeelungen. Ech mengen, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries wäert warscheinlech esouguer wëllen drop agoen, well et war gesot ginn, aus familiäre Grënn, has Du gesot, du géifs de Ressort Jeunesse ofginn, fir keng Immixtioun ze maachen, privat Responsabilitéit als Schäffen, dofir kanns de eis vläicht soen, firwat s de awer elo deen Dossier Jeunesse nach ëmmer an dengem Portfolio hues.

Voilà. Vill flott Iddie stinn hei an der Schäfferotserklärung, vill wichteg Projete sinn ugeduecht, awer och vill deier Investissementer kommen op eis duer. Et sinn och vill Iddien aus eisem Walprogramm respektéiert ginn a virun allem och Proposen, déi mer déi lescht Joren hei am Gemengerot gemaach hunn, déi dee Moment net ëmmer esou direkt mat Applaus beduecht gi sinn, mee mir si frou, dass awer zum Beispill den eventuell gratis Accès vun de Schoulkanner an eise Schwämmen an eng Streewiss fir Déieren, hei awer och säin Nidderschlag fënnt. Heiansdo dauert et eeben e bëssen, heiansdo musse mer eeben eppes soen an dann ass dat net direkt esou euphoresch begréisst ginn, mee mir sinn awer frou, dass mer vill Saachen elo hei awer erëmfannen a mir sinn och prett, weiderhi konstruktiv matzeschaffen, mir wäerte sécher vill Projeten, déi gutt fir Diddeleng sinn, matdroen an elo heescht et awer natierlech, loosse mer d'Äerm eropstréppen, allen nonzéng heibannen, an d'Aarbecht, déi feelt eis net an déi geet eis net aus, an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA: (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools, Merci, Madamm Kayser, fir Är Interventioun.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci villmools, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech hunn haut wierklech déi grouss Éier a Freed, als gewielte Member, well déi lescht Kéier sinn ech jo nogeréckelt, hei ze stoen a kënne Stellung ze huelen, an ech profitéieren och direkt dovunner, natierlech eise Wieler Merci ze soen, fir d'Vertrauen, dat si eis geschenkt hunn. Op dëser Plaz wëll ech och profitéieren, fir natierlech och dem Monique Heinen Merci ze soen. Hatt war mat mir am Gemengerot nogeréckelt, mir ware wierklech eng ganz gutt Ekipp, mee elo si mir nach eng méi dynamesch a méi jonk Equipe. Ech freeë mech op eis Zesummenaarbecht, mee natierlech och eise Virgänger wëll ech Merci soen, dem Romaine Goergen an dem Roga, dem Robert Garcia an iwwerhaapt och der ganzer Ekipp. Mir sëtzen natierlech hei am Gemengerot, mee déi ganz Aarbecht, déi geschitt am Background an do ass natierlech eis ganz Ekipp mat involvéiert. Also, mir Gréng setzen eis hei zu Diddeleng mat Häerz a Séil an, fir méi en nohaltegt a méi en zukunftsfäegt Diddeleng an domadder och fir d'Wuelbefanne vun eise Biergerinnen a Bierger. Mir sinn elo ganz laang, ganz, ganz laang an der Oppositioun a mir féiere scho ganz laang méi oder manner konstruktiv Gespréicher mam Schäfferot, déi da méi oder manner loyal Proposen iwwerholl hunn oder net.

Ech komme kuerz zum Logement. No enger Covidkris, enger Energiekris, enger massiver Hausse vun den Zënsen, méi spéit, ass de Logementsproblem nach ëmmer ganz uewen op eisen Agenden. Drësseg Joer laang ass op nationalen Niveau, wuelverstanen, keng gutt oder quasi inexistent Logementspolitik gefouert ginn an dat huet sech awer och hei zu Diddeleng an der Gemeng erëmgespigelt. Ech sinn immens frou, datt virdrun dat Beispill vu Wien gesot ginn ass. Also et hätt ee kéinten, et hätt ee kéinten, mee mir sinn hei, fir d'Zukunft ze kucken. Mee wann een éischter reagéiert hat, wiere mer vläicht och net an där Situatioun, an där mer haut sinn, well och d'Gemengen hunn am Logement eng Responsabilitéit ze droen. Déi Responsabilitéit haten si natierlech schonn ëmmer a mat méi oder manner gutt Resultater am Beräich abordabel Wunnengen, wuelverstanen. Mat dräi bis véier Prozent sozial Wunnengen hei zu Diddeleng, wéi bis elo ëmmer nëmme ganz wéineg ass, ass et zu Diddeleng och souzesoen op nationalen Niveau oder op lokalen Niveau si mer kee grousse Champion, muss ee soen, loin de là.

Mam Projet Neischmelz ass allerdéngs Beweegung an d'Spill komm a mir wäerten deemnächst och vill méi abordabel Wunnenge kréien. De grousse Motor awer hanner dem Projet Neischmelz ass natierlech d'Regierung gewiescht. An, méi spezifesch de Logementsministère, déi hei iwwer 500 Milliounen Euro wäerten investéieren, fir de Quartier Neischmelz kënnen ze realiséieren. An d'Gemeng Diddeleng gëtt iwwer dee Wee da mat an d'Boot geholl, fir méi abordabel Wunnengen hei ze bauen an och ze realiséieren, déi deemnächst wäerte kommen. Ech mengen, mir sinn elo an der Phas, wou mer de Buedem ufänken ze sanéieren, an dat wäert nach e bëssi daueren. An dofir, an deem Sënn, solle mer net nëmmen op Neischmelz waarden, mee mir solle proaktiv och aner Saache sichen, wéi eidelstoend Wunnenge mobiliséieren oder allgemeng einfach kucken, datt d'Gemeng méi keeft. Ech wëll hei net soen, datt d'Gemeng schlecht Aarbecht leescht, loin de là, also ech mengen, Dir, mir, Dir, leescht schonn eng gutt Aarbecht, mee et soll wierklech nach weidergedriwwe ginn an nach méi dynamesch dat Ganzt anticipéiert ginn. Ëmmerhi geet et jo drëms, eiser Jugend, an iwwerhaapt jiddereen a jidderengem déi Méiglechkeet kënnen ze ginn, hei zu Diddeleng kënne wunnen ze bleiwen oder vläit och op Diddeleng wunnen ze kommen. Jo, mir wäerten deemnächst méi abordabel Wunnengen duerch de Projet Neischmelz kréien a grad Neischmelz ass eng Plaz an eng Geleeënheet fir eis Gemeng, fir nei innovativ Projete wëllen unzegoen. Ech wëll net vun neie Wunnforme schwätzen, well dat ass effektiv, wéi den Här Buergermeeschter dat scho gesot huet, dat ass e Wuert, mëttlerweil, dat jiddereen an de Mond hëlt a wou kee richteg weess, wat et heescht, nei Wunnformen.

Mee d'Stéchwuert wier hei gréng Fassaden, well där hu mer wierklech net ganz vill hei zu Diddeleng, gréng Diecher, Zären op den Diecher, fir kënnen och méi lokal vläit ze produzéieren a méi Terrainen ënner Emphytheos zur

Verfügung ze stellen, fir eeben déi nei Iddie wéi Wunngemeinschaften oder Genossenschafte kënnen ze bauen an iwwerhaapt ze kucken, ob dat e Modell ass, deen eise Bierger dobausse gefält an an deem Sënn vläit och eise Pilotprojet, dat kënnen och iwwerall sou ze promouvéieren.

Kuerz zu der Versigelung, ech kommen da kuerz dozou. Mir mussen eis allgemeng Planungskultur ëmdenken, andeems mir ophale wierklech, Bëtongswüsten ze bauen. Ech zilen hei net nëmmen op déi ëffentlech Gebaier an den ëffentleche Raum, mee och de privaten, an dat ass dee Moment bei enger Baugeneemegung, wann déi ugefrot gëtt, kann de Service Technique natierlech eng gewësse Sensibilitéit mat op de Wee ginn an einfach déi Virdeeler opziele beim Bierger oder beim Architekt, well oft ass et eng Negociatioun virdru mam Architekt. Voilà. Et ass wierklech wichteg. An hei ass awer, wéi gesot, net just déi ëffentlech Hand responsabel, et muss och bei de Bierger richteg ukommen. Ech wollt ee konkreet Beispill opzielen. Ech mengen, hei virun der Gemeng hu mer richteg vill betonéiert an et ass eng Geleeënheet fir vläit hei waasserduerchlässeg Plazen opzemaachen, e bësse méi Gréngs, einfach wierklech mam gudde Beispill virgoen an dat Ganzt dréit natierlech och zu enger besserer Liewensqualitéit am sozialen an ëffentleche Raum bäi.

Kuerz zu den urbanen Amenagementer. Eis läit um Häerz, vill méi Gemeinschaftsgäert, „urban gardening“, „urban farming“ opzeriichten. Engersäits fir de pedagogeschen Aspekt, natierlech, fir de Kanner kënnen ze weisen, vu wou dat Ganzt kënnt an datt et net aus dem Caktus ass, an anerersäits natierlech fir den Ëmweltaspekt, fir erëm e bësse méi Biodiversitéit an d'Stied eranzekréien, well mir sinn awer trotzdeem eng grouss Stad. Sécherlech gi mir domadder net onofhängeg vu grousse Konzernen, mee et ass awer de richtege Wee, fir eisen zukünftege Generatiounen dat ze weisen, an dat heescht, ufänken och hinnen ze soen, datt et lokal a saisonal Produkter ze konsuméieren e ganz wichtege Schrëtt ass, net nëmme fir d'Ekonomie, mee och fir d'Gesondheet.

Kuerz zur de Mobilitéit. Ech mengen, den Här Steffen ass méi drop agaangen a wäert och méi drop agoen, mee ech wollt awer kuerz gesot hunn, Liewensqualitéit a sech och kënne fräi beweegen, virun allem zu Fouss oder mam Vëlo, op jiddwer Fall onofhängeg vum Transport an onofhängeg vum Auto. Dofir ass et wichteg, vital Fonctiounen, also vital ass vläicht net dat richteg Wuert, mee wichteg Funktioune mateneen ze verbannen duerch Sekundärpisten, déi méi sécher sinn a wou ee kann natierlech, ech soen ech dës Wuert, mam Vëlo oder zu Fouss op d'Schaff goen oder an d'Schoul. Ech weess, Dir hutt dat och opgeschriwwen am Programm a wat mech markéiert huet, Dir hutt geschriwwen, zu Fouss an dann hunn ech mer hannendrun notéiert a mam Vëlo, ass dat net virgesinn? Bref, et ass eng kleng Fro, einfach wann een den Text liest.

Thema Participatioun. Also, mir brauche wierklech lieweg Quartiere mat Bänken, Grillplazen, Pingpongsdëscher, Petanqueplazen, Parken, gréng Plazen, Coulëeverten, a Gréngs brauche mer iwwerhaapt, fir e bessert soziaalt a kulturellt Liewen a kulturell Kontakter kënnen opzebauen, fir sech och kënnen dobaussen opzehalen a fir einfach de Vivre ensemble ze ënnerstëtzen.

Fir eng reell Visioun vun engem Vive-ensemble an de Besoine vun de Leit dobaussen ze héieren, muss natierlech méi partizipativ an integrativ Politik gefouert ginn. Dat maacht Dir schonn, mee et kann een dat och fir aner Beräicher ausbauen, wéi zum Beispill sech besser ernären, besser lokal konsuméieren, lokal Produktioun, dat alles méi no un de Bierger bréngen, Verkéierspolitik, Zuchverbindungen, Wunnengspolitik, do kann een all déi Leit froen, wéi si sech dat virstellen. Also dat ass eppes, wat mir Gréng natierlech schonn ëmmer matgedroen hunn an immens wichteg fannen.

Ech sinn esou lues zum Schluss vu menger Ried, mee ech wëll awer e wichtege Punkt hei uschwätzen. D'Gemeng seet ganz oft Inclusioun. Mee hei zu Diddeleng, wann een d'Niddeschgaass kuckt, ass all Geschäft op mannst mat engem oder zweet Trëtt vum Trottoir limitéiert. Dat heescht, Inclusioun heescht definitiv awer och barrierefräi. Ech weess, datt dru geschafft gëtt, mee mir wëllen et wierklech op dëser Plaz implizit, explizitt ënnersträichen, datt dat wierklech wichteg ass an datt een net soll einfach Inclusioun iwwerall grouss schreiwen, mee datt een dat och soll ëmsetzen. Also barrierefräi ass d'Stéchwuert.

Vläit e klenge Clin d'oeil: Wat mir immens gutt gefall huet haut de Moien, ass, datt de Bic Mateneen e wäisse Bic ass, well ech krut vu ville Kolleegen, sief et vun der Gemeng oder och vun aner Gemenge, gesot, datt all eis Publikatiounen, alles, wat vun der Gemeng ausgeet, rout ass hei zu Diddeleng. Also, et kann een et vläicht verstoen, mee ech fannen, also och d'Broschüren, déi näischt mat der Politik ze dinn hunn, si meeschtens rout. Ech krut dat esou gesot an dofir sinn ech immens frou, datt dëse Bic e wäisse Bic ass, dat ënnersträicht wierklech eng gutt Kollaboratioun bestëmmt an dat weist op eng besser Zesummenaarbecht mat aner Parteien. An dann en zweete klenge Clin d'oeil: Ech hu gesinn, et ass vläit en Tippfeeler, mee Dir hutt an Ärem Programm de Ressort Logement zweemol drop gesat, dat betount nach eng Kéier, datt ënnersträicht déi Wichtegkeet vum Logement an dat freet eis immens. Sou, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an der Häre, dat alles gesot, hoffen ech, hoffe mir natierlech weiderhin op eng konstruktiv an op eng fair Zesummenaarbecht mat Iech. Merci villmools.

DAN BIANCALANA: (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova, fir Är Stellungnam.

MARC MEYER (DP): Voilà, villmools Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Wou mer déi Schäfferotserklärung geschéckt kritt hunn, hunn ech déi selbstverständlech mat groussem Interesse gelies, net nëmmen, well et déi éischt war, déi ech bis elo gelies hunn, mee ech wollt effektiv wëssen, wat do dra stoung, a gouf och net enttäuscht, well sou wéi virdru gesot ginn ass, huet de Schäfferot sech effektiv och déi eng oder déi aner Iddi bei den Oppositiounsparteie geholl. Ech hu mech do ganz gutt erëmfonnt. Vill Iddie si vun eis an déi Erklärung agefloss, och aner gutt Iddien, déi mir elo net

um Programm haten. Nichtdestotrotz sinn awer verschidde Punkten, déi nach weider ze verbessere sinn.
E puer wëll ech der do eng Kéier kuerz hei opzielen.

Deen éischte Punkt ass, dass an der Schäfferotserklärung och dra steet, dass, wéi gesot, ab véierzéng Auer soll Foussgängerzon sinn. Eh bien, mir haten do natierlech gehofft gehat, dass dat eng permanent Saach wier, wat awer op alle Fall gutt wier, dat wär, wann ee kucke géif fir dat schonn ab eelef Auer ze maachen, fir dass d'Restaurateuren Zäit hätte fir d'Terrassen ze amenagéieren, fir dass d'Leit dann och um zwielef Auer kënnen do iessen. Et ass esouguer ee Restaurateur, deen huet eng Parkplaz viru senger Dier, wann een do sëtzt z'iessen, ech wëll keng Reklamm maachen, mee Dir wësst alleguer, vu wiem ech schwätzen, an et ass en Auto, deen sech parkt, da muss een da scho bal oppassen, dass deen net an engem säin Dësch era rennt an do muss een effektiv och kucken, dass déi géif verschwannen, well déi eng Parkplaz, dat ass elo net déi, déi elo d'Saach géif do retten.

Den ëffentlechen Transport, do ass dovu geschwat ginn. Als éischt kënnt souwisou emol den Ëmbau vun der Beetebuerger Gare, fir et ze erméiglechen, dass méi direkt Zich an d'Stad kënne fueren, wat mir absolut eng gutt Saach fannen. Den ëffentlechen Transport muss ausgebaut ginn. Diddeleng hat do e bësse verschlof gehat, mee mir si jo amgaang, do opzehuelen. Bis dat esou wäit ass, misst een natierlech dann och kucken, wéi dat och am LSAP-Programm dra stoung, fir eng direkt (Afaart) Navette, eiser Meenung no bis op Näerzeng, déi nooste Gare, wou een och am beschten hikënnt, ouni gréissert Hin- an hierfueren, anzeféieren.
De Problem ass natierlech, dass Beetebuerg net un den TICE ugeschloss ass, mee mam RGTR ass do bestëmmt eppes, machbar.

Et ass wichteg, dass do bei d'Gaffelter Schoul eng Zon 30 kënnt. Dat ass absolut noutwenneg. Reegelméisseg zéien ech do Kanner ewech, déi soss iwwerrannt géife ginn. Ech hoffen natierlech, dass déi Zon 30 dann och do d'Léisung ass. Ech denken, dass och do misst mindestens e Radar hikommen, fir wann d'Autoen duerch rout fueren. Well et ass net nëmmen, dass si rennen, mee se fuere virun allem duerch rout, well se fäerte, soss misste si duerno bei der Kräizung beim Kierfecht nach eng Kéier stoe bleiwen. Ob dat elo machbar ass oder net, dat weess ech elo net, mee et wier op alle Fall mol eng Iddi, déi een net direkt vum Dësch soll stoussen.

Et ass vill iwwer d'Police geschwat ginn an iwwer d'Sécherheet vun Diddeleng. Ech mengen, dass Diddeleng sécher ass, dat ass dat, dee Saz, deen am meeschte gefall ass haut. Mir waren à la base fir eng Gemengepolice, de But dovun, dat war fir datt eng Police do wär, déi d'selwecht ausgebilt wär wéi déi normal Police, och Waffendréier wär, déi awer ënnert dem, ech soe mol, Kommando vum Buergermeeschter a Schäfferot géif stoen, well dat déi Leit jo awer sinn, déi wëssen, wou de Problem an der Stad ass.

De But war, dass erëm eng Police do wär, déi erëm no beim Bierger ass. Am Moment gesäit een d'Police net ganz no beim Bierger a wann een net grad vun Diddeleng ass an et geschitt engem eppes, da weess een och mol net, wou een e Policebüro oder e Polizist hei fënnt, well e relativ gutt verstoppt ass. Dat ass e Fakt, dass en neie Policebüro néideg ass, dat ass absolut och kloer. Mir haten eebe geduecht fir eventuell e klenge Büro an d'Geschäftsstrooss ze setzen, wou se dann zu e puer Poliziste wieren. Wou se direkt unzetreffe wiere vun de Leit, wou se eventuell och kéinte patrulléieren, net nëmmen duerch d'Geschäftsstrooss, mee och vum Lycée bis bei d'Gare, fir dass esou Saachen, wéi dass Jugendlecher vun, ech nennen se mol „Gruppen", fir net ze soe Gangs, do ernidderegt an zesummegeschloe gi wéi an deene Videoen, déi schonn hei zirkuléiert waren, net méi passéieren. De Park hätte se dann eventuell och kéinte mathuelen, well och do ass virun e puer Méint ee mam Messer gepickt ginn. Virun een, zwee Joer ass an der Strooss, déi bei de Buergermeeschter féiert, een erschoss ginn.

Also, Diddeleng ass méi sécher wéi vill aner Gemengen hei am Land. Mee sécher si mer op alle Fall nach net. Dass deen neie Policebüro op d'Fohrmannsplaz soll kommen, jo, firwat net? Ech hoffen natierlech, dass, wann dann do gebaut gëtt, eppes Gréisseres gebaut gëtt. Dass eventuell och nach e Parking mat abegraff gëtt an eventuell esouguer gréisser Geschäftslokaler a Büroen, well wann een déi riseg Plaz notzt fir just de Policebüro, wär dat awer dann e bëssen eng Verschwendung.

Quartier Neischmelz, neie Wunnraum, bezuelbare Wunnraum, absolut noutwendeg, absolut néideg. Jiddereе vun eis huet Kolleegen, déi gäre weider hei zu Diddeleng gewunnt hätten, déi di Chance awer net méi haten, well éischtens net méi genuch Wunnengen oder net méi genuch bezuelbar Wunnengen hei waren. Et muss een natierlech awer och oppassen, dass hei e gudde Mix entsteet vun alle soziale Schichten. Wann et elo just un déi Leit geet, déi eeben am äermste sinn, ass dat zwar deelweis fir déi Leit eng positiv Saach, mee mir mussen awer oppassen, dass mer keng Ghettoiséierung schafen.

Dann ass geschwat gi vum Sport. Jiddereen, dee mech kennt, weess, dass ech ëmmer do fir de Sport sinn an ëmmer do wëll investéieren. Ech war op d'AG, vum F91, wou de Schäffe René Manderscheid och do war, ech hat am Virfeld an och duerno nach eng Kéier mat de Responsabele vum F91 geschwat, ech weess, dass déi sech mat lech getraff haten, wou iwwer déi nei Buvette Rieds war, déi op zwee Stäck gebaut gëtt, wann ech mech richteg erënneren. Voilà, si sinn awer gréissendeels der Meenung an hirem Comité, dass e weidert Investissement an den Nosbaum just nach derwäert ass wann eventuell en Terrain hannert dem Nosbaum och géif vun der Gemeng kaf ginn, fir eventuell weider auszebauen, fir de Fussball, ob dat elo e Parking ass oder en zweeten Terrain, well soss ass deen Nosbaum-Terrain zimmlech elengstoend do an net méi ganz ideal fir dee Besoin. Voilà, dat sinn op alle Fall, déi Remarken, wou ech ze maachen hat.

Wéi ech am Ufank gesot hunn, ech hu mech ganz gutt an der Schäfferotsdeklaratioun erëmfonnt. Ech freeë mech op alle Fall, fir zesumme mat lech dorunner ze schaffen, net nëmmen un deene Punkten, déi mir mat-

bruecht hunn an eisem Walprogramm, mee och un allen anere gudde Punkten, déi Dir opgeluecht hutt. Ech soen lech villmools Merci an, Här Buergermeeschter, wann Dir et géift erlaben, géif ech mech och hei verabschiden. Ech muss leider heem goen. Ech krut eng Autorisatioun vu mengem Patron fir d'Vereedegung, déi ech elo e bëssen iwwerzunn hunn, an et gëtt och Zäit fir déi nächst Pëll géint d'Péng, well et fänkt un, wéizedoen.

DAN BIANCALANA: (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Kee Problem, villmools Merci, Här Meyer. Nach weiderhin eng gutt Genesung. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech wéilt och als éischt vun dëser Plaz aus deene ville Wieler a Wielerinnen, déi mech gewielt hunn, e grousse Merci soen an och fir hiert Vertrauen, dat se menger Partei a mir geschenkt hunn. Bon, dës Schäfferotserklärung definéiert déi grouss Linne vun der Politik an de Projete fir déi nächst sechs Joer. Et geet elo dorëms, dat Ganzt dann a Musek ëmzesetzen.

Déi zwielef Prioritéiten, déi definéiert gi sinn, droen ech all mat. Si sinn d'Ëmsetzung vum Walprogramm vun der Majoritéit. Ech begréissen awer och, dass wéi 2018 déi eng an déi aner interessant Iddi aus dem Walprogramm vun eenzelen Oppositiounsparteie mat agefloss ass, well et gutt Iddie si fir Diddeleng, a well mer jo all ronderëm den Dësch sëtzen an hei zesummen am Interêt fir Diddeleng a seng Awunner schaffe sollen. Wéi an der leschter Period wäerten och an dëser Period weiderhin den Enseignement a Maison Relais an als President vum Office Social natierlech och dat Soziaalt an de Logement meng Schwéierpunkte bleiwen. An deenen dräi Domäner ass vill ugeduet, ugefaange mam Enseignement, mat de Maison Relaisen.

Schoul a Maison Relais hu säit jeehier fir d'Majoritéit ëmmer eng ganz wichteg Roll gespillt, et ass ëmmer investéiert ginn a Schoul a Maison Relaisen, fir Neibauten, Ëmbauten, Renovatiounen, fir d'Mise en conformité a fir den Entretien, sou dass all eis Gebailechkeeten à jour, sécher an an engem gudden Zoustand bausse wéi banne sinn. An deem Esprit geet et weider. Et sti fir dës Period erëm vill nei Projeten niewent deenen, déi en cours sinn, wéi d'Enveloppe thermique a Gaffelt, d'Mise en conformité am Brill, de Sportskomplex um Strutzbierg un. No dem Bau vun der Schoul mat Maison Relais an integréierter Sportshal a Lenkeschléi, déi national Vorzeigecharakter kritt huet, soll an dëser Period de selwechte Modell an de Quartier Balzeng kommen. D'Schoul Däich gëtt vergréissert a moderniséiert, grad wéi och d'Maison Relais Butschebuerg, déi am Sous-sol vum Schoulgebai ass an den Erfuerdernisser vun enger moderner Maison Relais net méi gerecht gëtt.
D'Schoulhäff Wolkeschdall a Strutzbierg, grad wéi d'Spillplazen, beispillsweis, déi A Bëlleg gebaut wäert ginn, ginn - an eenzeler an Diddeleng sinn et schonn - naturno. Bëtong a Makadamm si passé. Iwwerhaapt ass mer opgefall, dass méi Natur ëmmer eng méi wichteg Roll an der Zukunft wäert spillen. Beim Projet Wildnispedagogik hu mer et gesinn, wéi gären d'Kanner sech dobaussen ophalen, beweegen an duerfir sollen an Zukunft och méi Aktivitéite ronderëm d'Schoul a Maison Relais, Visitten, Vakanzaktivitéiten dobausse stattfannen, also naturverbonne sinn. Dofir sinn och Classe-verten um Site vun oder no bei der Schoul ugeduecht, wou et dobausse méiglech soll ginn, eenzel Schoulaktivitéiten ze maachen.

Och an deem Kader d'Iddi vun der Ferme pédagogique, déi mir ganz gutt gefält, wou de Kontakt zur Natur, d'Landliewen, d'Déieren an d'Aarbecht um Bauerenhaff soll de Kanner méi nobruet ginn. Well scho vill Klassen a Gruppe vun der Maison Relais dat schonn an der Vergaangenheet gemaach hunn an och nach ëmmer reegelméisseg där Visitte maachen, wär et also flott, wa mer lo einfach och esou eppes zu Diddeleng hätten. Bon, et war jo virdrun ugeklongen, dass mer dat mat engem Partner aus dem soziale Beräich sollte maachen. Ech wëll awer och erënneren, dass mer och nach zwee Bauerebetriber an Diddeleng hunn an dat een och vläit déi net sollt hanne virloossen a vläit mat deene Kontakt ophuelen, ob net vläicht och ee vun hinnen interesséiert wär, dat ze maachen.

Ervirzehiewen ass dann och, dass de Pedibus am Kader vum Séchere Schoulwee mat forméierten Encadranten assuréiert soll ginn. Mir hu vill a laang ëmmer driwwer geschwat a mir hunn op Fräiwëllegkeet gesat, mir hu gehofft, dass d'Elteren, oder deen een oder deen anere géif do säi Rôle iwwerhuelen, an awer hu mer gesinn, dass et net aneschters geet, wéi effektiv mat forméierten Encadranten ze fueren. Dee Service gëtt also elo professionaliséiert. Ech muss soen, dass dat eebe wierklech déi eenzeg richteg Alternativ zum bestoende System ass.

Beim Sozialen: Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet si säit jeehier keng eidel Wierder zu Diddeleng. Mir sinn a schwieregen Zäite säit dem Ukrainkrich, héich Inflatioun, Präisdeierecht op allem, héich Loyere féieren dozou, dass ëmmer méi Leit riskéieren, an d'Aarmut an an d'Prekaritéit ze rutschen. Dofir begréissen ech, dass de Schäfferot et zu enger Prioritéit mécht, dëst ze bekämpfen, Promotioun fir eng Aarbecht fir jiddweree wëll maachen, grad fir Leit, déi a schwierege Situatioune sinn, ze hëllefen. Dëst sollt transversal mat all eise Servicer realiséiert ginn.

Den Office social iwwerhëlt natierlech säi Rôle do als meeschtens déi éischt Ulafstell, wou Leit hikommen, wann se Problemer hunn, meeschtens finanziell Problemer, respektiv, wat ëmmer och vill ass, dass se eng Wunneng sichen. Hei ginn natierlech dann déi néideg Demanden direkt gemaach. D'Leit ouni Schaff ginn an eise Service d'emploi gescheckt. Eng Wunneng fannen ass aktuell extrem schwéier an ouni fest Aarbecht ass et onméiglech ginn, e Logement ze fannen. Eise Service d'emploi wäert also hei weiderhi staark gefuerdert ginn. E soll probéieren, dës Leit ze orientéieren, lokal Jobfoiren ze organiséieren, respektiv un nationale Foiren deelzehuelen, Stagen ze organiséieren, zesumme mat lokale Geschäfter, Handwierksbetriber an Entreprisen, deene betraffe Persounen Informatioune schécken, fir hir professionell a sozial Kompetenzen ze entwéckelen.

D'Sprooch ass och awer oft dee grousse Problem. D'Sprooch ass eng Barrière fir vill Leit, déi bei eis kom-

men. Vill Leit, déi Problemer hunn, hunn och da Problemer mat der Sprooch, déi sinn nach net laang am Land, zum Beispill, kommen heihinner a kënne sech nun emol net ausdrécken, ausser si bréngen ee mat, deen iergendwéi e bësse kann iwwersetzen. Dofir sollen also och d'Sproochecoursë verstäerkt promouvéiert ginn, grad och Informatikoursë si wichteg, wann ee weess, dass déi Leit ganz oft näischt hunn. Dofir gëtt et jo Digital Inclusion, déi de Leit Handyen zum Beispill zur Verfügung stellen an d'Méiglechkeet ginn, esou kënnen op Aarbechtsannoncen ze reagéieren, andeems se sech kënnen also do ukucken an dee Moment reagéieren.

Schliisslech engagéiert sech de Schäfferot, weiderhi Léierplazen, grad fir méi Stagiairen, net nëmmen am Handwierksberäich, mee och an der Administratioun unzebidden, dat deene Jonken also ze gutt kënnt.

Zum Logement, ech mengen, de Moien ass elo scho ganz vill iwwert de Logement geschwat ginn, ech wëll och net méi vun hannen no vir ufänken, ech wëll just soen, dass et masseg u bezuelbarem Wunnraum feelt, dat wësse mer alleguerten, dat ass awer kee kommunale Problem, et ass net, dass dat elo just un der Gemeng géing leien, mee et ass wierklech en nationale Problem. Ech zitéieren: "… nach wéinstens zwou Legislaturperiode bräicht et, fir un déi zwanzeg Prozent ze kommen, ënner der Konditioun, dass all Joer mindestens dausend Wunnenge geschaf ginn", esou eng Ausso vum aktuelle Logementsminister viru kuerzem. An do missten niewent dem Fonds de logement, SNHBM, Associatiounen, privat Entreprisen, och Gemengen, déi de PAL 2.0 ënnerschriwwen hunn, hëllefen, dëst Zil ze erreechen.

Mir sinn eng vun deenen honnert Gemengen, déi de PAL 2.0 ënnerschriwwen hunn a kréien doduerch finanziell Hëllefe vum Ministère du Logement fir Projeten ëmsetzen. A wéi an der Vergaangenheet ass de Schäfferot gewëllt, an dëser Period niewent Projeten, déi mer schonn d'lescht Period gestëmmt haten an déi matzäiten ëmgesat wäerte ginn, och eng ganz Rei nei Projeten ëmzesetzen, an zwar um Site Eecherdall, Rue Pasteur, op enger Partie vun den Tennisterrainen, an der Lëtzebuerger Strooss, an der Rue Nic. Biever, A Bëlleg, fir esou säi Parc immobilier ze vergréisseren, deen de Service Logement verwalt. Keng Wunneng ass ze vill, Demandë ginn et der vill, nach muss gekuckt ginn, wiem eng Wunneng affektéiert gëtt.

E grousse Problem, deen op eis duerkënnt, an dat ass deen, dee mer schonn erlieft hunn an, an ech kommen nach dorop zeréck, dat sinn d'„Familles nombreuses". Ech schwätzen hei net vun enger Famill mat zwee Kanner, mee mat véier a méi Kanner, well fir do en Ënnerdaach ze fannen, dat gëtt eng Saach vun der Onméiglechkeet, besonnesch wann een och un de Bail locatif denkt, dee virgesäit, dass all Kand iwwert 12 Joer soll säin eegent Zëmmer hunn, da brauche mer bei enger Famill mat sechs, siwe Kanner herno néng, zéng Raim, dat heescht, mir brauchen e klengen Hotel. An dat ass reng onméiglech. De Fonds de Logement baut och näischt an deenen dote Gréissten, also musse mer do onbedéngt e Revirement fannen oder iergendwéi eng aner Struktur an dee Bail kréien. Voilà. Bei eise Wunnenge soll och den Akzent op intergenerationell Wunnengen, Wunnenge fir jonk Leit a Leit mat spezifesche Besoine gesat ginn.

Fir Jonker hate mer schonn ugefaangen, mir haten de Projet do uewen an der GLS lancéiert, ma et ass e Problem ëmmer erëm wann d'ëffentlech Hand eppes baut, da sinn hei an do Hindernisser an hei an do si Problemer an dat zitt sech an zitt sech, bis een do wierklech dann herno effektiv … och do wär et immens wichteg, wann d'Prozedure vereinfacht géife ginn, déi administrativ Hürde sinn einfach ze grouss. Wa mer gär wëlle virukommen, wär also en Appell un déi nächst Regierung fir doriwwer nozedenken.

Och den Office social mat der GLS hëlleft weider de Leit, déi an enger prekärer Situatioun sinn, mat der Mise à disposition vun enger Wunneng op dräi Joer, mat engem Projet de vie, mat engem Suivi vun enger Assistante sociale, mat der Verflichtung, Suen ze spueren, an ech muss soen, dass mer do och kräfteg bäigeluecht hunn, dat heescht mir kréien a leschter Zäit, duerch den Appell am Bliedchen zum Beispill eben, also well mer dee vun Zäit zu Zäit jo maachen, d'Leit sollen eis hire Bien ginn, mee effektiv och déi steierlech Entlaaschtung, déi Hausse vu fofzeg op fënnefasiwwenzeg Prozent, sech ëm näischt méi brauchen ze bekëmmeren, wann een ënnerschriwwen huet, all dat sinn Avantagen, wou d'Leit, besonnesch eeler Leit gesinn, mee do si mer och op en zousätzleche Probleem gefall, an dat ass déi, dass wa mer Wunnenge kréien, déi méi al sinn, dass do effektiv mat dem Gesetz vun der Salubritéit respektiv der Securitéit vum Ministère du Logement effektiv da vill Gebailechkeeten duerchfalen. Dat heescht, et hunn der bis elo dra gewunnt a wann der se um Privatmarché géift verlounen, wunnen och erëm Leit dran, mee wa mir se bis huelen, fale mer do drënner an da gi mer ausgebremst. Bei där ganzer Problematik kommen dann nach esou Problemer dobäi.

Voilà, da begréissen ech och, dass de Schäfferot ëmmer nach wëll Baulandreserven uleeën, eeben och fir abordabele Wunnraum ze schafen an och fir kënne mat der Promotioun oder zum Beispill der Konstruktioun vu neie Wunnformen, wéi zum Beispill déi berüümten Tiny Houses, wann de gesetzleche Kader gesat ass, ze starten. Voilà, il y a du pain sur la planche, géif de Fransous soen. Mir mussen et upaken. Packe mers, soen déi Däitsch. Ech hoffen op eng gutt an eng fair Zesummenaarbecht an dësem Gremium a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och Här Zuang fir Är Stellungnam.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci fir d'Wuert. Mir geet et e bësse wéi der Madamm Dimmer, ech sinn och keent, wat grouss Texter schreift, mee ech hoffen, dass ech dat da genau esou fléissend elo hikréien, wéi si virdrun. Obwuel ech schonn e puer Joer elo an der Politik sinn, hunn ech och nach net sou vill Erfarunge mat Schäfferotserklärungen an ech wosst net esou genau, wat ech mer sollt erwaarden, mee ech muss soen, leider hunn ech mech awer bëssen dobäi ertappt, e bëssen enttäuscht ze sinn. Majoritairement gesinn ech, dass aktuell Projete weidergefouert ginn. Dat ass eng

gutt Saach, wann et gutt Projete sinn, da sollen se och weidergefouert ginn, mee ech hunn d'Gefill, alles wat un neien Iddien do ass, dat ass relativ vag, relativ onkonkret a virun allem och a ville Punkten net chiffréiert, soudass een net wierklech weess, wat ee mat deene Punkte soll ufänken.

Ech wëll awer fir d'éischt mol mat eppes Positivem ufänken. Et huet eis als déi Lénk natierlech och immens gefreet, dass direkt an der Introduktioun steet, datt de Schäfferot oppen ass fir all nei Iddi, dat freet eis, mee wann dann hannendru steet, datt di Iddie wäerten analyséiert ginn "en fonction de leur faisabilité, de leur valeur ajoutée et de nos moyens financiers", dat ass natierlech esou, mee dann hoffe mer awer och, dass dat mat deem ganze Gemengerot analyséiert gëtt, well wa mir Iddien no vir bréngen, da wier et natierlech och flott, heiansdo net just gesot ze kréien "Neen, dat geet net", mee ze wëssen, firwat et net geet, well da musse mär d'Iddien och net ëmmer rëm op den Dësch bréngen, wa mer vläicht mat an déi Analys géinge mat agebonne ginn.

Kommen ech zeréck zur Schäfferotserklärung. Ech weess net, ob d'Reiefolleg vun de Kapitele schléisse léisst op d'Importanz, déi de Schäfferot deenen eenzele Sujete gëtt. Falls dat esou ass, verstinn ech net esou ganz, firwat ugefaange gouf mam Kapitel Developpement urbain, well dat ass a mengen Aen awer ee Kapitel, wou ech awer näischt Neies fonnt hunn. Dat eenzegt Neies, wat ech fonnt hunn, dat sinn d'Tiny houses, dat ass esou e Wuert, dat steet do esou dran, do ass awer guer net erkläert, wat Dir domadder mengt, wou Dir déi wëllt bauen, wéi vill Dir der do wëllt bauen, ob Dir do e Projet hutt. De ganze Rescht, jo, Dir schwätzt iwwert de Shared Space, wou mir natierlech och ganz frou waren, dass eis Iddi zumindest zum Deel opgeholl gouf fir deen an eng Foussgängerzon ze maachen.

Och mir hätten eis gewënscht, dass ee schonn d'Mëttesstonn mat erageholl hätt, fir dass och d'Restauranten an der Mëttespaus dovunner kënne profitéieren. Dat gëtt net gemaach a mir si virun allem awer enttäuscht, dass dat sech just op de Summer begrenzt, well ech mengen et mierkt een och, et huet een an de leschte Wochen a Méint gesinn, wéi grouss d'Liewensqualitéit awer war, wéi vill Leit an der Foussgängerzon flanéiert sinn an ech mengen awer och am Wanter reent et net ëmmer an dann ass och mol gutt Wieder an et wier flott, wann een dat kéint permanent maachen a vläicht d'Mëttesstonn mat eranhuelen.

Fir de Rescht, de gréissten Deel vum Kapitel Développement urbain, deen dréit sech ëm Neischmelz. Neischmelz, dat héieren ech elo säit ech dobäi sinn, säit zéng Joer gëtt vun Neischmelz geschwat, dat ass praktesch, well ëmmer wa gesot gëtt Logement, da gëtt gesot Neischmelz an da mengt een, et géing eppes geschéien. Elo endlech soll et jo dann ufänken, dat heescht Enn des Joer, Ufank nächst Joer sollen d'Aarbechte vum Assainissement do ufänken, da gëtt et jo endlech konkret. Eis géing intresséieren, wësse mer schonn, gëtt et schonn Delaien, wéini déi éischt Wunnenge wäerte fäerdeg ginn?

A wann dann nach an anere Kapitele steet, do si ganz interessant Saache wéi eng Crèche, eng Bibliothéik, e Jugendzenter, wat ech ganz, spannend Iddi fannen, wat, mengen ech, wierklech, kéint komplementär zum Jugendhaus sinn, do hu mer eis gefrot, ob et do och schonn e konkrete Projet gëtt? Ass do virgesinn, dass deen an de Reseau vun de JIPe soll erafléissen? Ass et schonn esou konkret, well mir froen eis och do, wat ass do den Zäitraum? Ech mengen net, dass dat dote virgesinn ass fir dës Legislaturperiod, dat ass warscheinlech éischter, wéi de Buergermeeschter gesot huet, fir déi nächst zéng bis fofzéng Joer. Da steet nach am Kapitel, dass nei Begéinungszone sollen a verschiddene Quartiere reamenagéiert ginn. Dat ass ganz wichteg effektiv. Do hoffe mer, dass och weiderhin d'Awunner aus deene Quartiere mat agebonne ginn an dass am Gespréich mat den Awunner, dass do erauskënnt, dass nei Beem solle geplanzt ginn, well oft feelt et effektiv e bëssen u Grénge, dat steet och hei dran, an ech mengen och eleng en vue vun der Resilienz, vun der Klimakris, vun de steigenden Temperaturen, mir wëssen, dass Grénge a Beem virun allem, d'Temperaturen an enger Stad scho kënnen e puer Grad erofsetzen an dat ass am Summer spierbar. Bon, dass mir net d'accord sinn, dass mat ëffentleche Gelder d'Fassad vun der Kierch nei gemaach gëtt, dat ass elo kee Geheimnis. Ënner Trennung vu Kierch a Staat stelle mir eis eppes aneres vir, mee datt sief dohigestallt.

D'Kapitel vun der Mobilitéit, dat war dat, wat mech wierklech e bëssen enttäuscht huet, do gëtt iwwert de SUMP geschwat, eise Plang vun der nohalteger Mobilitéit, wou ech selwer jo och hunn dierfe matschaffen. Dat ware ganz konstruktiv a flott Diskussiounen, an do ware mer eis eigentlech alleguerten eens, mengen ech, dass mer wéilten a Richtung goe vun deem ambitionéierten Zenario. Deen ambitionéierten Zenario 2, dee seet aus, dass den Autosverkéier soll ëm drësseg bis véierzeg Prozent erofgoen an Diddeleng, an dass de Vëlosverkéier ongefeier mol dräi soll sech entwéckelen. Wann een dat wëll maachen, wann een dat wëll erreechen, da muss een awer als Politik de Vëlo wierklech als prioritär ugesinn an da mussen och esou Mesuren ergraff ginn, dass en och wierklech fir d'Awunner déi kloer Preferenz ass.

An dat gesinn ech elo net an dëser Erklärung, dass wierklech d'Prioritéit op de Vëlo respektiv op d'Mobilité douce gesat gëtt. Hei steet dran, et ass "par le biais d'actions en faveur de la mobilité douce". Jo, OK, ech weess net, wat do drënner ze verstoen ass. Ech fannen dat relativ onkonkret. Et gëtt och gesot, dass d'Mobilité douce da virun allem an den neie Quartiere sollt promouvéiert ginn. Dat ass gutt. D'Chancë bei Neischmelz a virun allem A Bëlleg, wou virgesi war, dass zum Beispill de Quartier A Bëlleg sollt autofräi ginn, déi goufen awer verpasst. Mir hoffen, dass dann awer déi Prioriséierung mat e bësse méi Häerzblutt dës Kéier promouvéiert gëtt.

Et ass och e Kapitel dran iwwer d'CFL, e Projet mat den CFL a mat de Ponts-et-Chaussées. Dat fannen ech ganz gutt. Dowéinst huet mer eigentlech ee Saz e bësse gefeelt, deen och elo net onbedéngt an der Verantwortung vun der Gemeng ass, an awer, dat ass den

TICE. Do ass e gewëssent Ramoueren, dat sech och elo schonn déi lescht Wochen a Méint ugedeit huet an ech hoffen einfach, dass mir hei am Gemengerot oder virun allem eis Vertrieder am Syndicat TICE eis alleguerten eens sinn, dass mer do wäerte mat Nodrock dofir suergen, souwäit dat an eiser Verantwortung läit, dass do souwuel d'Aarbechtskonditioune wéi och de Service net wäerte verschlechtert ginn.

Schlussendlech, dass d'Vitess soll bei der Gaffelt op drësseg Kilometer an der Stonn reduzéiert ginn, dat begréisse mir och. Mir fannen awer e bësse schuet, dass dat esou lues am Schleekentempo virugeet. Ech weess, ech weess genau, dass dat net an der Verantwortung vun der Gemeng läit. Ech mengen awer, dass wa mer wëllen, dass et do e bësse virugeet, da musse mer Courage weisen an da musse mer den Drock op Ponts-et-Chaussées wierklech héichhalen, fir dass et do virugeet, well wa mer esou weiderfueren, dann dauert et nach laang.

Dat wichtegst Kapitel, mir hunn haut scho vill iwwer Logement geschwat, dat ass och dat kierzte Kapitel. Ech hoffen, dass dat näischt wëll aussoen. Ech sinn d'accord, dass Logementspolitik eng national Politik ass. Leider huet eis och déi aktuell Regierung do net wierklech déi richteg Äntwerten drop fonnt, mee och d'Gemenge mussen awer hir Responsabilitéit iwwerhuelen. A wann ech da liesen "plusieurs projets de logement abordables verront le jour", jo, OK, eise Service Logement, deen et nach net esou laang gëtt, dee mécht och eng gutt Aarbecht, mee wéi vill gëtt et der dann? Also ass dat Zil chiffréiert? Dat Gefill hunn ech net. Mir brauchen e Plang.

Virdru gouf gesot, dass zum Beispill och Famille mat ville Kanner missten e Public-cible sinn. Eis feelt am Public-cible iwwregens och Refugiéen. Mir hunn hei e Flüchtlingsheem, wou Famille mat Kanner wunnen an ech mengen, mir sollten deene Familljen och d'Méiglechkeet ginn, dass se kënne weiderhin hei zu Diddeleng liewen. Dofir sollt dat an eisen Aen och e Public-cible sinn. Mee ech mengen, et wär wichteg, dass mer mol géingen eise Besoin chiffréieren, dass mer wierklech mol géingen e Plang opstellen, wat brauche mer. Mir brauche kleng Wunnenge fir jonk Famillen, mir brauche Wunnengen, déi méi grouss sinn, fir Famille mat méi Kanner, dat si verschidde Besoinen a mir kënnen net déi Wunnenge liwweren, déi gebraucht ginn, wa mer net wësse wat gebraucht gëtt. D'selwecht och, dass Reserve-foncièrë sollen ugeluecht ginn, dat ass e klenge Paradigmewiessel, dat freet eis immens, no der Plaz Am Duerf, déi deemools nach éischter privatiséiert gouf, freet eis dat, mee och do gëtt et e Plang, wéi, wéi eng Terraine wou déi sinn, wéi vill Terrainen a wéi vill Logementen dorobber solle gebaut ginn, dat wësse mer net.

D'Gestion locative sociale vum Office social, dat begréisse mer, dat ass eng ganz gutt Saach. Mir ass awer zu Ouere komm, dass aner sozial Projeten, déi sech fir alternativ Wunnformen asetzen, dass déi wéineg Ënnerstëtzung kréien, wann se vu bausse kommen. Also, ech krut do gesot, jo, wa mir awer mat neien Iddie kommen, déi wou d'Majoritéit net d'Gefill huet, se kéime vun hinnen, da gëtt et keng Ënnerstëtzung. Ech hunn do zum Beispill héiere vun engem WG-Projet, dee wollt hei e Projet maachen an deen awer leider keng Ënnerstëtzung vun der Gemeng krut.

An dann eppes, wat mech wierklech enttäuscht huet: "d'autres pistes pour mobiliser ponctuellement des terrains en vue de la création de logements seront étudiées", also, dass mir mussen Terraine mobiliséieren, dat ass elo wierklech näischt Neits, dat ass e Sujet, doriwwer schwätze mir säit ech Politik maachen, soe mer, et gëtt esou vill Terrainen, déi zeréckgehale ginn, déi brauche mer, wa mer wëlle Wunnengen, wa mer wëllen neie Wunnraum schafen. An dann elo am Joer 2023 seet de Diddelenger Schäfferot, mir mussen do Etüde maachen, wat mer do kënne maachen. Also, mir hunn d'Propositiounen. Dat ass, dat ass och keng, keng Magie. Do gëtt et verschidden Iddien, déi stoungen iwwregens och an eisem Walprogramm, also dee war iergendwéi vläicht e bëssen ënnergaangen, well dee fanne mer elo net esou gutt an der Schäfferotserklärung erëm, mee et kënnt näischt laanscht mat de Leit schwätzen, Spekulatiounstax, wéi gesot, do gëtt et verschidde Pisten, déi ee ka goen, an ech mengen, dass dat dote wierklech eng wichteg Fro ass a vläicht kënne mer eng Kéier doriwwer am Detail an enger Bautekommissioun zum Beispill diskutéieren, well ech mengen, do gëtt et awer genuch Iddien, déi ee wierklech kann diskutéieren.

Dann ee Kapitel, wat mer awer ganz gutt gefall huet, dat ass dat vun der Ëmwelt a vum Klimaschutz, do war ech wierklech positiv iwwerrascht, well et allgemeng virun allem vu kollektiven Ustrengunge schwätzt an net just vun individueller Responsabilitéit, wat ganz oft de Problem ass, dass d'Responsabilitéit op Privatmenagë just gesat gëtt an dat liesen ech elo aus dëser Schäfferotserklärung net eraus, wou d'Gemeng wierklech hir Verantwortung wëll iwwerhuelen. Dat begréisse mir natierlech, virun allem de Plan de résilience et de sobriété énergétique, dee soll opgestallt ginn, deen huet mer ganz gutt gefall, well dat sinn zwee Sujeten, déi och oft vergiess ginn an ze kuerz kommen an der Diskussioun an ech mengen, dat ass, eng ganz wichteg Diskussioun an ech ginn da mol dovunner aus, dass dee Plang soll zesumme mam Klimateam oder an der Ëmweltkommissioun oder wéi och ëmmer opgestallt ginn, also partizipativ och mat de Bierger, an dann ass dat eng ganz gutt Saach. Schlussendlech si mer natierlech och ganz frou, dass elo an der Schäfferotserklärung steet, dass op neie Gebaier, déi der Gemeng gehéieren, solle Fotovoltaikanlagen drop kommen oder respektiv ëmmer gepréift ginn, dass dat méiglech ass. Ech weess, dass ee vu menge Virgänger, de Jos Thill sech de Mond fusseleg geschwat huet fir an déi Richtung ze goen. Dat ass dann eppes, wou mer eis erëmfannen. Dat ass gehéiert ginn, dat freet eis ausseruerdentlech.

Dat eenzegt, wat mer e bëssen an deem Kapitel gefeelt huet, dat ass, dass den Ëmweltschutz, Klimaschutz och soll zesumme mat de soziale Froe behandelt ginn. Zum engen, wa mer vu Resilienz schwätzen, mir wëssen, dass eng Gesellschaft méi resilient gëtt, wann d'sozial Ongläichheeten am geréngste sinn, dass och eng Gesellschaft méi en héijen ekologesche Foussofdrock huet, wann d'sozial Ongläichheeten auserneeginn an och a Froe vun Akzeptanz ass et - mengen ech - wichteg, déi

sozial Fro an déi ekologesch Fro zesummen ze denken. Och do hate mir verschidde Propositioune gemaach, dat d'Gemeng d'Leit nach méi wäit soll ënnerstëtzen, vläit och finanziell ënnerstëtzen, wat d'energetesch Sanéierung vun hire Wunnengen ugeet, well de Moment ass et nach sou, dass déi meescht Leit musse Sue virstrecken a wann se déi Suen net hunn, fir virzestrecken, da kënne se och herno d'Subsiden net kréien.

An de gestaffelte Waasserpräis, ech verstinn net, firwat deen net opgegraff ginn ass. D'Iddi vum gestaffelte Waasserpräis ass, dass all Mënsch, onofhängeg vu sengem Budget, e Grondbesoin u Waasser zur Verfügung kritt, well Waasser ass e Mënscherecht a gläichzäiteg sollen d'Leit incitéiert ginn, hire Waasserverbrauch ze reflektéieren, well wat se méi géinge verbrauchen, géingen se och méi deier bezuelen. Dat ass eng Fro, déi wierklech sozial an ekologesch Froen zesummebréngt, dat weist sech och doduerch, dass esou e gestaffelte Waasserpräis mëttlerweil gefuerdert gëtt vum Mouvement écologique a vun der Chambre des salariés, an ech mengen, wa mer op dee Wee géinge goen als Gemeng, da kéinte mer ganz staark Signaler an déi doter Richtung ginn.

Voilà, ech sinn hei eng Eng-Fra-Fraktioun, dowéinst verstitt Dir, dass ech net op all Sujete kann am Detail agoen, awer nach e puer eenzel Punkten. Natierlech, natierlech ënnerstëtze mir Infrastrukturprojeten, wann déi transparent geplangt sinn, also wann et zum Beispill geet ëm d'Extensioun vun der Schoul um Däich, ëm d'Maison Relais zu Butschebuerg, dat si ganz wichteg Sujeten. Och déi nei Sportshal um Strutzbierg, wou ech als Member vum Dëschtennis mech natierlech och immens drop freeën, nei Spillplazen, dat sinn alles flott Saachen, déi mär natierlech ënnerstëtzen, sous condition, dass och d'Finanzen an de Projet transparent virgestallt ginn.

Mir géingen do wierklech froen, dass an Zukunft bei grousse Projeten - kommt mir soen iwwert enger Milioun Euro oder sou - dass déi Projete wäit am Viraus, zumindest zwee Méint am Viraus an engem informelle Gemengerot oder an enger Finanzkommissioun de Membere vum Gemengerot virgestallt ginn, well dat si jo Projeten, déi och Dir net réischt zwou Woche virdrun hutt, déi si jo schonn am Viraus geplangt an dat géing eis d'Méiglechkeet wierklech erliichteren, och dat am Detail ze ënnersichen. Kommt mir maachen doraus en Automatismus, dass mer do och als Oppositioun d'Méiglechkeet kréien, dat am Detail ze kucken.

Projete wéi e Repair-Shop, e Second-Hand-Shop, dat si super Saachen, dat gëtt scho ganz laang vun de Leit an Diddeleng gefrot. Dat ass eng gutt Saach, virun allem och de Lieu de rencontre LGBTIQ+. Ech weess elo net, ech hunn net richteg verstanen, ob et do schonn e Konzept derhannert gëtt, wat Dir domadder genau mengt. Immens flott wier natierlech och e Queer-Café, well där gëtt et hei am Land keen aktuell. Mee, ech mengen, dass dat ka ganz flott sinn an dass dat eng Beräicherung fir Diddeleng ass awer. D'selwecht wéi ee Coordinateur sportif, Maison des associations, écrivain public, dat sinn alles Saachen, déi mir natierlech ënnerstëtzen, déi sënnvoll sinn a wou mir eng gutt Iddi fannen.

Nach zwee Punkten zur wirtschaftlecher Entwécklung, dass Dir do wëllt op Co-working Spaces setzen, dat fanne mir och eng gutt Iddi, dat ass ganz sënnvoll. Am Zentrum, hunn ech elo gelies, déi éiweg Iddi vun de Pop-up-Stores, dat ass definitiv eng gutt Iddi, mee mir kënnen och net just aus Pop-up-stores bestoen. Mir mussen och kucken, dass méi laangwiereg d'Geschäfter och d'Méiglechkeet hunn, ze iwwerliewen. Ech kommen do elo net méi drop zeréck, dass mir mengen, dass eng Foussgängerzon de Geschäfter géingen hëllefen, wann d'Leit géingen, laanscht flanéieren an net schnell tëschent den Autoen erduerch huschen. Och hei huet mer ee Punkt gefeelt, wou ech weess, dat ass net d'Responsabilitéit vun der Gemeng, an awer. Mir hunn och en Industriestanduert a virun allem um Wolser de Moment vill sozial Konflikter, do sinn et vill sozial Konflikter ginn, Liberty Steel, Eurofoil, Husky, an ech mengen, et wier och e gutt Zeechen, wann eis Gemeng géing soen, dass se hannert dem Industriestanduert zu Diddeleng steet an dass se de Sozialdialog an de Betriber ënnerstëtzt a groussschreift.

Sou, voilà, elo dat lescht Kapitel an der Schäfferotserklärung. Ech hoffen, dat wëll dann och net heeschen, dass et dat am mannste wichtegt ass, dat ass dat vun der Demokratie a vun der Participation citoyenne. Participation citoyenne ass eppes, wat ëmmer an ëmmer rëm gesot gëtt. Wichteg ass, dass d'Leit net just matschwätze kënnen, mee dass dann och eppes doraus gëtt oder eraus kënnt an dass se kënne mat decidéieren. Ech mengen, dat war um Ufank e bëssen holpereg. Ech hu mer elo soe gelooss, dass dat dës Woch beim Projet Balzeng relativ flott fonctionéiert huet a mir hoffen, dass dat dann och weider esou geet.

D'selwecht, de Budget participatif, dat war jo och eng Iddi vun eis, déi d'lescht Joer schonn ëmgesat ginn ass. Do si mer frou, do kann definitiv vläicht nach e bëssen a puncto Transparenz geschéien, dat ass nach e bësse verbesserungswürdeg, mee mir si frou, dass dat awer weidergefouert gëtt, well dat - mengen ech - och d'Leit dobaussen e bësse responsabiliséiert an hinnen d'Méiglechkeet gëtt, sech mat hirer Stad ze identifizéieren.

Déi Iddi vum Éierebierger, do hu mir och elo net esou ganz verstanen, wat do d'Iddi derhannert ass. Ech hat gemengt, dat wär esou eppes, wéi zu Esch virun e puer Joer agefouert gouf, dat war nach ënnert der Madamm Mutsch, et ass schonn e bësse méi laang hier an do waren dat awer iergendwéi keng Bierger vun Esch, dat waren dann iergendwéi auslännesch Matbierger oder Leit, déi mol net zu Lëtzebuerg wunnen, déi Éierebierger ginn. Hei hunn ech jo da elo richteg verstanen, dat si Leit, déi zu Diddeleng wunnen. Mir hunn dann net verstanen, firwat déi da geéiert ginn, mee mir ginn dovunner aus, dass Dir do eng Iddi am Kapp hutt, soss hätt Dir et jo net proposéiert a mir sinn da ganz virwëlzeg.

Guichet unique a méi Accessibilitéit, och op eisem Site, dat ass wierklech eng gutt Iddi, dat fanne mir och wichteg, dowéinst menge mer och, méi Accessibilitéit dass zum Beispill eise Site och kéint a leichter Sprache proposéiert ginn. Mir hunn eis an deem Kontext och gefrot, wéini geplangt ass, vläicht nees Videoen ze maache vun de Gemengerotssitzungen, dat ass iergendwéi mat Co-

vid begruewe ginn an, ech mengen, dass awer fir vill Leit méi flott ass, esou eng Sitzung, am beschten natierlech live, mee, och mat Bild ze kucken, wéi dat just ze lauschteren. Ech weess net, ob Dir wësst, wéi vill Leit dat lauschteren, ob et do Statistike gëtt, mee ech ka mer virstellen, dass dat dann awer relativ dréchen ass, wann ee just den Toun ouni Bild huet. A wa mer beim Gemengerot sinn, da si mer och bei der Fairness vis-à-vis vun der Oppositioun, respektiv vis-à-vis vum ganze Gemengerot, do gouf scho ganz vill gesot.

Ech hu gefrot, dat hunn ech scho gesot, dass grouss Projeten am Viraus solle presentéiert ginn, mee mir wieren och wierklech frou, wann an Zukunft net méi géinge Kontrakter ënnerschriwwe ginn éier se duerch de Gemengerot gaange sinn. Dat huet einfach mat Demokratie net méi ganz vill ze dinn. Voilà, allgemeng, d'Schäfferotserklärung ass ënnerschriwwe mat de Wierder innovante et ambitieuse. Et ass vläicht e bëssen héich gegraff. Innovante, et ass net elo net ganz vill Neies dobäi. Ambitiéis ass schlecht anzeschätzen, wann näischt chiffréiert ass. Allgemeng hu mer e bëssen d'Gefill, dass et eng Erklärung ass fir d'Mëttelschicht an dass e bësse Leit, déi vläicht net déi finanziell Mëttelen hunn an deenen hir gréisste Suergen net Sport a Kultur sinn, vläicht e bëssen aus dem A verluer ginn. Dowéinst wëll ech awer nach eppes eraussetzen, dat mer wierklech ganz gutt gefall huet, dat ass d'Grënnung vum Observatoire social. Dat ass, mengen ech, wierklech eng ganz gutt Saach, dat ass wat dann néideg an och de Plan de cohésion sociale, dat ënnerstëtze mer, sou wéi och d'Permanence de soutien bei Démarches administratives, souwäit ech weess, hat och meng Virgängerin dat am Gemengerot gefrot, viru Kuerzem, do gouf gesot, dat wier net néideg, dat ass dann awer lo iwwerholl ginn. Ech mengen, dat ass wierklech ganz wichteg.

Allgemeng steet an der Deklaratioun wéineg réalisé, dowéinst vill étudié-planifié-analysé, Dir verstitt, dowéinst kënnt de Verdacht op, dass de Schäfferot vläicht nach net esou wierklech e Plang huet, virun allem a wichtege Froe wéi beim Logement, bei der klammender Aarmut an den Ongläichheeten, mee mir loossen eis natierlech gär vum Contraire iwwerzeegen a mir hoffen, dass Dir da wierklech oppe sidd, och fir nei Iddien an dass mer da konstruktiv an transparent kënnen iwwer déi Iddie schwätzen a mir freeën eis drop. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och fir déi dote Stellungnam.

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo Merci, Här Buergermeeschter. Ech sinn éischter deen, deen d'Ried schreift an se da gutt kann ofliesen, do ergänze mer eis da vläicht e bëssen. Bon, ech hunn elo probéiert, mir e puer Notizen ze maachen op verschiddene Punkten, Famill a Gesondheet a Sécherheet, wou ech mech e bëssen och wëll eraschaffen.

Den éischte Punkt, d'Famill, do sinn, wéi ech schonn a menger Ried jo ugekënnegt hat, an deene leschte Joren eng Partie jonk Famillen heihinner geplënnert, déi sech wuel fillen, do gesäit een och schonn, dass, Investissementer geholl goufen, dass deen net esou falsch war. Aus dësem Programm - mengen ech - geet och kloer eraus, datt d'Gemeng weider wëll investéieren, datt all Generatioun hei zu Diddeleng sech wuel fillt. Ech kucken do just d'Baue vu kommunale Crèchen, Spillplazen an esou weider, wéi och d'Ëmsetze vun engem intergenerationelle Projet, wat och a mengen Ae ganz wichteg ass.

En anert Beispill ass d'Gesondheet, do setze mer eis en vue vum Bau vun engem neie Südspidol, weider an, fir eng Poliklinik am Diddelenger Spidol ze halen a probéieren, och do parallel eng regional Struktur fir eeben Alzheimer-Patienten hei op Diddeleng ze kréien. Ech mengen, et ass jo gewosst, dass mer just esou eng Struktur am Norde vum Land zu Ierpeldeng hunn, an dass et och néideg wär, dass mer iergendwéi am Süden, wou awer relativ vill Matbierger wunnen, dass mer do och esou eng Struktur géife kréien. Natierlech geet dat och just mat enger gudder Zesummenaarbecht mam CHEM a mat der ALA. Betreffend d'Gesondheet wollt ech och kuerz eppes zu der Ernärung soen. Jo, et ass richteg, d'Ernärung bei de Kanner ass enorm wichteg, mee mir mussen awer oppassen, dass mer do net ufänken, de Kanner alles ze verbidden. Ech mengen, ech war elo viru Kuerzem nach bei enger Dieteticienne an do krut ech en Dräieck gewisen, an deem all d'Liewensmëttel opgelëscht waren, déi ee kann iessen. Mer musse just dohinner kommen, dass mer d'Kanner léieren, sech gesond ze ernären a mer net einfach alles däerfe verbidden.

Wat d'Police betrëfft, do sinn ech och frou driwwer, dass déi nei Aarbechtsméiglechkeete kréien, andeems se en neit modernt Kommissariat hei gebaut kréien. Et ass och richteg, wat d'Madamm Kaiser gesot huet, dass mer do am Dialog mat der Police musse schaffen an dass d'Police och sécherlech nach méi Leit brauch, mee ech mengen, mir hu jo hei och Plan local de sécurité proposéiert. An ech mengen, dat sinn eben déi Modeller, wéi mer déi Saachen do kënnen zesummen ënnert een Hutt bréngen.

Da wëll ech och kuerz op de CGDIS agoen. Do muss ech awer drop oppassen, dass ech elo net ze déif an dat Thema eraginn. Ech mengen, Dir hutt et richteg gesot, 2018, sou stoung et schonn an der Schäfferotserklärung, ma jo 2008 sinn déi éischt Gespréicher scho gefouert ginn, an ech sinn ëmmer positiv an och relativ naiv, esou dass ech schonn déi eng oder déi aner Wett verluer hunn, mee wéi de Buergermeeschter ugekënnegt huet, sinn d'Prozeduren ofgeschloss. Ech mengen, mir hu laang missen op Autorisatioune waarden. Dat huet awer net un der Gemeng gehaangen, dat war éischter op staatlecher Säit. Wéi gesot, déi Prozedure sinn awer elo ofgeschloss. De CGDIS wäert jo och de Bauhär vun deem Gebai ginn, an do kann ech lech och soen, dass de CGDIS prett ass. An ech mengen, dass an där nächster Schäfferotserklärung dat Thema do net méi wäert drastoen.

An da wëll ech einfach ofschléissend awer eng Kéier och soen, dass dës Schäfferotserklärung e gesonde Mix ass vu Kontinuitéit, vun der Aarbecht, vum virege Gemengerot an de Courage, fir déi nei Erausfuerderungen, déi an deenen nächste Joren op eis duerkommen, unzegoen. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Goergen, och fir Är Stellungnam.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Als ee vun deene véier gewielte Membere vun der CSV-Fraktioun, wéilt ech natierlech och menge Wieler Merci soe fir d'Vertrauen, datt si a mech gesat hunn. Ech sinn houfreg, och fir weider e puer Joren un der Weiderentwécklung vun eiser Stad matschaffen ze kënnen. Am Volet Urbanismus a Stadentwécklung ënnerstëtze mer eng Rei Punkten, déi de Schäfferot a senger Marschroute opzielt an déi een och an eisem Walprogramm erëmfanne konnt. E räsonabele Wuesstum am Aklang mat engem verbesserte Verkéierskonzept, de Kaf duerch d'Gemeng vun Terraine fir abordabel Wunnengen ze schafen, d'Schafe vu Begéinungszonen an all Wunnquartier, Beliewung an d'Ariichtung vun de grénge Plazen am Stadkär, eng kohärent Reglementatioun fir innovativ Wunnformen, wéi zum Beispill Tiny houses: am Aarbechtsgrupp vum PAG/PAL, war dat jo schonn undiskutéiert ginn, mir haten eis Iddien zum Konzept un den Inneministère geliwwert a waarden elo op eng national Virgab.

D'Weiderféiere vun der Renovatioun vun der Fassad vun der Porkierch Saint Martin, do wéilt ech vläicht e Wuert méi verléieren. Fir mech geet et hei eigentlech net ëm de Problem vun Trennung vu Kierch a Staat. Eis Kierch, dat ass e markant Symbol vun Diddeleng zanter iwwer honnert Joer, grad esou wéi de Waassertuerm oder de Fernsehtuerm. Eis Kierch ass e geschütztent Gebai, do muss een sech also dann d'Responsabilitéit huelen, fir dat ze erhalen an och an der Rei ze halen. A mir hunn e ganz grousse Problem mat de Molereien, déi mer viru ville Jore fir ganz vill Millioune Frang deemools restauréiert haten, an och vun der Uergel, déi mer restauréiert hunn, och fir ganz vill Millioune Frang, dat sinn alles Gidder, déi ass et eis wäert, se ze schützen. De Problem vun der Kierch ass awer, dass si op hir al Deeg net méi ganz dicht ass a mir hu Waasserinfiltratiounen, déi riskéieren, déi subventionéiert Molereien erëm ze zerstéieren. A fir eis ass d'Renovatioun vun deem Gebai net e Problem vun engem reliéisen oder ideologeschen Aspekt, mee ganz einfach eng Noutwendegkeet fir säi Patrimoine an der Rei ze halen. Wat mer och gutt fonnt hunn, dat ass den Ausbau vun der Notzung vun der Geothermie. Als lescht hate mer jo beim Bau vun der Maison Relais Ribeschpont dorop zeréckgegraff, mee op d'Resultat vun der Machbarkeetsstudie fir de Quartier Neischmelz waarde mer awer lo scho véier bis fënnef Joer zanter den éischte Buerungen.

Am Passus iwwer Neischmelz liese mer, dass ëffentlech, kommunal a staatlech Infrastrukture solle planifiéiert ginn, eng Schoul, eng Maison Relais, eng Crèche, e Jugendhaus, eng Museksschoul, staatlech Zerwisser, e Polizeikommissariat, en Hotel, a mir vermëssen allerdéngs an dëser Opzielung d'Gesondheetsinfrastrukturen. Zwar steet am Kapitel Gesondheet, dass eng Offer vun enger Poliklinik soll bäibehalen a verstäerkt ginn, dass eng Spidolsstruktur soll analyséiert a Synergië vu Gemeinschaftspraxe sollen agefouert ginn, awer doriwwer, ob esou Implantatiounen och op Neischmelz sollen hi kommen, ass näischt ze fannen.

Wat de Shared Space ugeet, do war d'CSV déi eenzeg Partei deemools am Gemengerot, ausser der Majoritéitspartei, déi dat Konzept als solches matgedroen an ënnerstëtzt huet. Mir sinn elo verwonnert, dass dat Konzept elo nom Drock vun anere Parteien zu enger Kompromëssléisung soll ëmgebaut ginn, mat 71 Prozent Foussgängerzon wärend engem Trimester am Joer. Am Gemengerot vum 19. Mee war en temporäert Verkéiersreglement gestëmmt ginn, an deem dëst Kompromësskonzept sollt bis September daueren, woubäi d'CSV sech enthalen hat.

Am Volet Wunnengsbau war ech erstaunt, e bëssen irritéiert, fir e Projet an der Rue Nic. Biever ze liesen. Ass dat lo e ganz neie Projet oder handelt sech just ëm e Feeler, sou dass d'Rue Nic. Bodry gemengt war? Wa mer do vläicht Kloerheet kéinte kréien. Den Här Zuang hat elo och nach eng Kéier „Rue Nic. Biever" gesot an du war ech och ganz duerchernee komm.

Wat lo de Volet Ëmwelt, Naturschutz an Energie ugeet, esou deele mer dem Schäfferot seng Ausso, dass eis Gemeng an de leschte Jore jo scho ganz vill gemaach huet an dass mer awer och ëmmer méi nach gefuerdert sinn, déi Mesuren ze huelen. Sou begréisse mer och d'Ausdeenung vun de Gréngzonen an de Quartieren, wat och eise Virstellungen entsprécht, an d'Schafe vu klenge Bëscher um Gebitt vun der Stad. Allerdéngs si mer verwonnert, dass anscheinend an enger Jugendkommissioun d'Ausso koum, dat Konzept vun den Tiny Forests wier hei net realisabel. D'Iddi vun der Sensibiliséierungsaktioun zu méi natierleche Gäert, grénge Fassaden an esou weider fanne mer gutt. Och am CSV-Walprogramm konnt een d'Fuerderung zu der Promotioun vu Blummewisen, Insektenhotellen a grénge Virgäertercher liesen. Am neie Bautereglement hu mer d'Schafe vu sougenannte Stengwüsten am Virgäertche verdaamt. Et soll een op eng genügend Gréngfläch uechten. Op déi bestoend Stengwüsten hu mer awer keen Afloss. Eis schwieft do d'Propos, Iech vläicht och, vun enger Primm vir, wéi et zum Beispill zu Mamer gëtt. Do kréien d'Awunner eng interessant Primm, ech mengen 1000 Euro, wann se et fäerdegbréngen, hir Stengwüsten an de Virgäertercher ewechzemaachen an erëm nei ze begréngen.

Nach méi konsequent op de Wee vun der Mülltrennung goe war ëmmer schonn eng vun der CSV hire Fuerderungen. Et däerf een sech ufangs net decouragéiere loossen an et muss een um Ball bleiwen, bis et bei de Leit eng Selbstverständlechkeet gëtt. De Plan de résilience ass vläicht nach e bëssen abstrakt, mee d'Noutwennegkeet dervun ass net ze diskutéieren.

Dass mer d'Gemengendiecher mat Fotovoltaik versinn, dat setze mer schonn zanter Joren ëm, do si mer um ganz gudde Wee, vläicht kéint een och mol eng Rentabilitéitsstudie envisagéieren, fir esou änlech Panneauen, wéi de Staat beim LNS opgeriicht huet, och am Stadkär oder zum Beispill am Süde vun Neischmelz opzeriichten. Déi Iddi vu weidere Kooperativen, wou d'Bierger sech kënnen an den Invest vun der Fotovoltaik akafen, war schonn eng Propos vu ville Bierger um Klimadag am September 2022. Dat hate mir vun der CSV dunn och am Walprogramm an duerfir begréisse mir dat och.

An deem Sënn fannen ech als CSV-Vertrieder an dëser Schäfferotserklärung vill gemeinsam Fuerderungen erëm an ech freeë mech op eng gutt Zesummenaarbecht an den nächste Joren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Gangler, fir Är Stellungnam.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech muss ganz éierlech zouginn, ech sinn e bësse stolz drop, dass ech d'Chance hat, déi lescht dräi Joer am Gemengerot hunn dierfe matzeschaffen, a stolz sinn ech och doriwwer, dass ech dat dës Kéier nees däerf an dofir notzen ech och ganz kuerz dëse Moment fir de Wieler Merci ze soen, déi der LSAP awer och mir perséinlech hiert Vertraue geschenkt hunn.

Zur Mobilitéit, ech denken, et kann ee behaapten, dass mer déi lescht Joren a puncto Mobilitéit politesch net geschlof hunn. Et ass vill Positives fir eis Stad ëmgesat ginn, an an deenen nächste Jore soll dat net anescht lafen an dës Kéier loosse mer eis hei jo zousätzlech vun deem neien Urban Mobility Plan, oder kuerz dem SUMP, begleeden. Déi duuss Mobilitéit ass schonn eleng wéinst hirer CO2-Bilanz net méi aus deene verschiddene Mobilitéitsentwécklungsplanungen ewechzedenken. Ech fuere jo och innerhalb vun Diddeleng vill mam Vëlo a freeë mech da sécherlech och mat Vëlo-Diddeleng net nëmmen op deen neien Express-Vëloswee, deen zwëschent dem Zentrum a Biereng ugeluecht gëtt, mee och nach op eng ganz Rei aner Moossnamen, déi geplangt sinn.
Déi bëllegst Aart a Weis, sech fortzebeweegen, hu jo bekanntlech d'Foussgänger, an och an hirem Sënn soll sech dës Stad weiderentwéckelen.

Wichteg Stroossebauprojeten, wéi d'Neigestaltung vun der Route de Budersberg oder der Rue des Écoles wäerten Diddeleng no der Fäerdegstellung weider op an d'Verschwanne vun de Barriäre kréien en extrem positiven Impakt op eis Liewensqualitéit. Ech weess, dat ass erëm mat enger ganzer Rei Chantiere verbonnen, déi och hei an do mol Frust ausléisen, mee wann ech haut de Shared Space an och den Ëmbau vun der Rue de la Libération an der Rue de Commerce huelen, da weist dat eis, dass et derwäert ass, fir eng Zäit esou Chantiere vun där Envergure hinzehuelen. Ech wëll elo net déi ganz Schäfferotserklärung widderhuelen. Deen, dee sech mat der Mobilitéit auserneegesat huet, weess, dass déi lescht Jore vill geleescht ginn ass an dass och an d'Zukunft hei vill wäert passéieren.

Zu eiser Ekonomie an zu eisem Commerce, bon, hei hu mer d'Rad net nei missten erfannen. Ech hunn erlieft, dass an der leschter Legislaturperiod de Schäfferot eiser lokaler Ekonomie eng exemplaresch Opmierksamkeet geschenkt huet. Dat behaapten ech net just als Politiker vun der selwechter Partei, mee och als Diddelenger Geschäftsmann, deen dat ganz einfach esou huet dierfe feststellen. Mir haten ugefaang, eng ganz Rei Moossnamen ze ergräifen, fir de Leerstand an eisem Zentrum ze vermeiden. Sécherlech gouf et och hei eemol Réckschléi, mee am Nachhinein kann ee soen, ass et eis gelongen, d'Attraktivitéit vum Zentrum net nëmmen duerch de Shared Space, mee och duerch wéineg Leerstand a flott Manifestatiounen an Initiativen ze steigeren. Dëst weist kloer, dass mer sollen an dësem Sënn weider verstäerkt schaffen.

Wat déi ministeriell Wirtschaft ubelaangt oder déi national, si mer net eleng um Dësch, sinn also net déi, déi eleng decidéieren, mir wäerten awer hei eng staark Stëmm stellen, ganz am Interêt vun der Stad Diddeleng a wäerten och hei eiser lokaler Aufgab Rechnung droen. D'Entwécklung vu Koibestraachen an Helper seet eis, dass mer vill Aarbecht virun eis hunn an et ass ze hoffen, dass et eis geléngt, och déi privat Eegentümer, wann d'Terrainen ubelaangt, dovun ze iwwerzeegen, dass dës industriell Weiderentwécklung eng grouss Wichtegkeet fir Diddeleng duerstellt.

Energie an Ëmwelt, Klima an Ëmweltschutz läit eis uewen, dat weist net nëmmen déi Aarbecht, déi déi lescht Joren do geleescht gouf, mee och d'Resultater, déi mer do erreecht hunn. Eise Schäffe René Manderscheid huet eis bei enger ganzer Rei vu Gemengeréit ëmmer erëm nei Zertifizéierungen an Auszeechnunge konnte presentéieren, déi mir eis net selwer ausgestallt hunn, mee déi mer vu baussen zougesprach kruten an an deem Sënn soll et och déi nächst Jore weidergoen. Sou Auszeechnunge kritt een net, wann ee stoe bleift oder d'Féiss héich leet, do muss villes beweegt ginn an der Gemeng an dat wäert och weider geschéien. An Altbewäertes gëtt weidergefouert an nei Moossname gi mat bäigeholl. Hei spillen niewent dem Masterplang fir nohalteg Entwécklung och weider Mesuren eng wesentlech Roll.

E Projet, dee mir ganz gutt gefält, zwar sécherlech e klenge Projet, ass dee vum Garden sharing. Eng ganz Rei Bierger mussen hei am héijen Alter op eemol lues a lues hire Gaart opginn. Ech ka mir virstellen, dass dat oft mat vill ënnerem Schmäerz verbonnen ass an deemno, wéi d'Geschicht da weidergeet, gëtt aus dem Gaart eng Wiss oder e verwëldert am schlëmmste Fall. Sou munchereen, deen an engem Appartement wunnt an dofir kee Gaart huet, awer gären een hätt, kann hei d'Méiglechkeet opgoe fir esou Gaart weiderzeféieren, fir sech zukünfteg selwer an och déi, deenen de Gaart gehéiert, weiderhi mat eegenem Geméis ze versuergen.

Ech kann nëmme soen, et ass gutt, dass eise Schäffe Manderscheid d'Pensioun huet, well bei deene Punkten Energie an Ëmwelt läit d'Lat nees ganz héich. Sozial, ha, ha, sozial Ugeleeënheete, Beschäftegung, Chancëgläichheet, Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet sinn net nëmme grondleeënd Wäerter, et sinn och zwee Haaptpilieren, déi d'LSAP an hirem Denken an Handelen ausmaachen. Mir stellen eis och dës Kéier nees de Kämpf géint Aarmut, Aarbechtslosegkeet, Bildungsdefizit, Krankheet, Wunnengsnout an an an, an dat mat enger Rei konkreeter Moossname wéi Plang fir sozialen Zesummenhalt, Jobfoiren an eng Verstäerkung vun Ausbildungsplazen an der Gemeng oder och Stagen am Privatsecteur, fir nëmmen en Deel ze nennen.

Eisem Service vun der Égalité des chances et de la nondiscrimination wëlle mer verstäerkt Opmierksamkeet verschafen. Si maachen och een enorm wichtegen a

gudden Job fir den Zesummenhalt an eiser villsäiteger Gesellschaft, an et ass eis dru geleeën, dass mer eisen Aktiounsplang fir d'Gläichstellung vun de Geschlechter mat honnerteelef Moossnamen net nëmmen op Pabeier hunn, mee dass en och ëmgesat gëtt. Domadder wier ech fäerdeg an ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Clement, fir Är Stellungnam. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Yves Steffen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci, Här Buergermeeschter, léif Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech hunn et dann éischter mam Här Goergen, dass ech och dee sinn, deen d'Ried preparéiert, an se dann iergendwéi probéiert ze liesen. Ech hunn awer an Tëschenzäit gemierkt, dass d'Schréft op mengem Blat ze kleng ass, dass ech besser hu vum Laptop ze liesen. Ech hunn, well et dee éischte Positionnement vun där Aart a Weis ass vu menger Säit, e bëssen an den Archiven nogesicht, wat da mat der Schäfferotserklärung 2017 alles um Programm stoung a wat an deem jeeweilege Gemengerot gesot ginn ass dozou.

Als Evergreen schéngt d'Abanne vun der Oppositioun da wierklech d'Dauerthema ze si bei de Virhabe vun der Majoritéit. Sou schéngt de Wonsch jo reellement ze bestoen, Diddeleng #zesumme weiderzebréngen. Wéi d'Traditioun et wëll, begréissen ech dëst Virhaben, well et jo genau deem entsprécht, wou ech virdrun a menger Untrëttsried gefuerdert hunn. Ech hoffe just, dass d'Traditioun an deem Sënn gebrach gëtt, dass déi konstruktiv Zesummenaarbecht no e puer Joer, an de Riede vun der Oppositioun op der Vermësstelëscht optaucht. Allgemeng sinn ech beruffsbedéngt frou driwwer, dass d'BiergerInne fréi a vill an d'Prozess agebonne solle ginn. Ech hunn elo den Dënschdeg d'Chance gehat, un der Biergerversammlung vum Quartier Balzeng als Awunner kënnen deelzehuelen. Esou Formater brauch et, well, wéi an der Reunioun gesot ginn ass, d'Awunner kennen hire Quartier am beschten. Et ass genau dat, wat mir och an eisem Walprogramm de WielerInne proposéiert hunn. D'Fro, déi mir bliwwen ass, ass déi, ob ee beim Ausschaffe vun deem partizipative Prozess net soll d'Oppositioun vu vir era mat an d'Boot huelen, esou kéinten all gewielte Vertrieder virun an net hannert dem Cortège vun der Participatioun mat trëppelen, dat géing virun allem der Saach gutt doen.

Ech wier kee Vertrieder vun deene Gréngen, géing ech den Abschnitt vum Shared Space onkommentéiert stoe loossen, ouni op dëser Plaz d'Thema Foussgängerzon unzeschneiden. Hei sinn ech allerdéngs der Meenung, dass et kee Schwaarz-Wäiss-, oder an dësem Fall Rout-Gréng-Denken onbedéngt muss ginn. Et ginn Nuancen dertëscht, an esou hu mär et och begréisst, dass d'Hallschent vum Joer de ganze Mutt vun der Majoritéit do war, eng Mi-temps-Foussgängerzon anzeriichten. D'Liewensqualitéit am Zentrum ass an eisen Ae gewuess, d'Terrasse ware voll mat Leit, an d'Geräuschkuliss war net gestéiert duerch eng Tuningshow. Et war an ass aktuell super an et spiert een sech wierklech wéi am Süden. Iwwer Nuancë schwätzen, do stéiert eis allerdéngs de Punkt, dass dat just en période estivale soll sinn. D'Konzepter an d'Gewunnechte riichten sech eiser Meenung no net no der Saison an och net onbedéngt dem Wieder no. En Ausbau vun deem - mir kënnen en och gären autofräie Shared Space nennen - kéint een sech gutt virstellen ab der Mëttesstonn, wann d'Restaurateuren d'frësch Wuer geliwwert kritt hunn an de Kach se schonn zoubereet op den Teller leet.

Do géing ech den Iwwergang dann direkt op d'Thema Mobilitéit maachen. No der leschter Schäfferotserklärung, den 23. November 2017, huet ee vu menge grénge Virgänger, de Robert García, de Roga, d'Piste cyclable nach als „Loch Ness vun deem Diddelenger Autoséi" bezeechent. Dem Rapport vum Gemengerot ze entliesen, war d'Reaktioun vun der Verkéiersschäffin et wier, ech zitéieren: "Och einfach wichteg, datt mir kucken, alles, wat nei geplangt gëtt, muss de Vëlo vu vir era seng Roll kënne spillen". D'Fro, déi mir eis stellen, ass wéini, dass dat dann ugoe soll mat deem Reflex? De SUMP gesäit vir, dass de Gros vun de bannestädteschen Trajeten an Zukunft soll mat der duusser Mobilitéit gemaach ginn. Wéi ass et da méiglech, dass eng Rue du Commerce - a Staatsstroosse kënne mëttlerweil och vëlosfrëndlech sinn - nei gemaach gëtt, ouni dass eppes fir de Vëlo virgesinn ass, ausser de Vëlosstänner virum Vëlosgeschäft, do ass net mol e sécheren Iwwergang oder de Quartier A Bëlleg, deen, vun deem ee bis ewell gesäit, och kee separate Vëloswee kritt. Wéi kann et sinn, dass op den Etüden zu de Piste-cyclablë vun 1995 - do hat ech aacht Joer - méi a besser Vëlospiste ronderëm den Eck Rue du Commerce-Rue de la Libération um Cover agezeechent waren, wéi elo beim Restauréieren iwwerhaapt gemaach ginn?

Wéi wëlle mär d'BiergerInne sou eigentlech sécher an den Zentrum vun Diddeleng kréien, wann esouguer op sou Plazen e puer Wochen drop scho mussen Upassunge getraff ginn, well de Vëlo nach ëmmer komplett vergiess ginn ass? Wéi soll een esou de Wandel hikréien op eng méi nohalteg duuss Mobilitéit, wann inklusiv d'Edison Strooss - mir kommen herno vläicht nach drop zeréck - einfach mol hallef Diddeleng net sécher an op zesummenhängende Vëlospisten an d'Häerz vun Diddeleng kënnt? Ech si mat Sécherheet op dësem Punkt ze vill an den Detail gaangen an et géinge mir nach eng Jett Inkohärenzen afalen. Et erlaabt mer awer, d'Kéier ze kréien op, a mengen Aen, d'Haapterausfuerderung vun der urbanistescher Planung vun Diddeleng.

Trotz deene Projet-pharen, déi besteeënd Quartieren net ze vergiessen. Konzepter vun Nohaltegkeet, Mobilitéit, Klimaresilienz brauchen e roude Fuedem duerch ganz Diddeleng. An do ass et net d'wäisst Blat, op deem eenegermoossen et nach einfach ze plangen ass, en Challenge, mee wuel éischter besteet den Challenge doranner, sou wéi et och an eisem Walprogramm beschriwwen ass, de Raum tëschent de besteeënde Fassaden neizegestalten an nei opzedeelen. Do muss een d'Kand beim Numm nennen, déi zwou Autosspueren, zwee Parksträifen, zwee Trottoiren an engem soi-disant Wunnquartier, do musse Verschibunge stattfannen, wann d'Places-de-rencontre, Grénge a Couloire fir d'Mobilité douce sollen entstoen. Dëse Courage an d'Determinatioun hunn ech an der Schäfferotserklärung esou allerdéngs net fonnt.

Fir d'Diddelenger Cohésion sociale ze garantéieren, dierfen d'Ecarten tëschent de Bestands- an de neie Phare-quartieren net ze grouss ginn. Ech schwätzen ënner anerem vum Schoulbau a Betreiungsstrukturen. Hei muss onbedéngt opgepasst ginn, dass d'Angebot net op zwee Kilometer Fluchlinn vu gëllenem Prunkbau op d'Zesummegebastels trëfft, dat suergt net just bei den Elteren, dem Léier- an dem edukative Personal fir Verdross, mee virun allem och bei deenen, ëm déi et geet, eise Kanner.

De Raum ass a bleift den drëtte Pädagog, an et ass an eisen Ae wichteg, déi gutt Bildungslandschaft vun de Quartiersschoulen, déi schonn ugeschwat ginn ass, net duerch Qualitéitsschwankungen tëscht den eenzele Gebaier op d'Spill ze setzen. Duerch qualitativ héichwäerteg Upassungen am Bestand muss d'Chancëgläichheet vu Betreiungs- a Bildungsstrukture garantéiert ginn, an dem edukative Personal och d'Méiglechkeet gi ginn, ambitiéis Konzepter kënnen ëmzesetzen. Nieft villen allgemenge Planunge vu Projeten, vage Richtungen, Entwécklungspläng an Etüden, wou solle gemaach ginn, begréisse mer awer ganz kloer d'Ënnerstëtzung fir d'Associatiounen an de Sport. E Coordinateur sportif, personal a raimlech Ënnerstëtzung fir déi fräiwëlleg Engagéiert, déi largement zum soziale Liewe vun Diddeleng bäidroen, dat kënnt alles besser gëschter wéi muer.

Eis Iddi aus dem Walprogramm wéilt ech hei awer och eemol kuerz duerleeën. Mär sollte mat de Veräiner préiwen, ob a wéi een d'Dagesbetreiung vun de Kanner an hiert Club-Liewe méi no beienee brénge kann. Ginn et Clibb, wou einfach en Transport bräichten, domat déi Jonk op den Training kommen oder wier et denkbar, den Educateuren aus dem SEA ze erméiglechen d'Clibb personal ze ënnerstëtzen, andeems se d'Kanner aus de Betreiungsstrukture mat op den Training huelen an se do den Trainer um Terrain aktiv ënnerstëtzen, andeems se eng Hand mat upake kënnen. Esou Synergië kéinten eis Clibb entlaaschten, d'Benevolat ënnerstëtzen an och den Elteren d'Méiglechkeet ginn, hir Kanner um Sportsliewen deelhuelen ze loossen. Vläicht ass do jo nach e Volet, wou mir Gréng mam Sportskoordinator kéinten undenken. Kommt, mir huelen deen dote positive Flow weider mat. Weider ënnerstëtze mir villes am Kapitel Ëmwelt, Natur an Energie. Mir freeën eis, dass Mülltrennung an d'Offallreduktioun zwee Punkten an der Schäfferotserklärung ausmaachen, déi eis immens wichteg sinn.
Ëffentlech Mülltrennsystemer sinn heibäi sënnvoll a mir kéinten eis virstellen, dës Iddi mat ëffentleche Kompostméiglechkeeten ze completéieren, wëssend, dass a ville Residenze keng Biotonne vun de Syndicke geholl ginn. An der Zäit, Bei de Projete Garden Sharing an der Kreatioun vu Kooperative fir Solarenergie op Gemengendiecher ze gewannen, ware mer frou, dass eis Iddien opgegraff gi sinn, déi mer zum Deel scho laang gefuerdert hunn.

Och beim Angebot fir eis Jugend freet et eis, dass d'Fräizäitangebot fir déi Jonk erweidert gëtt a mir si gespaant, wéi d'konkret Ëmsetzung tëscht den intergenerationelle alle Projeten herno wäert ausgesinn. D'Kulturstaat Diddeleng hunn déi Gréng nach ëmmer ënnerstëtzt, well et fir eis en Ausdrock vu kënschtlecher Fräiheet ass, fir déi mir stinn, et ass awer och en Ausdrock vu Meenungsfräiheet. Dozou gehéiere fir eis allerdéngs och den Ausdrock vu Messagen am ëffentleche Raum, déi d'Saach an net de Mann spillen.

Domat ukomm am Quartier Neischmelz. E Quartier, fir deen et net déi éischt Schäfferotserklärung ass, wou e seng Bün kritt, dëse Quartier huet all d'Potential, fir richteg flott ze ginn, allerdéngs geet d'Schäfferotserklärung net esou wäit, dass vun „Ekoquartier» Rieds ass, an dass e méiglechst autofräi sollt sinn, wat awer bei all anerer Geleeënheet soss esou duergestallt gëtt. De Fait, dass et hei net dra steet, mécht eis stutzeg a mir wäerten eise Fokus drop leeën, op dës zwee Facteure besonnesch gutt opzepassen.

D'Schafe vu Satellittebüroen a Co-working Spaces op der Grenz um Site Greisendall fanne mir optimal an hate mer dofir och an eisem Programm stoen. Och dass sech weider jonk Talenter sollen a kënne selbstständneg hei zu Diddeleng maachen, fanne mer gutt.

Bei der Santé publique ass am Plang, fir déi nächst sechs Joer och kee gréissert Hoer an der Zopp ze fannen. D'Fro, wou eis bleift, ass déi vun esou Aktioune wéi engem Sweet Event, wat kontradiktoresch zu all de gudde Beméiunge vu gesond Diddeleng steet. Certes, esou Aktioune komme kuerz virun de Wale gutt beim Wieler un, mee mat dräi Kiermesse, lokale Commercen a Restauratioun hu mer däers séissen eigentlech scho genuch, an esou war déi geplangten, mee net duerchgezunn Aweiung vun deem Event och zu engem méi saueren Drops ginn, dee schnell gelutscht war, dee kënnt vum mär. Do hat Dir lech hoffentlech vergraff an et bleiwen eis sou penibel allgemeng bezuelte Walkaddoen an d'Zukunft erspuert. Bei allem Luef a Kritik si mir gespaant, wat draus gëtt, gewëllt, véier Hänn mat unzepaken an an aller Transparenz de WielerInne géigeniwwer ze weisen, dass Diddeleng eng demokratesch Stad ass, wou um Enn d'Leit och all Bescheed wëssen, dass d'Iddie vu méi politesche Borden agefloss sinn an sech um Enn beim Bilan net just aleng op d'Schëller geklappt gëtt. E gutt Beispill fannt Där op der Säit fofzéng, wou de Schäfferot „gréng» hannert eiser Iddi stoe gelooss huet.

Ofschléissend zu de Stéchwierder Participatioun an Transparenz, esou wollt ech meng Interventioun awer notzen, fir nozefroen, wéisou de Schäfferot am Virfeld festgeluecht huet, eis zwou Froen, eng dovunner a Kollaboratioun mat de Kolleege vun der CSV, net an dësem Gemengerot ze beäntwerten? D'Drénglechkeet duerch de Vëlosummer an der Sécherheet vum Cyclist, souwuel op der Vëlospist Neischmelz ewéi op der Ost-West-Achs, schéngen eiser Meenung no nämlech ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Stellungnam.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Fir d'éischt emol soen ech de Wieler villmools Merci, dass se eis hiert Vertrauen nach eng Kéier geschenkt hunn a mir wäerten eis mat voller Freed an Engagement dann déi nächst Jore weider hei

asetzen, fir eis Stad Diddeleng an all déi flott Projeten, ëmzesetzen an och weider ze ënnerstëtzen a weiderhi positiv Kriticken a positiv Reflexiounen ze ginn, fir munch Saache besser ze maachen. Mir hunn eng Schäfferotserklärung kritt, déi gutt ass zu engem groussen Deel, vill flott Iddie fanne mer rëm, déi och an eise Walprogramme vun alleguerten dra stinn, da kënnt natierlech d'Oppositioun, an déi hëlt dat alles e bësselche méi auserneen, an déi kuckt, wat nach dobäi hätt kéinte kommen, wat mer nach besser hätt kéinte maachen, an och wat feelt.

Ech hu mer als Ressort oder mir hunn eis déi Ressorte jo opgedeelt an dunn hunn ech d'Mobilitéit an d'Infrastrukture-routièrë geholl, an ech muss soen, vun deem ganze positive Pak war dat awer schonn deen Deel vum Schäfferot, dee mech am meeschten enttäuscht huet, well ech hu vill méi Erwaardungen dra gehat no all där ganzer Aarbecht, wou mer haten, fir eis Iddien ze ginn, wéi mer Diddeleng méi verkéiersfrëndlech kënne kréie mat de verschiddenen Associatiounen, do fanne mer hei net vill erëm. Ech muss awer och soen, d'Leitlinnen, déi dra sinn, et si Leitlinnen an do kënne mer villes draus maachen, mee wa mer awer esou weiderschaffe wéi bis elo mat enger grousser Doleance vun de Leit, awer och vun de Conseilleren heibannen, fir sech wierklech an deem Punkt do vill ze engagéieren. An dofir ass dat wierklech mäin Opruff hei un eis Verkéiersschäffin, dass mer dann ab elo méi wéi eng Verkéierskommissioun am Joer maachen an dass mer kënnen eis Iddien an eis Doleancë vun de Leit dobausse méi mat erabréngen. Well an de Kommissiounen, gëtt relativ parteilos awer geschafft an do ginn d'Iddie vun de Leit, vun de Membere vun der Kommissioun, déi ginn awer geholl, déi gi respektéiert an déi ginn ëmmer diskutéiert.

Ech soen ëmmer, wéi mer de Buerfousswanderwee gemeet hu mam Här Zuang deemools, do si mer Saache kucke gaangen, hunn dat analyséiert, mir hunn driwwer geschwat an den Input vun alle Parteien ass herno erakomm an dat war e parteilose Projet, deen haut nach seng Friichten dréit, deen haut nach ganz vill Succès huet.

An der Erklärung steet dran, dass mer "la promotion et la mobilité à zéro émission" maachen. Jo, do gehéiert awer de Vëlo dobäi. Wann een dann e bësse méi déif liese geet, du steet "la sécurisation des piétons restera une priorité". Ech fanne leider net vill vum Vëlo do erëm. Géife mer de Vëlo méi promouvéieren, wär et méi méiglech, méi mam Vëlo ze fueren, da wär de Pieton och méi eng priorité a méi a sécurité, well en ass jo a Gefor am Fong duerch dee villen Autosverkéier. D'Leit hunn nach leider Gottes net de Choix, wéi se sech wëllen deplacéieren. Jee nodeem wou s de wunns an du wëlls gär an d'Sportshal fueren oder an den Zentrum fueren, kanns de mat denge Kanner net mam Vëlo esou fueren. Dat wësse mir am beschten, well mir Vëlo fueren, well mer eis Kanner gäre mathuelen an et geet net. Et ass awer dann heiansdo wierklech einfach vill méi einfach, du setz deng Kanner einfach an den Auti an du fiers mam Auto op den Training, dann ass jiddweree roueg an du muss der keng Gedanke maachen, dass een iwwerrannt gëtt. Dat si Punkten, wou mer an d'Zukunft gäre wéilte méi dru schaffen a méi developpéieren, well den Ausbau vun de Vëlospiste steet, mir kréien zwar eng Passerelle beim LNS, déi mer laang gefrot hunn, dat ass awer absolut noutwendeg, mee et sinn esou kleng Puzzlestécker, wéi mer ëmmer soen, an do feelen nach vill Puzzlestécker an déi musse mer awer iergendwann e bësse méi zesummesetzen.

Dann, et gëtt d'Butschebuerger Strooss frësch gemeet, dat hate mer jo scho méi oft diskutéiert, an dann awer ee Punkt, wat eis e bëssen en Dorn am A war, dat war "la suppression de tous les passages à niveau et la construction d'un passage souterrain. Dann ass Diddeleng definitiv an zwee gedeelt, wann dat esou ass, wéi hei dra steet. Wéi gesot, hei si Leitlinnen, mir freeën eis dann och drop fir de Projet méi konkret virgestallt ze kréien.

An der leschter Schäfferotserklärung, do stoung nach eppes dra vun engem Bus-Tram oder wéi hat Dir en hei genannt hutt, Straßenbahn hat Dir gesot, déi wou géing tëschent Neischmelz an der Gare oder vläicht e bësselche méi wäit hin- an hier zirkuléieren, déi géif mat roude Luuchte fonctionéieren, do kéinten d'Leit an d'Foussgänger weider eriwwergoen, d'Autoe kéinten och driwwer fueren, wa rout ass, da kënns de awer iwwerall hin an Diddeleng wier net esou komplett an zwee gedeelt, mee hei, wann den Zuch weiderfiert, fanne mer dat net ganz gutt, dat ass net esou ganz favorabel.

Mir mussen awer och soen, dass mer déi lescht Joren oft gesot kruten, Ponts-et-Chaussées wëll net, mir kommen net beim Ministère duerch. Bon, wou mer gefrot hate fir eng Zon drësseg ze kréie virun de Schoulen, dat war och e bësselche schwiereg. An op eemol, do huet den Här Minister awer agelenkt an huet eis den Accord dofir ginn. Mir kruten dat och ëmgesat, obwuel et eng Staatsstrooss war. Idem beim Lycée, do hu mer dat op eemol och ëmgesat kritt. Ma ech denken, och beim Bus-Tram, do loossen se bestëmmt och mat sech schwätzen. Et huet bei deen aner Punkte geklappt, da profitéiere mer nach déi Zäit bis bei d'Walen, fir e bësselchen uklappen ze goen. Vläicht kréie mer do nach op eemol den Accord, dass mer dat doten nach schnell richteg flott duerch kréien, fir datt Diddeleng net an zwee gedeelt gëtt. En plus, wa mer ee Passage souterrain hunn, wäerten awer nach ëmmer vill Leit mam Auto wëlle fueren oder musse fueren, wierklech ass jo och net ëmmer de Choix, dann hues de dee ganze Verkéier op eng Plaz herno drainéiert an dann hu mer jo nach méi Trafic am Stadzentrum. Dat ass e bësselchen dat. Ech mengen, do kënne mer nach vill driwwer diskutéieren an da kucke mer, wéi mer dat kënne besser maachen.

An dann, an deem ganzen neie Projet do fält den Hild jo dann effektiv elo net méi ewech, ech hat am Ufank verstanen, dee misst ewech kommen, fir kënnen déi Passerell do ze bauen. Ech hat deemools gefrot gehat - ech maachen e klengen Iwwergang elo - ob mer den Hild dann eng Kéier géife klasséieren als Gebai, an dunn ass gesot ginn, nee, dat wär net méi méiglech, dat Gebai, dat wär Schrott, dat misst ofgerappt ginn an do wier näischt méi ze maachen. Ech perséinlech hunn ëmmer schéin Erënnerungen un den Hild gehat vu Kand un, dat war ëmmer flott um Fuesbal an d'Associatiounen hu sech do getraff an, dass fir mech awer och op ale Fo-

toen, du fënns den Hild ëmmer erëm, fir mech war dat ëmmer e Gebai, dat muss klasséiert ginn. Et kann een natierlech net einfach e Gebai klasséieren an doduerch grouss Projete blockéieren an net méi weiderkommen. Mee dann elo, vu dass mer den Hild restauréieren, musse mer dat warscheinlech awer klasséieren, well doduerch kréie mer eng ganz Rei Subsiden och fir dat Gebai. An do wéilt ech jo mol wëssen, wéi Dir Iech do wëllt orientéieren? Voilà.

An da sprangen ech kuerz bei d'Mobilitéit awer elo zeréck, do hate mer gesot "une campagne sera lancée, mais en étroite collaboration avec les écoles, maisons relais pour sensibiliser les enfants à la mobilité durable et la sécurité". Bon, ech bedaueren, dass ech néierens dran erëmfonnt hunn, dass mer eng Rentrée mam Vëlo géinge maachen, ech hat dat e puer Mol gesot, ech géing dat ganz flott fannen, fir d'Leit ze stimuléieren, ze motivéieren, fir am September mam Vëlo kënnen an d'Schoul ze fueren, fir mam Vëlo kënnen an de Lycée ze fueren, déi wou wëllen, dovunner fanne mer näischt dran, dat wieren och Opportunitéiten, wou mer kéinte Pop-up-Weeër maache fir bis bei d'Schoulen, an dann hätte mer vläicht och manner Autoen, déi géife bei d'Schoule fueren, a wann s de dat virun allem am Ufank bei der Rentrée méchs, well bei der Rentrée ass jo ëmmer bekannt, dass de e gewëssenen Elan hues, fir en neie Virsaz ze huelen, wéi d'Leit sech nei Virsätz am Neie Joer huelen, kann s de der och bei der Rentrée nei Virsätz huelen, wéi s de an d'Schoul kënns, an da ka jo emol eppes bleiwen. An da wiere mer natierlech och frou, wa mer dann an d'Zukunft och géifen all neie Vëloswee aweien, fir en Zeechen ze setzen, dass mer awer trotzdeem vill Wäert drop leeën an dass mer stolz drop sinn, wa mer mol e bësse méi en delikate Projet ëmgesat kréien, op dee vläicht och net ëmmer jiddweree steet. Voilà.

Da sprangen ech eriwwer bei de Sport an d'Vie associative an de Benevolat. Do ginn eng ganz Rei Infrastrukturen, déi wou gebaut gi wéi d'Tennishal, dat hate mer jo schonn diskutéiert, dat ass jo ganz wichteg. An da ware mer awer schonn e bëssen iwwerrascht iwwer de Stade Aloyse Meyer, dass mer nach vill méi wäit ewech sinn do, wéi mer dat gemengt hunn, wéi mer erhofft haten. Ech mengen, dat ass, well mer eng ganz Rei vun Terrainen net hunn an doduerch net weiderkommen. Mir stinn haut op deem Punkt wou mer stinn, zënter 1991 sinn déi Diskussioune gefouert ginn, ech si jo an deem Veräin do grouss ginn, wou mer déi Terraine dann elo solle maachen, wou déi éischt Ekipp sollt spillen, an et war oft gesot ginn, et wär flott, wann eppes géif op d'Alliance gemeet ginn, dat wär ee super Site, well do hätten d'Leit kënne mam Bus hi fueren, mam Vëlo hi fueren, et ass nämlech relativ platt bis dohinner, vun allen Ecker vun Diddeleng, du häss Zuchverbindunge bis dohinner an du häss effektiv och nach genuch Parkplazen ronderëm gehat.

Lo mëttlerweil, wéi sech déi ganz Ëmgéigend do plangt, wäert dat net méi méiglech sinn, dat heescht, do musse mer awer nees op de Wee goen, dass mer mussen den Nosbaum restauréieren. E kann net méi esou bleiwen, wéi en ass, dat ass net méiglech a wa mer keen aneren Terrain hu fir den F91, da musse mer déi sauer Pëll do schlécken an dat restauréieren. Ech géif awer trotzdeem mer wënschen, éier mer déi Pläng do wierklech virgestallt kréien, dass mer vläicht och eng Iddi hunn, wat an zéng Joer do wäert sinn. Wa mer den Terrain wierklech op Mayer wäerte bauen, wat maache mer um Nosbaum herno? Well wa mer elo eng Buvette do bauen, déi herno nees muss ofgerappt ginn, well de Projet Däich, do gëtt jo vläit iergendwann eng Kéier d'Schoul Däich méi grouss gemeet, dat kann ee mat abauen, datt ee vläicht déi Buvette wäert dann awer och kann herno sou huelen, dass dat eng Schoulkantin ka ginn, dass d'Kanner do kënnen iesse goen, dass een dat awer do esou aplangt, dass een dat weiderhi benotze kann, net dass mer déi nees mussen an zéng oder zwanzeg Joer ofrappen, wat jo awer relativ bedauerlech wier.

An dann "l'offre des infrastructures sportives pour personnes à besoins spécifiques sera étendue", dat ass ganz flott. An do maache mer och de Sprong op de Sportkoordinator. Ech hunn nach d'lescht Woch mat enger Damm geschwat an ech sot, ma wat mécht Äert Kand da vu Sport? Ah, ma mäi Kand mécht kee Sport, samschdes moies, do ass net esou vill, wou mer kënnen higoen. Ech sot, mee an der Woch, a si sot mer, eist Kand geet an d'Maison Relais a mär schaffe bis owes, mär kënnen eist Kand net an de Sport bréngen. Dat ass net méiglech. A vun der Maison Relais aus ginn se net an de Sport bruecht.

Mat der Museksschoul krute mer déi Synergie hin, an ech denken, dass mer do e grousse Wandel musse maachen, wéi d'Fonctionnementer si vun der Maison Relaisen an de Sportsinfrastrukturen. Et ass net un der Schoul fir alles ze maachen, et ass och net un den Elteren, fir ze soen, maja, d'Schoul bréngt mäi Kand elo an de Sport, da brauch ech elo guer näischt méi ze maachen, jiddweree muss Responsabilitéiten droen, an awer ginn et Famillen a Kanner, déi de Choix net hunn, an et ass ee vun de Kolleegen, wou gesot huet, Sport ass eng Communautéit, Sport, do gehéiers de dozou, am Sportsclub, do gëss de grouss, du hues eng Identitéit herno, du hues déi Souveniren herno, an ech fannen et immens schuet, dass déi Kanner, déi an der Maison Relais sinn, déi Chance net kréien an dass déi do ausgegrenzt ginn. Do ginn et vill Méiglechkeeten, wéi mer dat besser kéinte maachen, wéi mer dat ausbaue kéinten, mat Transporter, wéi gesot, mee vläicht kéint een och mol kucken, fir verschidden eenzel Maison Relais Plaze vläicht dann do deene Kanner ze ginn, déi an de Fussball ginn, déi ginn dann do an d'Maison Relais an déi, déi an den Tennis ginn, déi ginn do an d'Maison Relais, wou méi no ass vun den Transportplazen. Ech weess, dat ass ganz vill organisatoresch Aarbecht, ech weess, ech si mer däers ganz bewosst, ech sinn och net grad lo einfach mol sou heihinner komm, ech mengen, Sport ass eng Communautéit, dat Wuert huet mer ganz gutt gefall, an dat musse mer wierklech halen, an do musse mer ganz vill Wäert dropleeën.

Dass mer dann d'Schwämm fräi maache fir Kanner oder gratis maachen, bis dräizéng Joer, dat ass natierlech och ganz favorabel, an de Marché d'occasions, do hunn ech e bësse misse schmunzelen an ech gouf e bëssen nostalgesch, well wou ech ugefaang hu mat Fussball spillen op der Alliance, ech weess net ob deen een oder

anere vun lech deemools och nach derbäi war, do war den Terzo, dat war dann de Plazwart do uewen, deen huet och do um Terrain gewunnt an den Terzo war am Fong eise Marché d'occasions fir eis Fussballsschung. Mir hu keng Fussballsschung kaaft deemools, also ech krut keng nei Fussballsschung. An déi dräi, véier éischt Puer Schong, déi ech hat, déi goufe beim Terzo aus dem Schaf geklappt, do ass de Bulli ofgekraazt ginn, Hei, mooss déi mol un a wann et ganz gutt gaangen ass, krut ech e puer nei Stréckele fir dran a fir de Rescht hunn ech mat ale Fussballsschung do gespillt an, jo, ech sinn zwar awer kee Profi ginn, awer ha ha, et huet net un de Schong geleeën, also d'Féiss, déi an de Schong stiechen, déi spillen eng ganz grouss Roll mat. Op alle Fall waren dat Saachen, déi schonn do waren, déi duerch eis Liewensastellung futti gemeet gesinn, haut kann een sech net méi virstellen, dass een iergendengem seng al Schong undeet fir Sport ze maachen, an awer ass et ze begréissen, dass mer do en Occasiounsmarché maache fir Tennisracketten, fir Schong, Saachen, déi wou wierklech deier sinn, dat muss jo net ëmmer nei sinn.

Dann d'Subside fir Clibb, déi wou international Kompetitioune maachen, mir wëssen, wat dat kascht alleguerten, déi op d'Assemblée-generalle gi vun de Veräiner, notamment aner Veräiner, déi net esou vill Sue kréie wéi den F91, wann déi emol an der UEFA spillen, do gëtt et méi wéi beim Basket zum Beispill, déi struewelen elo e bësselche méi, wann déi mussen international spillen, den Handball warscheinlech och, an da kéint ee vläicht awer och erweideren, dass wann d'Scouten op international Campe ginn, dass een do vläicht e bësselche kuckt, fir och deenen Organisatiounen ënner d'Äerm ze gräifen.

An dann hunn ech gesinn, dass mer dann eng Maison des associations maachen, mat do krut ech eng Mail dovunner, also et si vill Veränner, déi wou vill Problemer hu fir administrativ Dokumenter an der Rei ze halen, mat all deenen Oplagen, wou mer kréien, RBC, RBS an alles, wéi dat heescht. Et ass eng Mer à boire, et ass scho bal eng Frechheet, dass et esou eppes gëtt, dass mer de benevollen Associatiounen, dass mer de benevolle Leit, déi niewent der Aarbecht sech engagéieren, esou eppes mussen undoen, fir do just nëmmen de Comité eranzeginn an do si vill Leit, déi net eens ginn domadder, an do wäerte vill ASBLen einfach iergendwann eng Kéier d'Bengele bei d'Tromm geheien an déi wäerten hire Clibbchen dann einfach ouni ASBL herno weiderféieren, da wäert dat esou en Treff ginn, dat ass am Fong schuet, well d'ASBLen, dat ass d'Identitéit vun enger Stad a wa mer dann emol keng ASBL méi hunn, well dat einfach ze komplizéiert ass, majo dat ass jo dann och net flott fir Diddeleng an och net fir déi nächst Generatiounen. Do kéint jo déi Persoun, dee Koordinator vun der Maison des associations ons dobäi hëllefen, déi RBC an RBSen do alleguer an d'Rei ze maachen, bis da vläit een an der Chamber de Courage huet, dat an Usproch ze huelen a vläicht dat an deen nächste Walprogramm ze schreiwen och, dass dat geännert gëtt, dass dat méi einfach gemeet gëtt. An da war ech och e bëssen iwwerrascht, dass mer eng Salle communautaire A Bëlleg hätten, well A Bëlleg soll e verkéiersberouegte Quartier sinn a wa mer dann awer vill Versammlungen do maachen an Organisatiounen, ma ech weess net, ob dat, kanns de e Fouss kommen, jo, kanns de mam Vëlo kommen, jo, an awer weess ech net, ob dat esou déi richteg Plaz ass. Mär loossen eis gäre beléieren, mär kucke mol, wou mer hi kommen an, voilà.

An dann Developpement économique et commerces, do sti vill Saachen un, déi wou ganz gutt sinn, wat ganz flott ass, dat sinn déi de Co-working spaces, Mer musse just bei allem, wéi beim Co-working spaces, wéi och bei den Tiny houses vun engem anere Sujet, musse mer oppassen, dass de Kader herno wierklech stëmmt an dass dat net ausaart, well Co-working Spaces, da kéint herno och - ganz krass ausgedréckt - da kéint herno eng Bréifkëschtefirma sinn, en Haus mat engem ganz Koup Boîtten, dat däerf et op alle Fall net ginn, do musse mer oppassen, dass mer net doranner erasteieren.

Ech sinn e grousse Fan vun engem House of Start-Ups, wou d'Leit kënnen hi kommen, do schaffen, no beim Zentrum, fir datt se dann och do kënnen eppes iessen, eppes drénke goen, fir dass d'Suen am Zentrum bleiwen, dass d'Ekonomie am Zentrum dréint a fir dass se dann deen een oder aneren och mol nach en T-Shirt an en Hiem kafe ginn oder e klenge Souvenir, fir senger Famill matzehuelen. Voilà. An dann déi Nei Technologien, den Innovation Hub, dass mer dat wierklech vill promovéieren an och förderen an dass mer déi Projeten dann och mat an eist Stadbild eranhuelen, wann nei Plaze gebaut ginn, geplangt ginn, dass mer déi wierklech mat eranhuelen, dass ee Loscht huet, op Diddeleng schaffen ze kommen.

An da sinn ech iwwerzeegt, dass mer déi nächst puer Joer respektvoll, flott a gutt wäerten zesummeschaffen, mir wäerte sécherlech déi eng oder aner Divergenzen hunn, Diskussiounen hunn, mee eis Diskussiounen an eis kleng Streidegkeeten, do gëtt ee kreativ an ech mengen, do komme mer weider. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och fir Är Stellungnam, Här Martini.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, léif Membere vum Schäfferot a vum Gemengerot, zur Schäfferotserklärung, ech hunn elo e bëssen eppes opgeschriwwen, ech begréissen d'Kontinuitéit an deem Ganzen an ech begréissen och virun allem de Quartier Neischmelz. Ech hoffen, dass mer do virukommen, si si jo elo mat den Ausgruewungen amgaang, ech hoffen, dass dat relativ méi schnell weidergeet wéi déi lescht Joren, virun allem wann ee lo scho kuckt, ech weess net, ob der dee leschte Mount nom Usina uewen am Quartier waart, mee et ass en immens liewege Quartier scho lues a lues amgaang ze ginn, och mat der Kantin, déi elo ophuet, wann een owes dohinner geet, et ass wierklech flott, fir an dee Quartier ze kommen an ech freeë mech drop, wann dee ganze Quartier no uewen erweidert gëtt an ausgebaut gëtt.

Zu de verschidde Punkte vun der Schäfferotserklärung, sinn ech frou fir de Logement abordable, dass mer dee wierklech méi ausbauen, virun allem déi Promotioun vun där Gestion locative sociale. Ech mengen, dass dat eppes ass, wou mer wierklech mussen an Zukunft an déi Richtung goen, dass mer méi privat Leit kréien, déi een,

zwee, fënnef, zéng Haiser hunn, déi een, zwee, fënnef, zéng Appartementer hunn, datt se hir Haiser, déi se net notzen oder hale fir an déi nächst Joren an d'Gestioun locative ginn, fir dass mer se kënne weiderverlounen. Domadder verbonnen natierlech mam Office social, dass mer déi Leit, déi mer do drasetzen, dass mer eng Léisung fir déi fannen an datt se déi Haiser net iwwer Jore blockéieren, mee dass mer ëmmer rëm e liewegen Ëmgang mat deenen Haiser hunn an de Leit hëllefen, an nei Strukturen ze kommen, respektiv wann se an hirem Liewen eng Erweiderung hunn, datt se aner Aarbechten hunn a méi verdéngen, datt se do erauskommen an eppes aneschters fannen.

Zur Kontinuatioun vun de Schoulgebaier, dat begréissen ech, zemools mam Brill, do sinn ech immens frou. All Joer wann ech op der Motostreff waren, ech hu missen do op d'Toilette goen an duerch dee Gang hunn ech just geduecht, firwat kënnt net eng Kéier ee mat enger Faarf heihinner a sträicht dat Ganzt nei un. Dat heescht, ech sinn immens frou, dass mer weider an der Kontinuitéit vun de Schoulgebaier schaffen.

Vun den 180 Associatiounen, an de grousse Problem ass de Benevolat fir jiddwereen an ech kann do wierklech e Wiertche matschwätzen, ass et immens wichteg a grad wat mer lo ugeschwat hunn, déi nei Amendementer, déi vum Staat auskommen, ass et immens schwéier fir eng ASBL, zemools wann een eng kleng ASBL ass, well een alles muss op de Pabeier bréngen. Dat heescht, ech hoffen, dass mer mat deem Haus vun den Associatiounen a vun den ASBLen, eppes kënnen opbauen, wou mer allgemeng jidderengem kënnen hëllefen. Perséinlech sinn ech immens frou iwwert déi Implantatioun vun der Structure d'hébergement fir Alzheimer-Patienten. Ech hoffen, dass dat eppes ass, wat mer vill méi ausbauen. Allgemeng gesinn ech selwer a mengem Frëndeskrees a mengem Bekanntekrees, dass Alzheimer eng vun den haaptgrousse Krankheeten ass, déi eis eeler Leit betrëfft. An ech géif soen, se ass mëttlerweil wierklech um majoritäre Punkt, dee kënnt, an et ginn am ganze Land net genuch Strukturen, Structure-fermééën, well leider ass et eng Structure fermée, fir déi Leit, déi dovunner betraff ginn.

Am ganze fannen ech déi Schäfferotserklärung immens dynamesch. Ech fannen, se geet an déi richteg Richtung an ech schwätzen net iwwert d'Vergaangenheet, well ech ëmmer nëmmen no vir kucken. Déi nächst sechs Jore wäert ech alles dru setzen, fir de Wieler, dee mer säi Vertraue ginn huet, frou ze maachen, an dass mer déi Schäfferotserklärung duerchkréien an deene sechs Joren. Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer, fir Är Stellungnam.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäfferot an dem Gemengerot, ech faasse mech ganz kuerz well verschidde Punkten hunn ech schonn a menger Untrëttsried recitéiert. Ech hunn d'Schäfferotserklärung och fir d'éischt gelies, do si ganz vill gutt Punkten an Iddien dobäi, déi ech natierlech och begréissen. Mee punkto Sécherheet ass d'ADR fir keng kommunal Police, mee fir méi Presenz vun der Police um Terrain, wéi zum Beispill an de Parken.

A puncto Shared Space géife mir och begréissen, datt d'Foussgängerzon ab zwielef Auer mëttes fir de Verkéier zou wier. An dann, den ëffentlechen Transport, dee misst och méi ausgebaut ginn. Diddeleng, soll een uerdentlech mat Lëtzebuerg verbannen. Fir déi véiergréisst Gemeng am Land huet Diddeleng just eng ganz ageschränkt direkt Zuchverbindung fir an d'Stad Lëtzebuerg. Mir verlaangen op d'mannst eng direkt Zuchverbindung pro Stonn fir an d'Stad Lëtzebuerg ze kommen, mat deenen entspriechende Fuerpläng.

Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren an e freeë mech och op eng ganz gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht an deenen nächste Joren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Spagnuolo, fir Är Stellungnam.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Villmools Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot, fir d'éischt wëll ech menge Wieler e grousse Merci soe fir d'Vertrauen an hir Ënnerstëtzung, dat se mir an der CSV geschenkt hunn. Als éischt huelen ech mir de Punkt Kultur méi genee ënner d'Lupp. Mir fannen et gutt, datt de Plang ausgeschafft gëtt fir d'kulturell Entwécklung zu Diddeleng, mee mir géifen et wichteg fannen, dass sech dee Plang och an en attraktiivt globaalt Kulturkonzept an Tourismuskonzept areie géif. Mir begréissen et, dass esou Initiativen ewéi Themenowenter ronderëm en Auteur, Komponist, an Diddelenger Artisten, souwéi Lëtzebuerger Auteuren, organiséiert solle ginn. D'CSV huet d'Initiativ, wéi zum Beispill d'Poesie am Park, ëmmer ënnerstëtzt. Mir fannen et wichteg, der Diddelenger a Lëtzebuerger Kënschtlerzeen eng Plaz zu Diddeleng ze ginn. Bei der Renovatioun vun industrielle Gebaier op d'Neischmelz, wou dann d'Danzschoul soll drakommen, si mer der Meenung, dass definitiv e Bléck op d'Käschte behale muss ginn.

Am Numm vun der CSV huelen ech och Stellung zum Punkt Soziales, Aarbecht an Égalité des chances. Mir als CSV haten och am Walprogramm gefuerdert, datt weiderhin Ausbildungsplazen op der Gemeng ugebuede ginn. Och d'Gemeng muss eng Charge an der Formatioun iwwerhuelen. Et wier flott, wann d'Gemeng nach méi enk mat de Pop-up-Storen an Diddelenger Entreprisë géif zesummeschaffen, andeems se Jonker Méiglechkeet bitt iwwert d'Gemengen e Stage bei engem Pop-up-Store, respektiv an engem Geschäft zu Diddeleng oder och vläicht eng Ausbildung an der Vente maachen ze kënnen. D'Gemeng kann do e Facilitator sinn. Och wann d'Pop-up-Store just e puer Méint bleiwen, kéint vläicht dee Jonke gutt e Beruff fannen. Donieft solle méi Synergien am Beräich Aarbecht mam Lycée geschaf ginn, fir d'Gemeng als Patron mat all senge verschiddene Beruffssparte kennen ze léieren.

De leschte Sonnden ass d'Luxembourg Pride Week op en Enn gaangen. 2022 huet de Gemengerot eis Stad als LGBTIQ+ Freedom City erkläert. Gutt, datt mir elo

och nach e Schrëtt méi wäit ginn an Neel mat Käpp maachen an e Lieu sûr als Lieu de rencontre ubidde wëllen. Mir hunn eis an deem Kader gefrot, ob och eng Zesummenaarbecht mat CIGALE oder Rosa Lëtzebuerg ugeduecht ass.

Komme mer elo zum Punkt Logement, dee mir als Jonkem ganz besonnesch um Häerz läit. Als Jonken ass et besonnesch schwéier, eppes ze fannen, wat ee ka lounen, well de Kaf vun eegenen Doheem gëtt fir vill Jonker ëmmer méi en Dram, deen se sech net méi kënnen erfëllen. Mir géifen den Ausbau vu Wunnenge fir Jonker méi wäit denken. All jonken Diddelenger, deen eng Ausbildung mécht, respektiv vun der Uni kënnt a Beruffsufänger ass, soll d'Méiglechkeet gi ginn, fir eng Start-up-Wunneng kënnen ze kréien. E Beispill, wou dat Konzept schonn ëmgesat ass, ass zu Stroossen. D'CSV begréisst d'Iddi vum Ausbau vun der Offer u Wunnengen, mee bedauert et, datt an der leschter Legislaturperiod Wunnengen, wéi d'Portiershaus um Ribeschpont net un eng Famill verlount ginn ass. Mir hunn eis och gefrot, ob weider ugeduecht ginn ass, eng Zesummenaarbecht mat SNHPM ze maachen, fir nach méi Wunnraum an der Legislaturperiod ze schafen. D'Gestion locative sociale ass immens wichteg a muss weider promouvéiert ginn.

An der Schäfferotserklärung fannen ech vill CSV-Fuerderungen erëm. Ech freeë mech op eng konstruktiv a fair Zesummenaarbecht. Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kemp, fir Är Stellungnam.

MARTINE KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech géif gären awer e puer Wuert verléieren iwwert déi Domänen, wou ech mech déi lescht Joer besonnesch investéiert hunn. Zum engem ass dat de Kulturberäich. Als Presidentin vun der Kulturkommissioun sinn ech frou, datt weider op esou héijem Niveau an d'Kultur hei zu Diddeleng investéiert gëtt. Eis Concerten a Festivalle maachen Diddeleng iwwer d'Grenzen eraus bekannt, net nëmme wéinst deene qualitativ héichwäertege Prestatioune vun de Künstler, mee och duerch eng excellent Organisatioun vu Säite vun eise Servicer.

Ma mir denken awer och un déi net professionell Künstler, an dat ass och immens wichteg. Och fir si soll an Zukunft eng Plaz entstoen, wou si hir Wierker kënnen ausstellen a wou si kënne schaffen. Och am Domaine vun der Kultur wäerte mer e Kulturpass aféiere fir Kanner a Jugendlecher, dat och, well et net ëmmer einfach ass, wann een als Famill lénks a rechts muss bezuele fir Concerten, Kino, Ausstellungen oder eben och Sportsveranstaltungen. Alles kënnt zesummen, alles kascht Geld. E Kulturpass rentéiert sech, well Kultur e Recht ass fir jiddwereen an zu der sozialer Kohäsioun bäidréit vun enger Gesellschaft. Fir eis als LSAP ass et enorm wichteg, datt keen ausgeschloss gëtt vun all deenen Offeren, nëmme well ee sech et net leeschte kann. Fir nach besser all déi Offeren an Demarchen ze koordinéieren, begréisse mir also ausdrécklech dee Kulturentwécklungsplang.

Och den Tourismus an de Jumelage si Beräicher, déi eis am Häerz leien an déi deemnächst nach weider ausgebaut ginn. D'Promotioun vum Floater, d'Weiderféiere vu regionale Projeten an Etüde ronderëm de Kongresstourismus si Pisten, déi mer wäerte weidergoen. An dann d'Veräinsliewen, do si mer dann direkt derbäi. Zu Diddeleng ass quasi alles ze fannen, wat d'Veräinsliewen esou ze bidden huet. De Mënsch ass e soziaalt Wiesen, mir hunn et virdrun héieren, et deet einfach gutt, ausserhalb vun der Famill och aner Communautéiten ze fannen, fir interaktiv säi Liewen a seng Plaz ze fannen. Dofir ass déi Dynamik esou wichteg an dass sech mei Mënsche wuel fillen, dass si kënnen an hirer Fräizäit hiren Interessen nogoen a sech och engagéieren. Dofir ass et dëser Majoritéit och esou wichteg, datt de Benevolat an d'Veräiner ënner d'Äerm gegraff kréien, wou et nëmme méiglech ass, sief dat duerch adequat Infrastrukturen - mir hunn elo schonn héieren, Tribün vum Stade Aloyse Meyer, nei Buvette um Nosbaum, Tennisterrain, Strutzbierg – an Hëllef oder eeben och Hëllef bei hire Manifestatiounen an, wat och ganz wichteg ass, eeben och nach déi sozial Mesuren, déi direkt oder indirekt hire Memberen zegutt kommen.

Sou hu mir och drop gehalen, fir Mesuren anzeféieren, déi de Portmonni vun deene Memberen entlaaschten, e Pass sportif, en Occasiounsmaart, eng Wäschkiche fir Veräiner. Ausserdeem gëtt de Benevolat och organisatoresch ënnerstëtzt. duerch déi nei gratis Versammlungsraim am Hall polyvalent, eng Foire au bénévolat, fir esou och nei Clienten, nei Memberen ze fannen oder och Leit, déi sech da wëllen am Encadrement engagéieren an och d'Schafen eebe vun dëser Maison des associations, mat enger administrativer Hëllef, déi de Veräiner zur Säit steet, fir sech duerch den Dschungel vun de Gesetzer a Reglementer ze kämpfen, wat ëmmer méi onduerchsichteg gëtt. An och dat, déi Digitaliséierung vun eiser Gesellschaft ass fir eis eng grouss Gefor, datt Mënschen op der Streck bleiwen. Dat net nëmme wat d'Generatiounen ubelaangt, mee och einfach am Quierschnëtt vun eiser Gesellschaft. Een, deen do net op der Héicht ass, mat der Informatik, deen zitt do ganz gären den zweete Präis. Hei sëtzt sech d'LSAP a fir eng praxisno Hëllef, déi direkt bei deenen ukënnt, déi se brauchen.

Nodeems mer elo deen neien Hall polyvalent kritt hunn an d'Veräiner dovu kënne profitéieren, ass elo Zäit fir un eise gudden Hild ze goen, fir deen erëm méi modern an deenen haitege Bedürfnisser ugepasst ze gestalten. Fir d'LSAP war et immens wichteg, de Bierger eng Hëllefsstellung ze ginn, eeben och an deenen alldeeglechen Demarchë mam Staat a mat de Gemengen. Ech schwätzen hei elo vun de Bierger, net vun de Veräiner.

Mir liewen an enger ëmmer méi digitaliséierter Welt an d'Biergerinnen an d'Bierger si mëttlerweil gezwongen, e groussen Deel vun hiren Demanden an Demarchen iwwer MyGuichet ze maachen, wat awer fir e groussen Deel vun eiser Gesellschaft eng Erausfuerderung bleift. Eng sougenannt Moderniséierung dierf awer net derzou féieren, datt eis Gesellschaft gespléckt gëtt an déi, déi gutt eens ginn, an an déi aner, déi iwwerfuerdert sinn domat.

Mir gesinn et als eis Pflicht un, hei de Leit entgéintzekomme mat der Aféierung vun eeben engem Service de Guichet unique.

D'Biergerbedeelegung gëtt nach ausgebaut, d'Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger gëtt nach weider ënnerstëtzt, och duerch de Prix de l'intégration par le sport, awer wat bis elo vläicht net genuch valoriséiert ginn ass, well et si wierklech - also wéi ech elo grad gesot hunn – d'Veräiner, déi spillen eng ganz, ganz grouss Roll an der Integratioun an eiser Gesellschaft an datt dat sech och bezuelt soll maachen an datt dat visibel soll ginn, wann een Efforte mécht, dat fanne mir eng ganz gutt Saach.

Déi nei Kommissioun, déi heescht jo elo net méi Commission consultative d'intégration, mee déi heescht dann - ech muss mech awer dru winnen - Vivre ensemble interculturel, an dat gëtt eeben och nach weider virugedriwwen, fir datt och eis net lëtzebuergesch Matbierger oder déi, déi nei heihinner kommen, eeben esou séier wéi méiglech kënnen integréiert ginn an dat duerch Hëllefstellungen, fir datt se ganz, ganz schnell den Uschloss fannen. Dozou gehéiert dann och den Ausbau vun de Sproochecoursen, dat hate mer virdru schonn héieren. Der LSAP war et eebe wichteg, datt op där enger Säit eiser Stad hir Servicer an Infrastrukture weider moderniséiert ginn, op där anerer Säit d'Bierger an d'Biergerinnen an hir Veräiner direkt ënner d'Äerm gegraff kréien, fir esou Suen ze spueren oder eeben och administrativ Hëllefstellung ze kréien.

Mir si fir d'Leit do, fir all Diddelenger. Bei de Walen huet d'LSAP ee kloren Optrag kritt, fir weiderzefueren an eise Foren an Initiativen. Eis Aarbecht vun de leschte sechs Joer ass honoréiert ginn. Ech wëll awer elo nach op e puer Plazen agoen éier ech op d'Mercie kommen, an zwar op e puer Saachen, déi ech elo hei héieren hunn, déi interessant sinn, mee déi ech awer och net esou do stoe loossen.

Als éischt emol huet et mech gefreet, datt ganz, ganz vill Saachen, déi virdrun hei gesot gi sinn, eigentlech oppen Dieren arennen, well, do si ganz ganz vill wat aner Parteien elo hei gesot hunn, déi bei eis schonns sousentendu, geplangt sinn an och an eisem Walprogramm stoungen. Also, déi grouss Iwwerschneidungen, déi freeën eis. Dann, géif ech mech freeën, wann an Zukunft einfach och géif drop opgepasst ginn, datt verschidden Dossieren eng relativ komplex Virgeschicht hunn. An, ech sinn och frou, datt mer elo hei déi Formatiounen ausgedeelt kritt hunn, datt mer, ech mengen, et ass net ganz einfach, wann een nei an e Gemengerot kënnt, mee datt mer awer wéinstens no e puer Méint, et kann een net do jorelaang ëmmer soen, sorry, mee ech sinn en Newcomer. Ech mengen, et muss een och iergendwann ukommen, an dofir sinn déi Formatiounen immens wichteg, fir datt ee sech einfach bewosst gëtt, wou eis Limitte leien, wou eis Kompetenze leien, a wat fir engem Kader mer eis hei beweegen an datt verschidden Dossiere eeben sou komplex sinn.

Da wëll ech nach drop ze schwätze kommen, datt ech elo hei héieren hunn, ok, et ass alles e bësse vag … Bon, ech mengen, dat heite sinn an eisen Ae Richtlinnen, mee wa mir elo d'Biergerbedeelegung eescht huelen, wa mir elo d'Aarbecht vun de Kommissiounen eescht huelen, da kann hei nach net alles drastoen. Hei ass en Ufank an elo lauschtere mer no, elo lauschtere mer no an de Kommissiounen, elo lauschtere mer no, wat d'Leit dobaussen eis soen, wat un eis erugedroe gëtt, do ginn et Aarbechtsgruppen, do ginn et Kommissiounen an dat Zesummespill wäert herno d'Detailer ausmaachen. An ech mengen, dat muss een och lo einfach esou huelen, well wa mir lo hei bis an de leschten Detail aschreiwen, wat mer lo maachen, da brauche mer keng Diskussioun méi dono. An ech mengen, dat huele mir awer eescht. Mir droen dat elo mat an, mir huelen dat mat an d'Kommissiounen. An ech hoffen, datt dat dann och do esou respektéiert gëtt, datt dann net alles an de Stee gemeesselt ass. An dann, wann een hei Projete matbréngt an Argumenter an Iddien, dann ass et awer och vläicht, wa mir elo eis hei zur Aufgab ginn, dat gëtt gepréift hei vun der Majoritéit, op Faisabilité, Moyens financiers, Valeur ajoutée.

Ok, d'Valeurs ajoutée, dat ass jo warscheinlech déi einfachst, mee ech mengen, et soll een awer och, wann ee Projeten hei op den Dësch leet, schonn oppassen, datt déi och faisabel sinn an datt déi och finanzéierbar sinn. Fuerderen ass ëmmer gutt, mee ech mengen, et soll ee mol heihinner kommen an dann och soen, hei, mir hunn dat duerchgerechent an dat géif elo esouvill kaschten an dat géif elo souvill Personal brauchen. Wéinstens dat, da kéint ee mol seriö ufänke mat Diskutéieren, well einfach nëmme Projete bréngen a soen, elo kuckt Dir, datt Dir eenz gitt, an dann herno soen, ah, elo ass et net gemaach ginn, dat ass och wichteg.

Nach eng kleng Remark zum Här Martini. Ech war bal mat allem d'accord, wat Dir do gesot hutt, Dir hutt just eng Kéier de Saz gesot, well de Foussgänger ass a Gefor duerch den Auto. Ech hunn aus eegener Erfarung an och duerch dat, wat vu baussen u mech erugedroe ginn ass, leider och missen d'Erfarung maachen, datt de Foussgänger de Moment méi duerch de Vëlo an, jo, duerch d'Trottinetten a Gefor ass wéi duerch den Auto. An ech mengen, dat musse mer och mathuelen an d'Diskussioun, dee Respekt, dee Vivre ensemble ënnert all deene Playeren de Moment an der Mobilitéit, datt mer do awer och Reegelen anhalen. Also, wa mer e Foussgänger wëlle schützen, da musse mer dat och vun alle Säite maachen.

Gutt, dat war et vu menger Säit dozou. Da wëll ech nach just e puer Mercie lassginn. Merci emol un déi zwee Conseillere vun der LSAP, déi elo net méi bei eis sinn, dat ass mol en décke Merci un de Bob Claude an de Walter Berettini, déi elo net méi hei sëtzen. Merci fir hiren Engagement, déi laangjäreg Aarbecht fir d'LSAP an hir Wäerter. Da geet och nach e Merci un eis Parteibasis, well esou e Walprogramm, wéi mir en elo hei haten, dee war breet opgestallt dofir, dat sinn och net nëmmen e puer Leit, déi esou sech esou eppes ausgeduecht hunn, mee do kann ee scho soen, dat ass eng Masse critique hei zu Diddeleng. Mir hu fënnefhonnert Memberen an déi hunn un deem Programm matgeschafft, e puer Méint scho virdrun, dat heescht, natierlech ass eng ganz grouss Aarbecht och am Schäfferot geleescht ginn, an hinnen dofir och vun hei aus e ganz,

ganz décke Merci. An da geet natierlech e waarmen an häerzleche Merci un eis Wieler. A mengem perséinlechen Numm awer och am Numm vun der LSAP-Fraktioun. Deen Ausdrock vu Vertrauen ass eis en Usporn fir weider am Déngscht vun eiser Gemeng ze schaffen an dorop wäerte mer eis freeën. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kohn, och fir Är Stellungnam. D'Stellungname sinn domat ofgeschloss, elo géif ech hei och d'Wuert weiderginn un d'Kolleegen an d'Kolleeginnen aus dem Schäfferot, déi am Kader vun hire Ressorten op deen een an deen anere Punkt aginn. An da géif ech d'Presentatioun hei an d'Diskussioun ofschléissen.

LORIS SPINA (LSAP-SCHÄFFEN): Jo Merci, Här Buergermeeschter, léif Frënn aus dem Schäffen- a Gemengerot, jo och vu menger Säit aus fir d'éischt emol en, ganz, ganz groussen an häerzege Merci u meng Famill a Frënn, virun allem menger Fra a Kanner, déi mech erdroen a gedroen hunn duerch dee ganze Walkampf, dat och zesumme mat enger flotter Ekipp, déi ganz, ustrengend a spannend war, an alleguerten deenen Diddelengerinnen an Diddelenger, déi mir perséinlech alleguerten Zousproch ginn hunn an och der LSAP menger Partei, fir dass mer dann haut esou konnten zesummekommen, wéi mer elo zesummekomm sinn. Dat huet mer immens gutt gedoen, dat huet mer Freed gemaacht an ech sinn extreem houfreg, dierfen nach weiderzeschaffen. De Moien ass d'Schäfferotserklärung, wat wierklech e ganz flott Dokument ass, hei presentéiert ginn.

Et si Stellungname komm an do konnt wierklech feststellen, dass ganz vill Gemeinsamkeeten do waren an deem Dokument an et ass am Fong geholl och dat, wat mer brauchen, fir eist Diddeleng. D'Begeeschterung, déi war plus ou moins gedeelt, och wann deen een oder deen anere vläicht do Kritikpunkten ubruecht huet, mee ech mengen, do war jiddereen a sengem Rôle. A mir sinn och eiser Virbildfunktioun gerecht ginn, dass mer och de Leit dobausse wëlle weisen, wéi ee konstruktiv diskutéiert am Sënn vun der Saach. Ech mengen, dat ass eis de Moie ganz gutt gelongen an ech hoffen, dass dat och esou wäert weidergoen. Wichteg ass, dass mer eis eens sinn, dass mer dat Schëff zesumme solle schaukelen an an déi gutt Richtung steieren, sou wéi dat och an de vergaangene Joren de Fall war. Diddeleng huet sech ëmmer besonnen a gutt entwéckelt an dat ass eis all en Uleies.

Ech wëll elo net onbedéngt op d'Detailer vun de verschiddene Kritikpunkten oder Suggestiounen vu menge Ressorten agoen, well ech mengen, mir si komplett am Ufank vun enger Sechsjoermandatsperiod an déi Punkten, déi mer haut de Moien an där Schäfferotserklärung erëmfannen, déi wäerte sécherlech an dësem Gremium nach diskutéiert ginn an do ass nach genuch Zäit, fir ze reagéieren. Ech stellen also fest, mir si prett. De Schäfferot, de Gemengerot, freet sech, op déi nächst sechs Joer. Et waart vill Aarbecht op eis alleguerten a virun allem awer, spannend Dossieren, un déi mer kënnen zesummen erugoen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Loris Spina.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP-SCHÄFFIN): Villmools Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wëll awer och a mengem eegenen Numm de Wieler Merci soen, datt se mech gewielt hunn. Ech muss awer soen, dat war eng Ekippenaarbecht, dat war net nëmme mäin eegent Resultat, mee och d'Resultat vun enger ganzer Ekipp, déi gutt zesummegeschafft huet an déi elo den Optrag huet, fir hei weiderzefueren. Ech wollt net laang op Saachen agoen, mee ech wëll awer kuerz op Är Interventiounen, déi mech betreffen, agoen. An do war, d'Madamm Kaiser hat et gesot, mir hate schonn d'Maison Relais Butschebuerg d'lescht Kéier drastoen, do hu mer awer selwer an der Entwécklung vun de Quartiere ronderëm gemierkt, datt mer de Ribeschpont prioritär misste behandelen. D'Invitatioun fir de Gemengerot beim Projet Balzeng, also, dat war wierklech net schlechte Wëllen. Also, ech muss do wierklech soen, ech hat gemengt, d'Schoulkommissioun géif dat am Fong e bëssen ersetzen, dofir war dat … Bon, den Dialog mat de private Crèchë fällt mer schwéier, well ech kann hinnen net imposéiere wat mir wëllen, also dat sinn ëmmer nach privat Dréier.

Da war nach de Coin d'allaitement, also fir ze nieren, an dat ass awer net elo esou, datt mir déi Leit wëlle verstoppen, em Gottes Wëllen, et ass éischter esou, an engem ëffentleche Gebai sinn awer Fraen, déi Problemer domadder hunn, fir einfach ëffentlech iergendwou hiert Kand ze nieren. Dat huet awer näischt domat ze dinn, datt mir déi wëllen an iergenden Eck drécken. Dat gëtt éischter esou e klenge Raum, wou een eebe an Rouh nieren kann.

D'Maison Relais war am Fong och vill dran. Bon, do ass méi Rou, mir sinn amgaang mat der Assurance-qualité eppes auszeschaffen, fir datt et iwwerall an all Gebai d'selwecht ass. An zwanzeg Deeg Congé fir all Kand, jo, mir hate gesot, mir géifen dat maachen, ob dat der elo zwanzeg sinn, ech mengen, dat kënne mer zesummen decidéieren. Bon, d'„lessen ass net gutt", do muss ech soen, deem enge schmaacht, deem aneren net, mir gi selwer heiansdo dohinner iessen an ech muss awer soen, datt d'lessen awer trotzdeem ganz gutt ass an dat si sech awer ganz vill Méi ginn.

Dann nach just zu deenen aneren, den Här Yves Steffen, politesche Vertrieder am Ausschaffe vun de Projeten, ech mengen dat gëtt jo gemaach, dat ass hei am Projet Balzeng gemaach ginn. An da war nach, et hat ee gesot, den Här Martini awer och den Här Steffen, d'Personal vun der Maison Relais soll vläicht d'Kanner an de Sport féieren, also et soll mat hinnen dohinner goen a si kéinten eventuell hëllefen. Jo, eigentlech wier et eng flott Iddi, mee wie passt dann op d'Kanner an der Maison op, déi net an de Sport ginn, wa mer d'Personal an d'Veräiner schécken? Mir hunn eis vill Gedanke gemaach an ech mengen, am Laf vun der Zäit wäerte mer och nach dorobber kënnen agoen. Dann den Internetsite, Jo, leichte Sprache, do weess ech elo net wat domadder gemengt ass, do muss ech mech elo informéieren, mee ech mengen, mir sinn dauernd do amgaangen drun ze schaffen.

An dann eppes Leschtes, wat ech am Fong nach wëll soen, dat ass - d'Madamm Kaiser huet d'Fro gestallt

- de Ressort Jeunesse. Wéisou ech dee Ressort dann awer geholl hunn, obwuel ech d'lescht Kéier gesot hunn, ech géif en net méi huelen. Ech wëll just ganz kuerz dorobber agoen. Ech si säit 2002 an der ASBL Jugendhaus gewiescht. Ech hunn do fofzéng Joer am Benevolat matgeschafft. Mir hunn dunn d'Jugendhaus iergendwann eng Kéier an d'Gemeng iwwerholl, wat jo och eng flott Saach ass, well vill méi aktiv do kënne schaffen. An ech war säit 2017 Schäffin vun der Jugend an ech muss soen, d'Responsabel, déi fréier an déi jëtzeg, déi sinn 2018 agestallt ginn. Ech hunn also wärend fënnef Joer ëmmer mat hinnen zesummegeschafft, ëmmer eng gutt Zesummenaarbecht, ech war souwuel d'Responsabel vum Outreacher wéi och d'Responsabel vum Jugendhaus an ech hu mer ni eppes zu Scholde komme gelooss. Vläicht, Jo, wann ee mat esou Saache konfrontéiert gëtt, an et huet een eigentlech, also ech muss awer soen, datt ech d'Responsabel, déi fréier Responsabel, wärend Joren ënnerstëtzt hunn, da gëtt ee konfrontéiert mat Saachen, wou ee seet, Jo nee, wann et sou ass, da wëll ech dat net méi. Mee ech muss awer elo soen, mir hunn och am Schäfferot driwwer geschwat, an och no laanger Iwwerleeung, ech hunn esou vill Projeten an ech hunn esou vill nach wëlles, mir hunn esou vill Projete realiséiert an ech wäert och, ech mengen, mir hu jo aner Responsabeler nach, éier alles bei mech kënnt, also ech géif ganz gären dee Ressort weiderféieren, well ech einfach nach motivéiert sinn an ech wäert dat och schonn hikréien. Voilà, dat vu menger Säit. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Buergermeeschter. Jo, ech géif wéi meng Virriedner och de Merci u meng Wieler soen. Ech sinn am Hierscht 1999 fir d'éischt an d'Walen hei gaang. Ech hunn et hei an de Gemengerot gepackt. 2004 sinn ech dunn an de Schäfferot nogeréckelt a säit deem Moment sinn ech nach ëmmer Member vun dësem Schäfferot an ech hunn och elo festgestallt ab de leschte Walen, datt ech awer massiv vu menge Wieler a Wielerinnen ënnerstëtzt gi sinn, fir erëm eng Kéier sechs Joer laang als Schäffe vun dëser Gemeng kënnen ze fungéieren an duerfir soen ech hinnen alleguerten e grousse Merci fir dat Vertrauen, dat se a mech sëtzen an ech wäert och an deenen nächste sechs Joer, sou wéi Dir mech kennt, mat deem selwechten Elan an och heiansdo vläicht e bësse méi graff awer trotzdeem fir Diddeleng an deem Sënn schaffen.

Wann ech awer elo op d'Schäfferotserklärung kommen, wou mer haut de Mueren diskutéiert hunn, stellen ech fest, dass bei menge Ressorte keng grouss Divergenze si mat Nuancen, muss ech éierlech soen. De Logement geet deem engen net wäit genuch, deem aneren ass hei net genuch, mee op jidder Fall wäert mir, respektiv ech als Ressort-Schäffen, an all deenen Domänen, wou ech responsabel sinn, esou weider schaffe, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall ass. Wann ech kucken, hei ass meng fënneft Schäfferotserklärung a wann ee kuckt, de Schäfferot, respektiv d'LSAP huet ëmmer opgrond vun der Schäfferotserklärung sechs Joer méi spéit de Bilan gezunn an et do huet ee bal ëmmer alles erëmfonnt, wat mer och deemools an der Schäfferotserklärung drastoen haten, an ech sinn och iwwerzeegt, dass mer dat och dëst Kéier erëm esou hikréien, dass mer a sechs Joer hei erëm als LSAP de Bilan wäerten de Wieler an de Wielerinnen ausdeelen, dass awer d'Schäfferotserklärung plus ou moins bal ganz erfëllt gëtt.

Ech muss just awer och nach soen, dass ech als Ressort-Schäffen intensiv hei nogelauschtert hunn, wat verschidde Conseilleren, sief dat vun der Majoritéit, sief dat vun der Oppositioun, mat nach op de Wee ginn hunn. Ech hunn als Stéchwuert ëffleche Kompost, respektiv d'Stengwüsten zeréckschrauwe mat enger Primm, woubäi ech - Klammer op, kee Frënd sinn, fir ëmmer eng Primm ze ginn, do muss ee vläicht och anere Wee goen, Klammer zou - awer op jiddwer Fall all Äre Suggestiounen hunn ech opgeschriwwen, ech huelen se zur Kenntnis a kucken, wat doraus gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid fir seng Stellungnam, d'Wuert geet un d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech schléisse mech dann all de Mercien un, déi meng Virriedner hei vum Schäfferot, vun der sozialistescher Fraktioun, schonn un d'Biergerinnen an d'Bierger ausgedeelt hunn, datt se déi ganz Ekipp, erëmgewielt hunn an och mech perséinlech. Ech sinn och zesumme mam René Manderscheid 1999 fir d'éischt an dee Gemengerot gewielt ginn. Ech soen ëmmer, ech hu lo fofzeg Joer, et ass en halleft Liewen, wou ech hei zesumme mam Gemengerot verbruet hunn an et sinn ëmmer rëm nei Leit bäikomm an aner Leit gaangen an et war awer alles an allem ëmmer eng ganz flott Zesummenaarbecht an dofir e grousse Merci un all déi, déi scho laang net méi hei sinn, déi net méi zënter kierzlech dobäi sinn an op eng gutt Zesummenaarbecht mat all, deenen Neien hei am Gemengerot.

Ech mengen eisen Alain Clement, deen huet et gesot, an der Mobilitéit ass net geschlof ginn, och wann ech, hei vu Verschiddenen aner Saachen héieren hunn. Et huet ee Riedner gesot, den ëffentlechen Transport wier verschlof ginn, da soll dee Riedner mol an déi aner Gemengen hei zu Lëtzebuerg kucke goen an da soll e kucken, ob et do Citybusse ginn, ob en se do véier Quaien hu fir mam Zuch ze fueren, ob se zwou RGTR-Linnen hunn an en huet och gesot, et misst nach eng RGTR-Linn op d'Näerzenger Gare kommen, dat wäerte mir natierlech, weiderginn, mee déi Decisioun läit net bei eis, mee ech wëll dat net esou stoe loossen, well hei ass beileiwen net geschlof ginn.

Dann ass ganz dacks dat Wuert Shared Space a Foussgängerzon bei deene verschiddenste Riedner opkomm. Déi eng wëllen ab eelef Auer zou, déi aner wëllen ab zwielef Auer zou, déi aner wëllen am léifste ganz zou. Ech mengen, mir hunn e Kompromëss fonnt gehat mat de Geschäftsleit an och mam Geschäftsverband, an dat war eeben deen Horaire, wéi en elo en vigueur ass. Et ass och gesot ginn, am Wanter wier erëm op an dat wär net esou flott. Mee dat heescht jo net, datt een am Wanter net och rëm kann, wa gutt d'Wieder ass

oder wann eng méi lass ass oder wat och ëmmer, dass een net sporadesch kann zoumaachen, also et ass jo net, datt dat doten iergendeppes ass, wat an de Stee gemeesselt ass an een dofir net ka soen, den éischten November däerf een dat net méi op oder zoumaachen. Dat steet néierens. Ech mengen doriwwer kann een, le moment venu gären och diskutéieren, mee, mir si wierklech der Meenung, datt mer hei dat, gemaach hunn, wat Sënn mécht, nämlech, mëttes an och, wärend de Summerméint.

SUMP ass ugeschwat ginn. Bon, ech muss soen, an där SUMP, do steet net nëmmen de Vëlo dran, an där SUMP sti ganz vill Saachen dran an et ass och esou, datt an enger Schäfferotserklärung een net an all Detailer geet, mee dofir, gëtt et déi eenzel Projeten an, do, wäerten dann natierlech och, Detailer diskutéiert ginn.

Den TICE ass eng Kéier kuerz ugesprach ginn. Ech mengen, der hutt an de leschten Deeg, déi Diskussioun, do verfollegt, do ware vill Saachen, déi esou gestëmmt hunn, awer och vill Saachen, dat hutt der warscheinlech och matkritt, déi net grad esou waren. Ech kann lech awer berouegen, datt déi ganz Equipe, vum TICE, schonn zanter Méint laang amgaang ass, mat diskutéieren, ouni dat grouss an d'Fënster ze stellen an ech mengen, dat ass och de Wee, wéi mer lo weider solle verfueren, wann d'Gemitter sech dann erëm alleguerte berouegt hunn an ech mengen, Dir hutt jo och d'Ausso vum Minister héieren. Ech wollt just eng Kéier kuerz op dat Theema Zon drësseg agoen, dat ass mol net nëmme Ponts-et-Chaussées, ech mengen, Dir wësst, wann een eng Haaptstrooss ëm wëllt bauen, an dat ass et nun emol hei eeben, do schwätzt effektiv d'Ponts-et-Chaussées mat, et schwätzt awer och d'staatlech Verkéierskommissioun mat an do muss e ganze Projet gemaach ginn an dee Projet, dee kascht net nëmme Geld, mee dee kascht och Zäit an dat ass en, Chantier, deen eng gewëssen Zäit wäert daueren a well datt eng Haaptachs ass, ass dat och eppes, wou een den Zäitpunkt genau muss festhalen, niewent all deenen anere Contrainten, déi ech elo hei opgezillt hunn, mee wéi gesot, dat ass eppes, wat awer op der Lee ass.

Et ass gesot ginn, mir hätten, dixit „ënnert dem Drock vun anere Parteien", hätte mer elo aus dem Shared Space eng Foussgängerzon gemaach. Ech kann lech berouegen, dat ass net de Fall, well der hutt héieren, wat déi aner Parteien hei gesot hunn, déi hätten am léifsten de Shared Space ganz zou, also war et doudsécher net ënnert dem Drock vun anere Parteien, mee - nach eng Kéier - mir hunn dat gemeet wat eis sënnvoll erschéngt huet. An deemools hu mer hei am Gemengerot, driwwer diskutéiert iwwert dat Verkéiersreglement. An dat hu mer och deemools gesot, datt et, eng aner Konstellatioun kéint sinn no den nächste Walen an dofir ass deemools och e Verkéiersreglement geholl ginn, bis den Hierscht an datt dono, wann hei eng aner Konstellatioun wär, nach eng Kéier kéint driwwer diskutéiert ginn, mee ech mengen, der hutt elo an der Schäfferotserklärung och d'Positioun, vun der Majoritéit héieren.

Dann ass gesot ginn, de Vëlo géif net iwwerall mat geplangt a mat geduecht ginn. Dat mengt Där vläicht, mee dat ass net esou. Ech muss awer och soen, et ginn hei zu Diddeleng nun emol eeben net nëmme Vëlofuerer, et ginn och Leit, déi ginn nach gär zu Fouss, déi fuere mat enger Trottinett an, oh Wunder, et ginn och souguer Leit, déi fuere mam Auto. Wann ee Verkéiersschäffin ass, dann ass ee Verkéiersschäffin vun all de Verkéiersdeelnehmer, net nëmmen vun der Vëlosfraktioun, och wann dat natierlech der Vëlosfraktioun vläicht net esou gefält.

Dann, d'Verkéierskommissioun, der wësst selwer, datt net nëmmen eng Verkéierskommissioun war, mee ech soen et awer nach eng Kéier, an dat hunn ech am leschte Gemengerot oder fir de leschte Gemengerot scho gesot, datt fir mech d'Verkéierskommissioun kee Gremium ass, wou soll driwwer diskutéiert ginn, ob mer elo den Zebrastreifen op Nummer eent oder op Nummer fënnef maachen, mir sollen do iwwert déi grouss Projeten diskutéieren an dat hu mer och gemaach, dofir ruffe mer dat Gremium zesummen an dat wäert och an der Zukunft sou sinn an ech widderhuele mech dann och bei deem dote Punkt nach eng Kéier, well do och ganz vill, Vëlo ugeklongen ass, Verkéiersschäffen ass een, fir eng Majoritéit vun de Leit hei an Diddeleng, net nëmmen, wéi gesot, fir Eenzeler. Da war nach eng Zon 30. Jo, ech mengen, déi kann een nu awer wierklech net mat engem Investissement vum Staat an en Zuch oder en Tram vergläichen. Dat wësst Der, et soll een hei keng Äppel mat Biere vergläichen a mär sollen de Leit och kee Sand an d'Ae streeën. Dat ass net ze vergläichen an ech mengen, Dir wësst, wéi de Staat sech hei positionéiert huet.

An nach just ee Wuert zum Vëlosummer, well et gläich sou wäit ass an da sinn ech awer scho bal um Schluss ukomm. Ech hunn lech d'lescht Kéier scho gesot, de Vëlosummer ass e Projet vum Staat, wou en Datum festgeluecht ass an dee fënnt nu mol eeben net an der Rentrée statt. Nichtsdestotrotz kann een awer ganz gären, ech muss awer soen, wann d'Schoulen och bereet sinn, dat sinn elo net onbedéngt ech, dat dat kann decidéieren, e Projet mat de Schoule maache fir eng nächst Rentrée, mee Dir wësst genau esou gutt wéi ech, zwëschent dem 15. Juli an dem 15. September sinn déi net beieneen an do muss ee kucken, wéi een dat koordinéiert.

Dann ass nach eng Kéier gesot ginn, mir misste besser Verbindunge mat der Stad Lëtzebuerg hunn a méi Direktzich an eigentlech allgemeng méi Zich. Jo, ech si bei lech. Ech mengen, hei ass all Mënsch an deem Sall bei lech, mee Dir musst awer wëssen, datt dat net mir sinn, déi dat decidéieren an esouguer, wa mer dat wären, wär dat momentan net méiglech. Firwat? Well d'Gare Beetebuerg muss ëmgebaut ginn an och, well d'Stad Lëtzebuerg déi Kapazitéiten net huet, fir all déi Zich eranzekréien. An dofir kommen och ganz, ganz vill Verspéidungen hier, well déi Zich jo awer och do eng Endstatioun hunn an d'Gare Lëtzebuerg och am Ëmbau ass. Voilà. Ech mengen, do sinn ech op e puer Saachen agaangen an an d'Detailer gi mer, wann, Projeten do sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och dem Claudia Dall'Agnol. Meng Kolleegen a Kol-

leeginnen, ech hunn elo probéiert, hei op déi verschidde Punkten anzegoen an hire Beräicher aus dem Schäfferot. Ech wéilt just ofschléissend nach eng Kéier Merci soe fir Är Stellungnamen, déi ganz konstruktiv waren an awer och kritesch. Mat enger Deklaratioun hei vum Schäfferot fannen déi eng sech rëm, mol méi, mol manner, anerer geet et net wäit genuch, mee ech mengen, dës Schäfferotserklärung setzt am Fong de Kader, an deem mer eis beweegen. Dat sinn, mengen ech, Leitplanken op verschiddenen Niveauen.

A mir hunn net d'Pretentioun hei gehat, an all d'Detail ze goen, well den Detail, dee wäerte mer subsequent an den nächste Gemengeréit, respektiv am Kader vun den, Budgeten och schwätzen, wou dann och déi néideg Chiffrementer kommen, sou wéi dat och hei ugeklongen ass. An natierlech ass och dës Schäfferotserklärung - ech hunn och déi aner Walprogrammer gekuckt - dës Schäfferotserklärung ass entstanen och op Basis vun engem Walprogramm vun der LSAP, dat war de Point de départ, dat war jo och e klore Choix vun den Diddelenger Wielerinnen a Wieler, déi och hire Choix gemeet hunn unhand vum deem dote Walprogramm an eppes aneschters draschreiwe wier zimmlech iwwerraschend gewiescht.

Wéi ëmmer hu mer hei jo och de Wee gesicht, fir effektiv och nach Punkte vun der Oppositioun mat afléissen ze loossen. Ech ginn net dann d'Detail eran, mir wäerten dat d'nächst Kéier maachen an den nächste Gemengeréit, mee natierlech si mer eis eens, dass wa mer insgesamt iwwert Ëmweltfroen hei schwätzen, dass natierlech och déi sozial Froen domadder och kommen. Grad bei Leit, déi a prekäre Situatioune sinn, dat hu bis lo eigentlech ëmmer och ëmgesat, an dass wa mer iwwert d'Logementsproblematik schwätzen, dass et engersäits wichteg ass, dass d'Gemeng Akzenter setzt à court terme, à moyen terme, an natierlech Neischmelz dee Projet ass, deen éischter à moyen, à long terme ëmgesat gëtt an och wa mer iwwert de Gesondheetsberäich schwätzen, natierlech jo och ze kucken ass, wat en Akt wéi ee Gesondheetsministère ka maachen an awer och wat nei gesetzlech Grënn sinn, déi mat afléisse kënnen, déi net méi spéit wéi d'nächst Woch och en neie Kader schaffen, an deem ee sech jo och beweege kann.

Dofir nach eng Kéier e ganz, ganz grousse Merci fir déi doten Iwwerleeungen, déi der afléisse gelooss hutt, déi heite Punkte wäerten eis iwwer déi nächst sechs Joer beschäftegen. Mir wäerten och dann doriwwer diskutéieren an dann och doriwwer ofstëmmen. Dëst gesot, war dat d'Presentatioun an d'Diskussioun vun der Schäfferotserklärung an ech géif lech dann elo proposéieren, dass mer an de Huis clos géifen iwwergoen.

3. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

FRO VUN DER CSV AN DÉI GRÉNG BETREFFEND RUE LENTZ/RUE EDISON

„Am Numm vun der CSV an déi gréng Diddeleng biede mir lech an der nächster Gemengerotssitzung zu folgende Froe Stellung ze huelen. Am Kader vun der Ëmsetzung vun der SUMP-Planung an dem domat verbonnenen Erhéijen vum Prozentsaz vun den Trajete mat der mobilité douce schéngt et eis wichteg eng qualitativ héichwäerteg a virun allem sécher Vëlosinfrastruktur den Diddelenger Bierger*innen unzebidden.

Als Häerzstéck sinn d'Nord-Süd an d'Ost-West Achs zwou imminent wichteg Trajectoiren duerch Diddeleng. D'Ost- West Achs vum Reseau vun de Vëlospisten zu Diddeleng verleeft entgéint dem sens unique an der Rue Lentz Richtung Rue Edison. Wann ee bei dëser Kräizung eraus kënnt leed d'Beschëlderung de Vëlosfuerer allerdéngs an d'Rue Edison, déi op dëser Plaz 50km/h erlaabt, Einbahnstrooss ass a näischt virgesäit, dass Vëloe kënnen an d'entgéint gesate Richtung fueren. Am Interview tëscht der asbl «Vëlo Diddeleng» an RTL, war dat den 22.01.2023 ënner anerem och Thema: https://www.rtl.lu/mobiliteit/news/a/2021885.html.

Opgrond vun dem Kontext an dem Vëlosummer hu mir folgend Froen un de Schäfferot: Ass de service de la circulation aktuell mat der Thematik befaasst? Wéieng Léisung gesäit de service de la circulation vir, fir d'Ost-West Achs op dëser Plaz ze sécheren? Gouf de Ministère scho consultéiert fir hei eng séier Léisung ze fannen? Wéi kann et sinn, dass op dëser Plaz, säit ville Méint e geféierleche Mëssstand bestoe gelooss gëtt? Ass d'Responsabilitéit gekläert am Fall wou hei eppes geschitt? D'Gemeng leed ëmmerhi via Beschëlderung de Cyclisten an e sens unique eran."

ÄNTWERT VUM SCHÄFFEROT

Eise Schäfferot huet di gemeinsam formuléiert Ufro vun der "CSV" an der "Déi Gréng" Fraktioun iwwert d'Beschëlderung op der Kräizung Lentz-Edison Strooss, besonnesch am Zesummenhang mat de Vëlosfuerer kritt. D'Situatioun ass dem Schäfferot net onbekannt. Schonns am Virfeld vun Ärer Interventioun huet de Schäfferot eise Service de la circulation beoptraagt fir d'Situatioun op der Platz ze analyséieren an hee chargéiert fir eng Léisung ze proposéieren. Eise Service de la circulation an eise Service des travaux publics, mat

Hëllef vun dem Verkéiers Beroder vun der Stad Diddeleng, sinn am enken Austausch mat der Administration des Ponts et Chaussées fir zesummen eng Léisung auszeschaffe fir d'Sécherheet op der besoter Kräizung ze verbesseren. Sou gouf dann och schonn e Préaccord vun enger Permission de voirie bei der Administration des Ponts et Chaussées ugefrot, dee konkret d'Affär reegelt. Bis elo wäert d'Stad Diddeleng op de Retour vun der zoustänneger Administratioun.

Wat d'Verkéiersreglementéierung op dëser Platz ugeet, kenne mer lech versécheren dass dës rechtméisseg a Kraaft ass an d'Zirkulatioun vun de Vëlosfuerer "à contresens" erlaabt. Effektiv huet eise Gemengerot a senger Sitzung vum 5. Februar 2021 eestëmmeg festgehalen, dass et an allen Einbahnstrossen an an den 30er-Zonë fir d'Vëlosfuerer erlaabt ass "à contresens" ze zirkuléieren, wat och fir dësen Deel vun der Lentz Strooss gëllt. Op der Kräizung mat der Edison Strooss muss de Vëlosfuerer, wei all anert Verkéiersmëttel wat op eng Kräizung kennt, sech un de Code de la Route halen. An dësem Fall muss de Vëlosfuerer no riets ofbéien an sech an de Floss vum motoriséierte Verkéier an der Edison Strooss areien. Fir d'Gefor ze verklengeren, hunn d'Gemengeservicer d'Velosschëld beim Horodateur ewech geholl, dëst als Mesure fir méi Sécherheet op dëser Plaz ze garantéieren.

FRO VUN DÉI GRÉNG BETREFFEND PLACE THIERRY VAN WERVEKE

„Am Numm vun déi gréng Diddeleng biede mir lech an der nächster Gemengerotssitzung zu folgende Froe Stellung ze huelen. Den Donneschden 29.06.23 war en Event zu de 75 Joer Porsche am Lokal vun der „Kantin" an op der Place Thierry van Werveke. Ronderëm dësen Event (Op- an Ofbau) war deemno vill um Vëloswee/Trëppelwee lass fir d'Autoe fir d'Ausstellung op de Site ze bréngen. Dëse Site soll en ökologesche Quartier ginn, andeems den Auto net d'Haaptplaz huet, ma d'douce Mobilitéit.

An deem Kontext eis Froen un de Schäfferot: Wéieng Servicer hunn eng Autorisatioun gi fir den Event op enger ëffentlecher Gemengeplaz (place Thierry van Werveke)? Huet de Fonds du Logement och eng Autorisatioun heivir ginn? Huet Porsche oder d'Kantin eng Locatioun fir d'Notzung vun der ëffentlecher Plaz bezuelt? Wéi ass d'Notzung vun dëser ëffentlecher Plaz gereegelt? Kënnen och privat Leit Fester vun esou enger Envergure op dem Site feieren? Wéieng Moossnamen huet de service de la circulation virgesinn, fir dass d'Opbau- an Ofraumaarbechten op der Vëlospiste d'Notzer:inne vum Wee net a Gefor bréngen? Allgemeng zur Notzung vum Site dann: Wéi ass d'Notzung vum „Chantiersparking" (am bloe Krees cf Bild) an den Emplacement vun de Blumenbacen/3 Pottoen op der Vëlospiste gereegelt? Fanne Kontrolle statt, dass do wierklech just Autoen driwwer fueren déi fir Liwwerung/Chantier zoustänneg sinn? Wat ass ugeduecht fir dass d'Wëllparken op der Wiss (beim Dirtparcours - blo marquéiert) ënnerbonne gëtt? Wëssend dass genug offiziell Parkplaze ronderëm de Site ze fanne sinn. Gi Clients-Parkplaze fir personnes à mobilité réduite beim Restaurant Kantin amenagéiert ?"

ÄNTWERT VUM SCHÄFFEROT

D'Evenement "75 Joer Porsche" war e privat Evenement dat an der Brasserie "Kantin" sollt stattfannen. Zousätzlech sinn d'Parkplaze beim Skatepark, beim „Hall Fondouq" an niewent der Brasserie „Kantin" ugefrot gin. Well d'Parkplaze regulär ugefrot goufen, goufen des och vum Service de la circulation autoriséiert an et gouf eng Rechnung erstallt fir d'Benotze vum ëffentleche Raum, geméiss allgemengem Taxereglement vun der Stad Diddeleng. De Planning vum Opriichte gouf leider net mat de Servicer vun der Stad Diddeleng am Detail ofgeklärt. D'Agente vun der Stad ware reegelméisseg um Site an hunn opgepasst, dass de Wee fräi sollt bleiwen fir d'Foussgänger a Vëlosfuerer an esou mann wi méiglech Autoen op der Plaz Thierry Van Werveke stinn. Sie hunn och miisse reegelméisseg beim Organisateur intervenéieren fir d'Envergure vum Evenement esou kleng wéi méiglech ze halen.

Den Dag no der Manifestatioun huet d'Stad Diddeleng d'Plaz mat Bléck gespaart, sou dass just nach Vëlosfuerer a Foussgänger kënnen duerchkommen. Entretemps goufen d'Betonsbléck duerch Polleren ersat. D'Benotze vun der Plaz Thierry Van Werveke gëtt vun der Stad Diddeleng geeréiert an de Fonds du Logement gëtt doriwwer informéiert. Laut der bestoender Konventioun zweschen dem Fonds du Logement an der Stad Diddeleng, ass d'Stad berechtegt Aktivitéiten heirobber ze erlaben. Wëssend dass d'Plaz Thierry Van Werveke eng attraktiv Platz ass fir Evenementer vu verschiddener Natur z'organiséieren, huet de Schäfferot di betraffe Servicer vun der Stad Diddeleng beoptragt sech zesummen ze setzen, fir en internt Dokument auszeschaffen, fir nächst Evenementer op der Plaz Thierry Van Werveke esou z'organiséieren, dass si dem Gedanke vun dem neien Ekoquartier NeiSchmelz voll a ganz entspriechen.

All Demande fir e neit Evenement gëtt gepréift. Esou muss virum Evenement eng offiziell Demande wat d'Benotzung vum ëffentleche Raum ugeet, mee och wat d'Natur an d'Portée vum Evenement selwer ugeet, beim Schäfferot ugefrot ginn. Falls di verschidde Konditiounen (Sécherheet, mobilité douce, e.a.) net erfëllt sin, wäert eise Schäfferot d'Evenement net geneemegen. Enner anerem däerfe keng motoriséiert Gefierer op d'Plaz Thierry Van Werveke an d'Zirkulatioun esouwuel fir d'Foussgänger wéi och fir d'Vëlosfuerer däerf net beanträchtegt ginn.

Parken ass momentan méiglech um Parking bei der Brasserie "Kantin", beim „Hall Fondouq" oder um Skatepark, en attendant d'Sanéierungsaarbechte vum Site NeiSchmelz wouropshin d'Parkméiglechkeeten nei mussen evaluéiert ginn. De Parking bei der Brasserie „Kantin" verfüügt och iwwer 3 Parkplaze "pour personnes à mobilité réduite", déi agezeechent sinn. D'Liwwerunge fir d'Brasserie "Kantin" bleiwe garantéiert. D'Liwwerunge fir d'Pomhouse, déi net vum CCRD/CNA méiglech sinn, mussen am Virfeld beim Service de la circulation ugefrot ginn, deen den Accès dann no de Reegelen organiséiert. •

FIR ÄERT KAND ASS ET ENG SPILLSAACH. A FIR IECH?

Kanner vun ënner 3 Joer solle Bildschiermer meiden!
Adaptéiert dono de Gebrauch un hiren Alter!

Entdeckt eise Guide fir Elteren op ***bee-secure.lu***

BEE SECURE

einfach digital
Zukunftskompetenze
fir staark Kanner

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse